



**KÄLTÉITENG**



**Bulletin Communal**  
novembre 2015

**Sëtzunge vum 3. Februar an 19. Mäerz 2015,**  
*Séances du 3 février et 19 mars 2015,*

## Gemengerot Sëtzung vum Dënschden, 3. Februar 2015

**Dauer:** vun 15h00 bis 17h00

**Präsenz:** John Lorent, Buergermeeschter, Marcel Humbert an Patrick Brücher, Schäffen, Romain Becker, Astrid Belleville, Carlo Birchen, Romain Daubenfeld, José Gonçalves dos Anjos, Nico Migliosi, Viviane Petry, Camille Thomé, Jean Weiler, Conseiller, Nadine Braconnier, Sekretärin.

**Entschëllegt:** / Patrick Krings

**Ordre du jour:**

### 1. Korrespondenz an Informatiounen

### 2. Kontrakter, Konventiounen

- Konventioun „Maison médicale“
- Compromis Welter
- Compromis Dragolovcanin (Kapellestrooss)
- Compromis Strainchamps
- Akt NKS Projets SCI
- Akt Baticonseil sàrl
- Konventioun Cent Buttek
- Ingéniurskontrakt Schroeder & associés (Evakuéierung Waasser Téitengerstrooss)
- Sessioun Post
- Konventioun Office social 2015
- Konventioun Schuller-Wilhelm (SICONA)

### 3. Jäerlechen Gestionsplang vun de Bëscher

### 4. Finanzen

- Devis ASTA - Instandsetzung vun de Feldweeër
- Devis elektronescht Enregistréieren vun den Dossieren vum Biergercenter
- Devis Schliesssystem

### 5. Aménagement

- Punktuell Modifikatioun vum PAG

### 6. Berodend Kommissiounen

- Démissioun an Nominatioun vun engem Member vun der Ëmweltkommissioun
- Démissioun an Nominatioun vun engem Member vun der Kulturkommissioun
- Démissioun an Nominatioun vun zwee Memberen vun der Sport- a Fräizäitkommissioun
- Démissioun an Nominatioun vun engem Member vun der Jugendkommissioun
- Démissioun an Nominatioun vun engem

Member vun der Bautekommissioun

### 7. Musekschoul

- Rektifizéiert Schoulorganisatioun 2014/2015
- Zousaz zur Konventioun

### 8. Personal

- Indemnitéit fir Keess
- Emwandlung vun engem Technikerposten
- Emwandlung vun engem Posten administrativen Expéditionnaire

### 9. Punkten vun den Conseilleren Camille Thomé an José Gonçalves

### 10. Froen vun de Conseilleren

### 11. Geheim Sëtzung

#### John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)

*ler mir d'Madame Braconnier feststellen loossen ween als éischt aus der Urne kennt, géing ech den Patrick Krings vun der DP entschëllegen, mir hate versicht d'Sëtzung esou ze leeën dass hien nach kéint deel-huelen, nämlech an de Januar awer dat ass net gelongen. Dofir musse mir haut eben ouni de Patrick Krings eens ginn.*

*Enner Korrespondenz an Informatiounen hu mir näischt. Ech hu just eng kleng Ännerung vun der Dagesuerdnung virzeschloen, well den Här Sannipoli hei ass an mir net wëllen zevill vun senger Aarbechtszäit sollicitéieren géing ech mat ärem Averständnis säi Punkt virhuelen, dat ass de Gestionsplang vun de Bëscher. Den Här Weiler.*

#### Jean Weiler (Conseiller, CSV)

*Mir wëllen och eng Ännerung vum „ordre du jour“ proposéieren, an zwar proposéiere mir de Punkt vum Bauteglement op eng aner Sëtzung ze verleeën, dass mir do nach kennen den Avis vun der Bautekommissioun anhuelen.*

#### John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)

*Yes. Mir hunn de Punkt vun der „Maison médicale“ haut op der Dagesuerdnung an fir do virun ze kommen, sënngemäs well ech ären Antrag ënnerstëtzen, ech well awer net de ganze Punkt vun der Dagesuerdnung huelen. Déi Ännerungen vun dem Artikel den sech spezifesch em d'Situatioun an der Neistrooss këmmert, den hätt ech awer haut ob jidder Fall mat duerch, fir d'Prozedur net onnéideg ze belaaschten. Ech sinn der Meenung et soll ob der Dagesuerdnung bleiwen, awer mir huele just de Punkt mat virun an déi aner ginn „pour avis“ an d'Bautekommissioun. Dat heescht wat d'Ännerungen vun der Dagesuerdnung betrefft „in globo“ kann ech net unhuelen, ausser*

dir sitt mat dem Virschlag d'Accord, ass dat ok esou?

#### Jean Weiler (Conseiller, CSV)

Domat kenne mir d'Accord sinn.

#### John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)

Ok dann ass dat esou. Do ass jo da kee formale Vote gefrot. Mir machen dann de Vote fir de Punkt 3 als Punkt 2 ze setzen. Ween domat d'Accord ass bieden ech em en Handzeechen. Ass een dogéint? Sou fänken d'Sëtzenge ëmmer gutt un.

#### Eestëmmege vote

#### John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)

Op der Dagesuerdnung steet de „plan de gestion de la forêt communale“ a mir wollten dem Dan Sannipoli d'Geleeënheet ginn déi Projeten déi hien fir d'Joer huet kuerz virstellen, wuel wëssend, dass de Bësch nach ëmmer Geld kascht. Am 19. Jorhonnert war et eng „source de revenus“ fir d'Gemengen, dat ass awer schonn eng Zäitchen net méi esou. Ech géif him dann d'Wuert ginn. Ah, de Marcel Humbert huet mir den Ziedel scho preparéiert, d'Madame Belleville ass déi éischt déi aus der Urne kennt, vun der Prozedur ass dat jo esou virgesinn. Här Sannipoli, dir hutt d'Wuert.

#### Daniel Sannipoli (Fieschter)

Merci Här Buergermeeschter dass ech kann hei untrieden fir de Plang virstellen. Déi meescht kenne mech an hunn dat Dokument scho gesinn wat all Joers virgestallt gëtt. D'Joer ass also de Plang fir 180 Hektar Gemenge Bësch, de setzt sech zesummen aus 8 Voleten, ech géing soen mir ginn direkt ob di zweet Säit, fir ass einfach e Resumé.

Hei hu mir „protection de la nature et milieux ouverts“, dat heescht alles wou kee Besch drop steet an awer Natur ass an Gemengenterrain, wei d'Tagebauebidder déi zur Gemeng gehéieren wei de Brucherbiere zum Beispill, oder déi aner Säit an der Laangertengaass déi Trockenrasen.

**Punkt 1** ass „enlèvement des déchets“. Leider gëtt ëmmer méi Dreck ewech gehäit, elo näischt Schroes mee leider vergiessen d'Leit déi trëppele ginn mol hire Knascht opzerafen, do gi mir systematesch hannendrun fir dass d'Natur propper ausgesäit. Et muss een dozou soen, dass mir ganz vill ënnerstëtzt ginn vum lokale CIGL den och oft do eng Hand mat upaakt.

**Punkt 2** ass den „fauchage extensif“ vun den Weeër wou mir an dem oppenen Land hunn.

**Punkt 3** ass den Entretien vun den Trockenrasen, an zwar ass dat den Brucherbiere, dir gesitt, mir kréien 50 Prozent Subside fir do ze schaffen, als „Aide“ fir wann

een e Biotop ënnerhält.

Komme mir zur nächster Säit, dat ass dat wat d'Leit am meeschten interesséiert oder gesinn, dat ass wa mir Beem schneiden. Do si mir d'Joer op dräi Plazen: um Bromeschbiereg machen mir eng Durchforstung beim „angehendes Baumholz“ dat sinn méi deck Staangen awer nach keng deck Beem an déi huele mir haaptsächlech fir d'Hackschnitzelanlag an Eweschbour ze beliwieren. Dann „a Wuederten“ dat ass zu Rëmeleng beim Fussballsterrain erop am „Y“ wou den Téitenger Terrain ugeet, do maache mir eng Coupe lenks am Hang, do huele mir richt Holz ouni Kniet fir Brennholz fir d'Leit ze machen. Dozou kann ech soen dass dat déi lescht Joeren konstant bliwwen ass awer net négligabel ass, ech kann herno nach emol drop zeréckkommen, ech hunn nämlech hei déi Massen déi mir dat lescht Joer gehaen hunn, och budgétaire, wat do era komm ass.

Dann hu mir drëtt Plaz dat ass op der Heed uewen beim Poeckes senger Carrière. Do maache mir am Staangenholt eng „coupe sur pied“ do gëtt eng Firma mat engem Prozesser dra gesat dee just op de Schneisen dierf fueren, ech ginn doduerch an zeechnen déi Beem déi erauszehuele sinn, dat si Beem vu Maximum 12 bis 15 cm Duerchmiesser, déi ginn erausgeholl a gestäert an dann kucke mir de Präis. Dat heescht do muss d'Gemeng näischt machen fir d'Holz erauszehuelen mee kritt esouguer nach Suen. Well am Moment e gudde Präis do ass gëtt dat ëmmer méi gemach, am klenge Holz, am decken Holz net well do zevill Sortimenten sinn, hei ass just e Sortiment dofir ass dat méi rentabel an do si Firmaen déi si wierklech gutt équipéiert an do gëtt och deelweis d'Staangen an d'Häerz bäigezunn, dat ass schounend fir de Besch.

Déi lescht ass op der Heed, do maache mir dat selwecht mat de Fichten, dat anert ass mat de Buchen.

Déi nächst Säit ass „gestion durable et protection des forêts“ dat ass d'Infrastruktur, näischt anescht wei den éischte Punkt Sekurisiatioun laanscht d'Weeër. Ech gi ganz oft ugeruff, dass mol heiansdo en Aascht ofgebrach ass laanscht de Wee oder e Bam steet den hallef dier ass, dat si meeschtens eeler Beem déi mir dann net kenne stoe loossen aus Sécherheetsgrënn.

Den zweete Punkt op der Säit ass den Entretien vun de Beschweeër, wou eng jett Kilometeren vu Beschweeër regelméisseg mussen en der Rei gehal ginn, Lächer opfëllen, walzen, e bësse Material bei feieren.

Déi nächst Säit ass „protection biotopes“ am Besch. Hei ass d'selwecht wei virdrun Dreck oprafen am oppene Land, hei ass Dreck oprafen am Besch.

Den zweete Punkt, um Galgebierg maache mir e „plan

d'action lisières“ dat ass vum Ministère virgeschriwwer fir verschidde Biotopen ze schützen an z'ënnerhalen. „Lisières“ sinn Beschränker a sinn ganz wichteg Biotopen. Wann een esou e plan d'action mécht als privaten an als Gemeng kritt een e Subside, dat gesitt dir hannendrun do gëtt et 50 Prozent Subside.

De leschte Punkt ass den „plan d'action bois mort“ dat ass Totholz. Do ass et esou, dass mir verschidde Saachen kleng schneiden an da leie loossen oder e Stronk stoe loossen a wann en Aascht gebrach ass den geféierlech ass gëtt just en ewech geholl. Do och erëm 50 Prozent Subside.

Op der nächster Säit hu mir Kulturaarbeschten, dat ass am méi jonke Besch muss och geschafft ginn. Déi zwee éischt Punkten ass näischt anescht ewéi do wou mir d'Coupen am decken Holz machen, gëtt och herno gebotzt, do falen Äscht an de Wee an do muss geraumt ginn.

Drëtte Punkt „régénération naturelle“. E grouse Virdeel op eise Biedem hei brauch een net vill ze planzen do kennt villes natierlech, dat ass Naturverjüngung. Do muss een leider Gottes, eenzegen Nodeel den eis Biedem hunn, dat ass d'Clematis, d'Päife Gras, déi mussen mir e bësse kleng halen net dass déi eis ganz ausgebreit gëtt.

Leschte Punkt, „lisières forestières“, dat ass laanscht d'Weeër wou zouwiisst an mir dat e bësse ophalen.

Déi nächst Säit ass d'Juegd. Do kritt dir Juegdgeld, dat ass vun der Locatioun vun deene verschidde Lousen. Dat anert ass de Monitoring vun deene Weidegatter. Ech hat dat schonn emol erkläert, dat ass e Carré vun 12 op 12 Meter de mat Drot zou gemacht ass, an niewendrun ass de selwechte Carré mat Pottoen ouni Drot, dat ass fir feststellen wei héich d'Wëld dicht ass, also wéivill Réi mir hei hunn, d'Wëllschwäin friesse keng Planzen, et geet haaptsächlech em d'Rei. Wann e vill Réi huet gesäit een dat gutt no e puer Joer am Weidegatter, do dran kommen d'Planzen erop an niewendrun stinn nëmme klenger oder se sinn ofgebass. Dann huet een eng Richtlinn fir dem Jeeër ze soen ob e méi muss schéissen well de Besch zerfriess gëtt. Bon, hei ass de Problem net grad esou schlëmm well mir de fruchtbare Buedem hunn, dat wiisst méi séier wei d'Rei nokommen fir ze friessen. Mee trotzdem d'Joer ass eng Obligatioun vun den zertifizéierte Bëscher, pro 100 Hektar muss een e Weidegatter hunn.

Sensibilisatioun an Informatioun vum Public. Do si Manifestatiounen virgesinn wei z.B eisen Naturdag beim Weier, oder wann Leit oder Clibb froen fir mat hinnen en Tour ze maachen, oder grillen oder aner Saachen.

“Activités pédagogiques“ ass haaptsächlech mat de Kanner, wou vill Schouklasse an de Besch kommen an mir Aktivitéiten machen.

Op d'Joer Säit sinn d'Infrastrukturen déi een brauch fir déi didaktesch Zwecker, do ginn Installatiounen gebaut, wei z.B déi Tipien fir d'Spillschoulskanner oder mol Bänken an Feierplazen mat ronderem Holzstamm fir ze setzen. Dann hu mir och den Entretien vun deene Saachen well dat sinn der relativ vill.

Installatioun an Konstruktione ass plus minus dat selwecht, Konstruktione ass wa mir en Tipi bauen an Installatioun ass wa mir eppes dohi leeën wei déi Bamstamm.

Dann hu mir d'Surveillance an d'Police, do gesitt dir ass och keen Euro agesat, well dat meng Missioun ass an déi vun der Brigade mobile an déi gëtt der Gemeng net iwwert d'Joer Plang verrechent, dat ass en anere Budget wou de Staat der Gemeng dat zeréck verrechent.

Nächst Säit ass Logistik, dat ass den Aménagement an den Entretien um Hutbiereg vun eisem Dépôt, wou mir d'Brennholz fir d'Leit machen, respektiv wou mir den Hackschnitzel lagere, oder den Atelier, do mussen mir heiansdo un eise Gebailechkeete schaffen, respektiv eppes opriichten fir ze schaffen virun allem bei schlechtem Wieder, do sinn och e puer Dépenses agedroen. Dat ass awer ëmmer nëmme ee Véierel vum ganzen Budget, vu dat ech véier Propriétaires hunn gëtt dat ëmmer duerch véier opgedeelt.

De Punkt drënner ass “location des véhicules forestiers“ mir hunn en Teleskop den de Staat d'lëscht Joer geleast huet, do mussen sech d'Gemengen och drun bedeelegen. Dat ass eng polyvalent Maschinn déi mir all Dag iwwerall kennen asetzen. Soss hu mir se ëmmer gelount, et ass awer elo besser dass de Staat se geleast huet, well et sinn Onmass Stonnen wou mir déi gebraucht hunn.

Dann Geschir, Ateliersaarbeschten bei “achats et fournitures divers“ sinn déi nächst Punkten.

“Service aux tiers“ ass wa mir de Gemengenservicer zu Hëllef kommen. Et ass ganz oft dass de Gärtner oder d'Voirie eis urufft fir mol e Bam ewech ze schneiden.

Déi lescht Säit ass d'“masse d'habillement“, d'Gratifikatioun an de Congé vun den Aarbechter dee mir mussen separat opdroen.

Déi éischt Säit ass déi wichtegst, do gesitt dir d'Zuelen. Mir hunn en Invest vun 100.000 Euro mat enger prévisibler Recette vun 48.000 bis vläit 50.000, ech weess lo

nach net wei den Holzpräis evoluéiert. Dat heescht de Bësch kascht iech trotzdem 50.000 Euro, mee et muss een awer soen dir hutt schéin Bëscher, schéin Weeër an d'Leit profitéiere vill dovun.

Holz hu mir em déi 550 Meterkipp. Just nach Kuerz dat hunn ech lo virdrun erausgedréckt: d'lescht Joer hu mir 690 Meterkipp gehaen. Mir haten eng Coupe gemaacht fir de Staat an do hat d'Gemeng e klengen Deel ënnendrënner a well ech schonn do war an de Wee doduerch e bëssen méi breet ginn ass hunn ech profitéiert fir déi direkt matzemaachen, soss hätte mir déi dëst oder dat nächst Joer misse maachen, dofir si mir an de Meter Kippen e bësse méi héisch komm. Normalerweis kann een ouni Problem em déi 600 Meterkipp haen, dofir hunn ech dëst Joer e bësse manner geholl. Déi 690 Meterkipp déi mir d'lescht Joer aus de Bëscher geholl hunn ass fir lech eng Recette ginn vun 34.500 Euro. Dëst Joer ass et e bëssen méi héich vu dat mir an de Bëscher wou mir haen e puer Stämm hunn an d'Eechen an d'Buchen, souguer d'Nolenholz dëst Joer immens ugestigen ass, rechne mir mat enger méi décker Recette.

#### **John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)**

Ech ginn dann dem Gemengerot d'Wuert fir Froen un den Dan Sannipoli ze stellen. Den Här Becker als éischten.

#### **Romain Becker (Conseiller, DP)**

Ech soe Merci fir déi Présentatioun wou déi Zuelen ganz lieweg a kompetent duergeluegt gi sinn, et versteet e wierklech em wat et geet an et gesäit en dass et eng praktesch Aarbecht ass déi vill Asatz verlaangt. Et gesäit een awer och déi Approche fir nohalteg ze schaffen, déi ganz wichteg ass, sief et um Terrain beim Schaffen oder wann d'Kanner mat agebonne ginn fir Projeten ze machen, wat och op de perséinlechen Engagement vum Fieschter zeréck ze feieren ass. Dofir wollt ech och Merci soen, et ass e gudde Kontakt an et ass eng gutt Saach.

Bei de sämtleche Projeten déi presentéiert gi sinn, e klunge Bemol muss ech setzen, ech si frou ze gesinn dass keng Hang de stabiliséierte ginn ass, wei déi Millebiërg-, Hutbiërg Geschicht ass awer eppes wat mir um Mo läit an ech ginn regelméisseg dohi kucken a sou schéin ass dat elo net do, muss ee soen. Bei dem Projet ass eng Saach déi mech stéiert an dat muss ech soen, do sinn och Spazéierweeër ënnerbrach ginn, grad zum Schluss wann en Richtung Waassergaass kennt, et wär awer flott wann een déi Weeër an iergend enger Form erëm kéint hirstellen dass déi kéinte genotzt, dat ass e Wonsch den ech well ausdrécken.

Eng Fro hunn ech nach, eng Präzisioun, et ass vun engem Teleskop geschwat ginn, dat huet jo näischt do-mat ze dinn dass Stäre gekuckt ginn?

#### **Daniel Sannipoli (Fieschter)**

Nee Nee, en Teleskop ass eng Art Bagger den en Aarm huet wou kann eng Zaang oder eng Schëpp drugemaacht ginn fir Beem hin an hier ze transportéieren, oder e Kierfchen. Den Aarm geet 8 Meter héisch, wei gesot, dat ass eppes wei en Trakter mat engem Aarm wou eran an eraus geet an den ass all Dag am Gebrauch. Däerf ech nach äntwerten zum Millebiërg, zu dem Accès zur Waassergaass?

#### **John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)**

Soulaang dat nach net sprochräif ass géing ech do näischt soen.

#### **Daniel Sannipoli (Fieschter)**

Okay, gutt.

Just esou vill, dat war mäi Feeler deemools. De sollt bis op d'Strooss goen, mee do sinn ech gestoppt ginn soss wär ech op privaten Terrain gefuer an dat wosst ech net.

#### **Romain Becker (Conseiller, DP)**

Ech hat net dovu geschwat, dat wosst ech. Ech schwätze vun deene klunge schmuele Weeër déi duerch de Besch erof kommen.

#### **Daniel Sannipoli (Fieschter)**

Jo do sinn der elo een, zwee déi sinn e bësse géi, dat ass wouer, do kéint een mat Trapen oder mat Steng eppes virgesinn, dat ass wouer.

#### **John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)**

Huet soss keen Froen un den Här Sannipoli? Den Här Thomé!

#### **Camille Thomé (Conseiller, CSV)**

Majo ech wollt emol froen, dir hutt gesot dass d'Beem gefällt ginn an dass duerno geraumt gëtt fir dass déi kleng Planzen net solle futti goen.

Viru Joeren hunn ech gesot, dass eis Bëscher net dreckeg géifen ausgesinn, mee dass vill klengt Holz an de Bëscher läit an déi kleng Planzen doduerch futti ginn, do krut ech gesot dat wär wéint dem Gedéiesch, dat misst leie bleiwen. Ass dann do eng nei Déngens, oder ass dat heiansdo bleift et leien, heiansdo gëtt et ewechgeholl, oder ass dat esou wei dir wëllt?

#### **Daniel Sannipoli (Fieschter)**

Nee nee, hei ass et esou, wa mir déi Coupes am decken Holz machen an et sti jonk Planzen do, an et falen Äscht op déi Planzen. Do huele mir déi ewech an leeën se niewendrun op e Koup. Et gëtt net all Aascht aus dem Besch erausgeholl, dat ass e wichtege Bestanddeel, dat soll am Besch leie bleiwen fir déi Fauna, haaptsächlech déi Insekten ass dat wichteg. Eng gewësse Biomass soll dobanne leie bleiwen, mee et ass wichteg, dass déi

Äscht net op deene jonke Beem leie bleiwen. Wat ech hei virgesinn ass dann meng Leit d'Äscht vun de Planzen erof huelen an niewendrun op Kéip leeën. An ech well och soen, dass vill Lei sech selwer an d'Coupes herno Holz maache ginn an zu deenen soen ech och se musen botzen an d'Äscht op e Koup leeën. Deemno wou mir sinn, an den Häng hätten d'Leit dat gären no bei der Strooss soss ass dat geféierlech an och vill Aarbecht.

#### **Camille Thomé (Conseiller, CSV)**

An der Rei, Merci.

#### **Viviane Petry (Conseiller, déi gréng)**

Ech wollt Merci soen wat d'Collaboratioun mat den "activités pédagogiques" ubelaangt, ech denken d'Kanner sinn ëmmer manner an der Natur dobaussen an et ass wierklech flott wann een e Professionellen huet, wann e freet „kann ech do eng Feierplaz gemach kréien“ den do matschafft, sief et och an de Vakanzaktivitéiten, wat do ugebueden gëtt e bëssen Aventurë fir d'Kanner ass, ech apprécieieren dat.

#### **John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)**

Merci fir de Statement.

#### **Camille Thomé (Conseiller, CSV)**

Nach emol wéint de Bänken dorëmmer gesat ze kréien ze froen huet jo kee Wäert.

(Laachen)

#### **John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)**

Här Sannipoli ech hunn awer nach eppes wat den Naturpark Haardt betrifft, ech ginn do selwer oft spazéieren a fuere selwer Mountainbike, ech fannen dass mëttlerweil eng Hellewull ass vu Mountainbiker. Ech froe mech wou de Parc klasséiert ginn ass gesot ginn et ass nëmme erlaabt ob deene baliséierte Weeër ze fueren, et waren awer keng Balisen do, mëttlerweil sinn d'Balisen do mee ech stellen awer ëmmer erëm fest dass do gefuer gëtt ob deenen onméiglechste Plazen, dass nei Weeër do entstinn, sou dass en heiansdo mengt do géingen Downhill Pisten entstoen. Wat de Pouvoir de Police am Bësch ugeet et ass schwéier do eng Brigade mobile ze maachen, mee ech ginn iech dat mat op de Wee. Mee et sinn awer, et gesäit een dass dir iech beméit verschidden Accésen mat Beemstamm oder Steng zouzemaachen, et sinn der awer do an ech muss soen dass et mech radikal steiert well mir do an engem Naturpark sinn wäer Kontrollen awer heiansdo ubruecht. Ech weess dass dat schwierig ass mee et wär gutt fir emol d'Präsenz do ze markéieren.

#### **Daniel Sannipoli (Fieschter)**

Dat ass richtig, mir hunn dat och schonn bei eise Chefen ukléngelooss. Et ass esou, dass mir zanter e puer

Joer „avertissements taxés“ kennen ausstellen, dat ass dat eenzeg wat déngt. Wa mir dohi ginn, éischters emol kann een net alleng dohi goen soss kritt een der op d'Schnëss wann do 20 Fransousen oder anerer gefuer kommen, well et sinn der ganz ganz vill ...

#### **John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)**

Dat war awer elo richtig lëtzebuergesch!

#### **Daniel Sannipoli (Fieschter)**

Jo mee et ass awer esou!

#### **John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)**

Elo weess och jiddereen wat dir gemengt hutt.

#### **Daniel Sannipoli (Fieschter)**

Richtig! (Laachen)

An ehm, jo mir kennen eben direkt Protokollen ausstellen déi d'Leit direkt musse bezuelen, anescht geet et net. De Kolleg, den Här Nettgen vun Diddeleng hat emol esou eng Kontroll gemach op der Hardt, hien huet dat gemach wéi et am Gesetz steet, hien huet d'Vëloen beschlagnahmt an do waren dann e puer Affekoten dobäi an herno krut hien gutt de Kapp gewäsch, voilà. An dunn huet hien gesot, lo kënnt dir soen wat dir wëllt, mir ass et schäissegal. Hien hat och Recht.

#### **John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)**

Och dat war lëtzebuergesch. Här Sannipoli, ech weisen dorop hin dass d'Gemeng Käl zanter enger gewëssener Zäit en "live-stream" huet.

#### **Daniel Sannipoli (Fieschter)**

Pardon!

(Laachen)

#### **John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)**

Gutt, d'Thema ass vun ärer Säit aus ofgeschloss, da géife mir dem Dan Sannipoli e grouse Merci soen, och fir seng oppe Sproch, dat gehéiert jo hei am Süden och dozou. Merci fir déi Ausféierungen. Mir kennen iech dann entloossen, mir müssen de Forstplang awer nach stëmmen, also eng Dépense vu 50.000 Euro, mee do hu mir jo och eppes dovun. Da géing ech de Vote vum Forstplang esou wei den Dan Sannipoli en hei virgestallt huet opfuerderen.

Déi di mat d'Accord sinn bieten ech em en Handzeechen. Ass een dogéint? Enthält een sech? Merci fir de Vote.

#### **Eestëmmege vote**

## 2. Kontrakter, Konventiounen

### John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)

Da komme mir zu enger Hellewull vu Kontrakter a fir et, net schnell ze machen, mee fir et efficace ze machen, do sinn eng Partie Saachen drënner Akten ratifizéieren oder Konventiounen wou d'Gemeng eng Emprise kritt fir e symboleschen Euro. Ech froen, wëllt dir iwwert d'Punkten alleguer diskutéieren, oder sinn der eng Partie wou keng Interventioun sinn?

Ech froen emol duerch de Bësch, d'Emprise rue de la Chapelle, 65 Centiare fir 700 Euro, waren do Wuertmeldungen, nee?

Rue Jos Mille, eng Emprise vun 0,17 Are, also 17 Centiare fir e symboleschen Euro, waren do Wuertmeldungen, nee?

An dann déi berühmte Vente NKS, wou mir de Compromis schonn haten, hannert der R&F an der aler Luxgarage, wollt do een eppes dozou soen, och net? Dat sinn 12,33 Ar fir de Montant vun 8.645 Euro. Dat ass en Akte vum Notaire Doerner, et gëtt also dat formaliséiert wat mir eigentlech schonn als Conseil gutt geheescht hunn. Dann eng Emprise am leweschbour, wou d'Biermecht ënnert der Strooss erduerchleeft, dat ass eng Affaire mat der Firma Baticonseil, wou 1998 schonn a Faillite geroden ass, sou laang ass dat schonn hir. Do ass elo finalement e Liquidateur am Schafferot gewiescht, mat dem Notaire Wagener vu Suessem, a mir kafen déi Emprise fir 2.016 Euro. Waren do Wuertmeldungen vun ärer Säit aus? Nee och net?

Dann finalement den Akt Schlessen. Dir wësst, dass mir eis engagéiert hunn wou mir d'Post an Editus an d'Näerzenger Strooss installéiert hunn, dass mir iergendwann géifen déi Infrastrukturen entgéint huelen, de Präis ass chiffriert. Also et ass en Notairsakt de schreift dass mir déi Infrastrukture kréien. Mir hunn awer sécherheetshalber nach emol gekuckt op d'"utilité publique" dran ass, well dat relativ héich Wäerter sinn, wa mir do missten Enregistrement bezuelen, dat géif e puer 100.000 Euro ginn. Waren do Wuertmeldungen soss diskutéiere mir iwwert de Punkt? Den Här Weiler. Nee ok, da loosse mir den ewech, dann diskutéiere mir herno iwwert de Punkt.

Déi aner Punkten déi ech genannt hunn, d'Emprise rue de la Chapelle, rue Jos Mille, d'Vente NKS beim Park Ouerbett, d'Vente Baticonseil loosse mir an engem Vote mat duerch huelen. Déi di mat deene véier Kontrakter d'Accord sinn bieten ech em en Handzeechen. Ass een dogéint, enthält een sech? Merci fir de Vote. Sträiche mir déi duerch.

### Eestëmmege vote

## 2.1 Konventioun Centre médical

### John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)

Eis Dokteren aus dem Duerf waren e puer Mol scho virstelleg ginn, si sinn an der Cité Berens, déi Résidence wou eisen aktuellen Dokterscenter dran ass d'Résidence Saint Barbe. Si sinn un eis erugetrueden an hu gefrot ob d'Gemeng net kéint e Centre médical zur Verfügung stellen, also en Haus fir d'Dokteren mat enger Apdikt, engem Kiné, engem Pédiater, also op mir kéinten e Cabinet opriichten mee wann ech eis finanziell Situatioun kucken, mir sinn net an der Méiglechkeet fir finanziell Spreng ze machen.

Op der anerer Säit, déi déi d'Aktualitéit suivéieren, notamment hei oder a Frankräich, wou ech se relativ genau suivéieren, dat wat déi grouss Gefor ass ass an en "désert médical" ze geroden, dat heescht, dass en aus dem Käldall muss op Diddeleng, Esch oder an d'Stad fueren fir bei en Dokter ze goen. Ech mengen d'Bänken alleguer hei am Gemengerot hunn sech an déi Richtung ausgedréckt, dass mir den Dokteren aus dem Duerf hei kéinten entgéintkommen, dofir hu mir eng Konventioun préparéiert déi vu véier Leit ënnerschriwwen ass. An zwar, ech ginn elo net op den Inhalt, véier Praktikanten déi sech engagéieren vis-à-vis vun der Gemeng fir esou eng Konstruktions an Eegegeregung ze machen op enger Emphytéose déi mir hinnen als Gemeng ginn fir déi Gebaulechkeeten opzeriichten. Dat ass och en finanziellen Plus fir d'Gemeng, den Terrain huet jo e Wäert, mee e gëtt elo net valoriséiert, mir valoriséieren en doduerch an der Hypothese, dass déi Geschicht hei geléngt, do sinn nach eng Partie Hürden ze huelen fir déi Maison médicale ze bauen.

### Viviane Petry (Conseiller, déi gréng)

Et ass awer net eng Maison médicale déi do gebaut gëtt.

### John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)

Jo et ass en Centre médical, ech hunn elo Maison médicale gesot dat ass en Ausdrock de vun staatlecher Säit aus geprägt ass, zu Esch beim Spidol ass eng Maison médicale. Ok nenne mir et dann Centre médical dass mir d'Differenz machen zu enger Maison médicale déi vun engem Spidol oder vum Staat bedriwwen gëtt.

Et ass esou, dass sech an eisen zwou Fraktiounen d'Fro stellt ginn ass op all d'Praktikanten an eisen Dierfer gefrot gi sinn, ech hunn do Récksprooch geholl mam Dokter Brunfeld, do waren eng Partie Praktikanten um Dësch dobäi, mee wou et elo dorëms gaangen ass fir déi Konventioun z'ënnerschreiwen ware Verschiddener net méi Partner, se sinn awer all gefrot ginn, wat awer net heescht, dass fir de Centre ze valoriséieren net kennen Dokteren, Pédiater oder Kiné bäigeholl ginn.

Wat mir hei machen ass den alleréischte Schrëtt, dass si sécher sinn, dass mir als Gemeng Porteur sinn zu deene Konditiounen déi mir hei definéiert hunn. Do bleiwen nach vill Saachen ze klären, och wei dat soll sinn fir déi "association momentanée", wei si dat wëllen juristesche regelen fir dat ze bauen, an och wei déi Leit bäikommen, do wëlle mir als Gemeng och un dem Korpus deel huelen. Et ass kloer, dass wann en Dokter vun Esch hei well eng Praxis opmaachen, ginn Leit bäigeholl nodeems wei d'Disponibilitäten sinn. Déi Leit déi dëst bauen hunn en Amortissement ze bezuelen a wann deen op méi Schëlleren verdeelt gëtt, ech mengen do huet jiddereen Intérêt drun fir et op méi Schëlleren ze verdeelen well esou eng Maison médicale ass en Invest vun e puer Milliounen.

Virgesinn ass d'Apdikt eriwwe ze huelen, et si scho Gespréicher amgaang mat "höherer Stelle". D'Apdikt ass Sektions Kayl momentan fir déi riwwer ze kréien op Sektions Téiteng, dat ass nach definitiv ze klären mee et ass scho gesot ginn, dass dat keng Saach vun der Onméiglechkeet ass. Déi Plaz an der Néistrooss ass am Zentrum vun der Gemeng et leit flatsch dran, mir versiche natierlech am Bau Parkplazen virzegesinn mee et ass awer Plaz do, looss mir mol sou soen. Nach emol, dëst ass den éischten Akt dee mir poséieren fir hinnen ze soen d'Gemeng Kayl an de Gemengerot, hoffentlech "dans son ensemble", ass dofir fir an déi Richtung z'avancéieren. Hannendrun hängt dann d'Modifikatioun vum PAG fir de néidege Volume de mir brauchen fir eng Maison médicale. Dat si meng Wieder, elo huet de Gemengerot d'Wuert fir Remarquen a Froen. Den Här Weiler.

### Jean Weiler (Conseiller, CSV)

De Moment sinn et véier Stéck déi d'Konventioun ënnerschriwwen hunn, ass do gewosst wéivill Plaz do ass fir wéivill Praxissen déi do sollen ënnerdaach kommen. Dann ass jo och d'Apdikt virgesinn an hannen steet dran dass 30 Prozent vun der Surface kenne verlount ginn fir aner Exploitatiounen, "à d'autres fins". Gehéiert d'Apdikt dann zu de "services médicaux" oder ass dat "à d'autres fins".

### John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)

Mir hu ganz vill Diskussiounen gefouert, den Artikel ass just dra gesat ginn fir kloer ze stellen dass den Amortissement vun em Gebai ka funktionéieren. Et huet kee Wäert dat eidel stoen ze loosse. Dofir ass déi Reserve dra gesat ginn. Wei gesot dat hei ass den éischte Schrëtt, fir déi PAP Prozedur ze machen komme mir emol mat engem Dossier PAP, wou de ganze Volume definéiert ass wat wouhi soll kommen. Fir de PAP ze maache brauche mir verschidden Elementer wou d'Architekten sech scho Gedanke gemach hunn, mee mir sinn awer nach net wäit genuch fir dat hei ze presentéieren, dat ass an engem nächste Schrëtt.

Dir wësst jo wa mir et an d'"moyenne densité" huelen, dat ass déi Diskussioun déi dono kennt, de Moment ass et net kloer op et "faible" oder "moyenne" ass, dat kläre mir jo haut hoffentlech, sou dass et "moyenne densité" gëtt, da kenne mir 9,5 Meter bauen, dat gëtt e relativ grouse Volume deen do kennt, mee wei gesot ass et fir eis Begrëffer eng ganz wichteg Prestatioun déi mir de Bierger bidden. Detaillier, verschount mech do, ech well hei net mat engem Plang operéieren, Här Weiler, dir sitt an der Bautekommissioun, dir wësst dat, dat ass de Volume de kann erschloss ginn, an de gëtt och ganz gefëllt. D'Apdikt kritt de ganze Rez-de-chaussée an d'Cabinet mat de gemeinsame "salles d'attentes" uewendriwwer, mee do si mir nach wäit ewech ier mir dat finaliséieren, well ech betounen, et ass hire Projet. Si baue mat hirem Architekt an presentéieren eis dat. Ech weess, dass dat iech elo keng Satisfaktioun gëtt mee ech kann iech keng Pläng liwweren, mir stëmme jo elo net iwwert eng Baugenehmigung of mee em de Prinzip vun enger Emphytéose em de Prinzip vun enger Maison médicale. Den Här Gonçalves.

### José Gonçalves (Conseiller, CSV)

Mir ware schonn all emol krank, a mir wëssen nodeems mir beim Dokter waren an en Check-up gemach hunn, och Blutanalysen maache ginn. Wäer et net unzeroden dass Blutanalysen an dem selwechte Gebai wäeren, fir ze vermeiden hin an hir ze fueren, op Diddeleng, mee lo kenne mir et och zu Kayl machen. Mee wann et eng "Maison médicale" ass fannen ech dass et op déi Plaz gehéiert. Ob si domat d'Accord sinn oder net, mee dat wäer en Argument fir en Raum net eidel stoen ze loosse.

### John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)

Also wann ech Blutanalyse maache loosse machen ech dat an der Résidence Sainte Barbe am aktuellen Centre médical, dat ass eng Recommandatioun déi mir hinne matginn. Ech mengen wann si do e Centre médical wëllen opriichten gehéiert dat dozou, mee dat ass eng Traktatioun déi mir méi spéit feieren.

### José Gonçalves (Conseiller, CSV)

Just hinnen dat mat op de Wee ze ginn, op déi Méiglechkeet besteet.

### Romain Becker (Conseiller, DP)

Et ass eng gutt Saach, dass mir elo kennen driwwer diskutéieren, well de Projet ass net méi ganz nei an et ass gutt dass en elo an d'Gäng kennt. Ech denken et ass e Projet den eng Plus value schafft fir eis Uertschaft. Et gi verschidden Infrastrukturen déi eng Gemeng luewenswäert machen an hei ass sécher esou eng. D'Lag, soe mir emol esou, an engem halwe Wunngebidd, do muss en nach emol driwwer diskutéieren, de Prinzip vun eis

aus ass kloer, dass mir mat op de Wee ginn, well mir eng Plus value schafen fir eis Uertschaft.

#### **John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)**

Merci fir de Statement. Vum Prinzip hir, un d'Adress vun der CSV, kenn mir dat esou duerchféieren? D'Madame Petry.

#### **Viviane Petry (Conseiller, déi gréng)**

Mir hunn an der Fraktioun vill diskutéiert, fir e Centre médical op Kayl ze kréien ass gutt fir eis alleguerten. Mir hate just eng Suerg, an zwar sinn et véier Leit déi de Projet droen. Mir denken, dass wann mir als Gemeng den Terrain zur Verfügung stellen, misst et méiglech sinn dass alleguer déi Dokteren, déi de Moment eng Praxis zu Kayl an Téiteng hunn, missten Prioritéit hunn, well mir eis jo als Gemeng engagéieren, als Locataire an de Centre médical ze goen. Dat war eis Suerg, ob dat an der Form méiglech ass oder net.

#### **John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)**

Och dat ass kontradiktoesch diskutéiert ginn. Et schéngt mir kloer ze sinn, dass déi Leit déi des Konventioun ënnerschriwwen hunn, et sinn der véier, mussen selwer kennen jugéieren ween si an déi "association de fait", fir dëst ze géréieren, dass si do d'Handhab driwwer hunn schéngt mir evident ze sinn. Et ass awer och kloer, dass et net muss bei deene véier bleiwen, dat heescht d'Skala ass op, Haaptsaach de Projet leeft, dat ass vun eiser Säit aus maasgebend.

Nach emol ech hat mam Dokter Brunsfeld geschwat, et ass all Mënsch gefrot ginn, et sinn e puer Praktikanten am Pensiounsalter, dass déi sech net wëllen an eng "aventure financière" stierzen muss een och verstoen, an wann dat bis steet, wann dat eppes Konkretes ass, gleeft mir, dass dann nach méi Demande kommen. Kenne mir dat zum Vote stellen? Merci och der Madame Petry fir hire Statement.

Déi di mat d'Accord sinn bieten ech em en Handzeechen. Ass een dogéint, enthält een sech? Merci fir de Vote.

#### **Eestëmmege vote**

### **2.2. Compromis Welter**

#### **John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)**

Ech hunn en Ziedel hei drop gepecht: den Här Thomé muss de Krees vum Conseil verloossen, mir sinn trotzdem nach beschlussfähig.

Hei geet et em e "compromis de vente" mat de Konsorten Welter, wann ech richteg informéiert sinn verléisst de Camille Thomé d'Sitzung well hien en "allié" ass vum Här Welter, en "allié au premier degré".

Et geet dorëms fir Terrain'en am leweschbour ze kafen, dir hutt um Plang gesinn dass den Här an d'Madame Welter eigentlech an der Strooss vum leweschbour leien. De Gemengerot weess och dass mir e "Contrat de location" mat hinnen haten fir d'Parkplazen laanscht de CIGL dorop. D'Strooss leit zweemol am Terrain Welter, eemol Richtung Schéissstand an eemol Richtung Escher Poteau, et ass zwar net ganz vill mee et ass keng gutt Situatioun fir eng Gemeng wann se iwwer Privatleit hiren Terrain fiert, dofir war dat evident, dass mir en Intérêt haten Verhandlungen mat de Konsorten Welter ze féieren.

Déi Verhandlungen sinn iwwert e Präis gaangen dee mir als Gemeng bereet sinn ze bezuelen, well mir jo och gebonnen sinn un e Präis deen an der Expertise erauskënnt, sou dass mir eis géeneegt hunn. Si waren awer der Meenung, dass si sech vun allem wëlle lass machen wat am leweschbour ass net nëmmen d'Emprise vun der Strooss. Da si mir an der Situatioun wou mir soen mir huelen dat ganzt fir déi Parzellen bei aneren Geleeënheeten ze tauschen, mee mir regulariséieren op jidder Fall de Foncier vun der Strooss, sou dass mir dat am ganzen kafen, zu dem Präis wei en hei uginn ass, fir 30.000 Euro. Iwwer de Präis kann een natierlech diskutéieren, mir regulariséieren hei eng Situatioun.

Den een Deel geet dorëms fir eis e bëssen Wach ze schafen, dir wësst jo dass en leweschbour, wei soll ech soen, net urbaniséiert soss kréien ech d'Nature et Forêts an d'Hoer, mee dass mir do eng Partie naturno Installatiounen dohi gesat hunn an mir Intérêt hunn e bëssen Wach ze hunn, zwecks dovun schreift dat hei sech an. Suen hu mir am Budget virgesinn bei "acquisitions immobilières" an ech proposéieren dem Conseil am Numm vun der Majoritéit den Ukaf ze machen. Wuertmeldungen?

#### **Jean Weiler (Conseiller, CSV)**

Ech wollt just froen, wann ech déi Pläng esou kucken mengen ech sinn nach aner Terraine wou d'Strooss driwwer geet, gehéieren déi der Gemeng alleguer oder sinn do ähnlech Situatiounen?

#### **John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)**

Do si mat Sécherheet ähnlech Situatiounen, a wann déi Leit bereet sinn mat der Gemeng ze verhandelen, mir sinn ëmmer Amateur fir Terrain ze kafen fir dass d'Emprisen vun de Stroossen an de "voies publiques" an de Créneau vun der Gemeng ze huelen, fir do Propriétaire ze ginn.

#### **Romain Becker (Conseiller, DP)**

Besteet do eng Chance, dass verschidderer vun deenen Terrainen déi markéiert sinn och kënne getosch ginn, ass do Potential fir déi ze tauschen?

#### **John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)**

Jo. Den Här Sannipoli hat jo elo eppes ugedeit, fir d'Situatioun ze regulariséieren an der Waasserstrooss. Mir hunn do en Emprisen Heft kritt vun eisem Bureau d'études an do ass een Terrain de blockéiert quasi den Accès fir erop. Dat si ganz oft Terrainen déi de lokalen Baueren gehéieren an déi tauschen gär Terrain géint Terrain dofir ass dat hei eng flott "monnaie d'échange". Déi Chancë si schonn ginn, jo.

Bedauerlech ass leider dass mir an der Situatioun vu Kayl Norden quasi näischt leien hunn, mee dat ass esou dat muss mir esou huelen. Nach Wuertmeldungen?

Da géing ech de Kompromis mat de Konsorten Welter zum Vote stellen. Déi di mat d'Accord sinn bieten ech em en Handzeechen. Ass een dogéint, enthält een sech? Dat ass net de Fall. Här Thomé dir kennt nees an d'Reie vun Gemengerot zeréckkommen.

#### **Camille Thomé (Conseiller, CSV)**

Da soen ech lech Merci.

### **2.7. Konventioun Cent Buttek**

#### **John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)**

Iwwert d'Punkten 3, 4, 5 a 6 hu mir jo schonn geschwat da komme mir zur Konventioun mam Cent Buttek, do ginn ech dem Här Brücher d'Wuert.

#### **Patrick Brücher (Schäffen, déi gréng)**

De Cent Buttek vu Beetebuerg ass un eis erugetrueden fir ze froen ob mir eis als Gemeng un hire Betribskäschen bedeelegen. Den Cent Buttek ass eng Zort "épicerie sociale" wou Leit zu engem "Tarif réduit" kennen Liewensmëttel akafen. Den Tarif ass méiglech duerch eng Zesummenaarbecht mat de Supermarchéen déi en Deel vun de Liewensmëttel un den Cent Buttek ofrieden, déi aus dem Sortiment geholl goufen. Wann een d'Statistike kuckt, et ass esou dass d'Leit aus dem Office social aus eiser Gemeng op Beetebuerg an de Cent Buttek geschéckt ginn, dat heescht hir Zuelen baséieren op den Zuelen vum Office social. Ronn 16 Prozent vun de Leit déi zu Beetebuerg am Cent Buttek akafen sinn aus eiser Gemeng. Dat ass relativ vill, pro Mount, ech huelen elo mol de Mount Dezember, sinn dat ronn 50 Ménagen déi do hin ginn, 100 bis 120 Passagen am Mount wou Leit aus eiser Gemeng dohi akafen ginn.

Dat seet vill aus iwwert déi sozial Zesummesetzung vun eiser Gemeng, et seet och vill aus iwwert déi Problemer déi hei zu Lëtzebuerg ëmmer méi heefeg opkommen, dass d'Leit op esou sozial Mesuren ugewisen sinn well si sech d'Liewensmëttel an de Supermarchéen net méi leeschte kennen.

Déi Konventioun beleeft sech op 7.500 Euro, de Präis ass zustanen komm wéint dem Prozentsaz vu Käler Bierger déi dohin akafen ginn, déi 16 Prozent sinn ofgeleet vun de Betribskäschen vum Cent Buttek. Mir sinn déi drëtt heefegst Gemeng déi do akafen geet, no Beetebuerg selwer an no Diddeleng, ech denken dass et ubruecht ass eng Konventioun mam Cent Buttek anzegoen an eis un de Betribskäschen ze bedeelegen, well et och mëttlerweil eng Noutwennegkeet ginn ass fir déi Leit déi sech an sozialen Schwierigkeeten befannen.

#### **John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)**

Merci Här Brücher fir déi Ausféierungen. Ech well nach dat zitieren wat am Bréif steet den och am Dossier louch vun de Leit déi den Cent Buttek bedriewen, dass mir nach ni contribuéiert hunn "aux frais de l'association et que rien n'empêche la commune de Kayl-Tétange de se montrer plus généreuse que demandé ci-avant". Mir hunn eis awer elo op dat beschränkt an hunn elo eng Konventioun déi op ee Joer leeft. Den Här Daubenfeld wollt bestëmmt nach eppes soen.

#### **Romain Daubenfeld (Conseiller, LSAP)**

Merci Här Buergermeeschter. Mir waren als Fraktioun direkt domat d'Accord, well wéi de Kolleg Brücher scho gesot huet, mir vill dohin akafen ginn. Et ass onverständlech dass mir net éischter ugeschwat gi sinn fir ze hëllefen oder méi sollicitéiert gi sinn.

Firwat ass d'Konventioun op ee Joer? Et ass ganz kloer an ech well och net ze wäit virgräifen, iergendwann wëlle mir als Office social eppes hei machen, wat nach net sprochräif ass dofir well ech net an d'Détailler agoen, mee iergendwann soll en Cent Buttek oder eppes Ähnlech an eis Gemeng kommen, fir de Kayldall an dass mir eis Leit net müssen op Beetebuerg schécken. Dass mir déi drëttgréisst sinn zu Beetebuerg huet eng gewësse Logik, mir sinn eng vun deene gréisste Gemengen am Anzuchsgebidd, op der anerer Säit hunn Déifferdeng an Esch selwer Cent Butteker an Caritas Butteker fir hir Leit. Mir wëllen also selwer eppes op d'Been stellen wat awer fir d'Joer 2015 net sprochräif ass an mir am Laf vum Joer mat engem Projet op d'Gemeng duerkommen.

#### **John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)**

Merci Här Daubenfeld fir den "effet d'annonce". Weider Wuertmeldungen?

**Romain Becker (Conseiller, DP)**

Sou en Cent Buttek huet eng wichteg Funktioun. Et leit bei villen Familien en finanziellen Drock an ech denken den Drock kann een e bëssen ewech huelen wann en hinnen d'Méiglechkeet gëtt déi Saachen déi ugebueden ginn ze engem anstännege Präis anzekafen. Wann een dann net vill Suen huet an et ass een och nach geheet fir ronderëm ze lafen fir méi bëlleg anzekafen, dofir war och d'Idee vun eiser Säit fir ze kucken op et méiglech wär esou en Cent Buttek an de Kayldall ze kréien, dat wär och eng Erliichterung an dem Sënn, déi Konventioun droe mir op alle Fall an wann d'Méiglechkeet wär am Kayldall eppes anzeriichten, wäert de Buttek eng grouss Clientèle hunn, well leider Gottes wann e ronderëm sech kuckt gesäit een dass genuch leit an de Fall géinge kommen fir déi Offer do unzehuelen. Mir sinn also dofir.

**Jean Weiler (Conseiller, CSV)**

Mir bedauern dass et wierklech noutwenneg ass dass et Cent Butteker ginn, besser wär et wann d'Leit d'Mëtzel hätten do anzekafen wou se wëllen. Mir begrëissen et dass mir eis bedeelegen un dem Cent Buttek wou eis Leit aus der Gemeng akafen ginn, natierlech begrëisse mir och déi Initiativ déi ugeklongen ass dass eppes an dem Genre hei lokal géing opgeriicht ginn, dat kenne mir nëmmen ënnerstëtzen.

**Viviane Petry (Conseiller, déi gréng)**

Ech fannen et traureg dass mir zu Lëtzebuerg an der Situatioun sinn dass mir esou "épicerie sociales" brauchen virun allem well et ëmmer méi Leit ginn déi schaffen an se sech trotzdem d'Liewen normal net méi kennen leeschten. Ech hoffe just, dass et net e Schoss no hannen gëtt, wat méi "épicerie sociales" entstinn wat d'Patronen sech ëmmer méi kennen aus der Verantwortung zeien fir Paien ze bezuelen déi et de Leit erméiglechen en normaalt Liewen ze feieren. Zu Berlin bei der "Mittagstafel" ass et anscheinend schonn de Fall, dass et kontrovers diskutéiert gëtt op et gutt ass esou eng sozial Mesurë unzebidden oder net. Als gréng Fraktioun bedeelegen mir eis natierlech un dem Vote an awer ass et schued dass mir dat iwwerhaupt brauchen.

**Romain Daubefeld (Conseiller, LSAP)**

Wat d'Madame Petry seet, do huet se honnert prozenteg Recht, et ass jo net esou wei wann dat eis alleguer géing Spaass machen fir dat anzeféieren. Et ass einfach esou, dass et net méi geet. Hei am Land besteet elo net esou grouss d'Gefor dass d'Leit sech et iwwert hire Loun net méi leschte kennen fir anzekafen, d'Liewensmëttel ginn jo ëmmer méi deier, mee mir hunn nach ëmmer Mindestlëin an esou, dat klappt nach ëmmer. Et muss effektiv ganz genee opgepasst ginn wat mir doranner machen, an mir mussen de Leit déi do schaffen kennen d'Méiglechkeet ginn ze decidéieren ween dierf am Cent

Buttek akafen, an dat mécht de Conseil d'administration vum Office social relativ streng. Mat Momenter gi mir geschleeft well mir et ze streng machen, mir sinn och der Meenung dass dëst net soll einfach esou op d'Leit lass gelooss ginn.

Ech well awer eng Bemierkung dobäi machen, et ass net esou dass de Moment näischt erausgeet, an eise Office social am ale Police Gebai sinn och schonn haut Liewensmëttel gelagert déi d'Leit kréien. Wann si freides mëttes bei eis kommen an mir hu keng Méiglechkeet méi en Cent Buttek oder eng Caritas Epicerie z'erreechen da kréien se do Liewensmëttel mat fir iwwert d'Ronnen ze kommen. D'Lag ass effektiv gespaant, an mir mussen oppassen dass net dat geschitt wat d'Madame Petry seet, mee déi Leit déi all Dag domat schaffen, eis "assistantes sociales" hunn dat relativ gutt am Grëff.

**Patrick Brücher (Schäffen, déi gréng)**

Ech schléissen mech deenen Awänn hei un, den Cent Buttek ass d'Behandlung vun engem Symptom, d'Ursachen selwer sinn vun enger anerer Natur, quitte dass dat en schwachen Trouscht ass fir déi Leit déi an der Situatioun sinn op sou en Service ugewise sinn. Ech hoffen allerdéngs dass de Cent Buttek net zur Normalitéit och hei zu Lëtzebuerg gëtt, an ech schléissen mech dem Awand vun der Madame Petry mat der "Mittagstafel" vu Berlin un dat ass ganz richtig.

**Romain Becker (Conseiller, DP)**

Ech muss mech zwar e bëssen wieren, wat mat de Patronen gesot ginn ass. Mir hunn e Mindestloun. Dat ass richtig an ech mengen net, dass d'Situatioun ze vergläichen ass mat Berlin wou se an verschidde Beräicher haut nach kee Mindestloun hunn. Hei ass et net de Patron hir Schold, dass si de Leit ze wéineg bezuelen, hei muss een souvill bezuelen. Op déi Aart a Weis kann een net diskutéieren. Ech mengen de Problem ass do an en huet sécherlech seng Ursachen, an et ass sécher net engem seng Ursach, mee sou kommen mir an der Diskussioun net weider.

**Camille Thomé (Conseiller, CSV)**

Ech wollt froen, kann do all Mënsch an den Cent Buttek akafen goen, deen am Office social ass, kritt een do eng Kaart oder wei leeft dat?

**Romain Daubefeld (Conseiller, LSAP)**

Dee gëtt vun den Assistante socialen, no engem Beschluss vum Conseil d'administration dohin geschéckt. Et muss een eng eegen Bedeelegung hunn. Och de Projet den mir machen, nach eng Kéier, ech well net ze wäit no fir gräifen, et gëtt näischt fir näischt. Mir probéieren et esou ze machen dass eng Eegenbedeelegung do ass, dass och eng Responsabilisatioun do ass, et muss esou sinn dass d'Leit do kënnen akafen zu engem méi klen-

ge Präis wei an enger "grande surface", dass wierklech déi déi am mannsten hunn do akafen, an ech mengen do muss een eise Meedercher einfach vertrauen déi sou Situatiounen Dossiersweis analyséieren an einfach wëssen wat se kennen an dierfen machen.

**Camille Thomé (Conseiller, CSV)**

Dat heescht déi ginn dohin geschéckt.

**Romain Daubefeld (Conseiller, LSAP)**

Jo an der Zäit hu mir hinne Bongen ginn fir an de Cactus, mee do hätte mir hinnen och direkt kéinten op d'Stir schreiwen "du bass e Strummert", do hu mir gesot dat kann net sinn, dass mir se mat Bongen an de Cactus schécken an den drëtten an der Rei nach konnt kucken wat do lass war, dat dierf et net sinn. Dann ass et besser mir schécken se op esou eng Plaz wou si et méi bëlleg kréien an si sinn awer e bëssen an der Anonymitéit, well et ass scho schwierig genuch op den Office social ze goen, dat ass e schwéiere Schrëtt.

**John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)**

Gutt, d'Argumenter sinn ausgetosch, de Gemengerot ass d'Accord fir déi Konventioun mam Cent Buttek ze machen, en attendant dass mir vläit op lokalem Terrain eng eegen Léisung fannen. Déi di mat d'Accord sinn mat der Konventioun esou wei de Schäffen Brücher se presentéiert huet bieden ech em en Handzeechen. Ass een dogéint, enthält een sech?

**Eestëmmeg vote****2.8 Ingénieurskontrakt mat Schroeder & associés****John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)**

Hei geet et dorëms d'Entwässerung z'organiséieren ënert dem Kalebiërg, dat heescht grosso modo hannert der Cité Brill an dem Deel vun der Téitenger Strooss op der lénker Säit Richtung Téiteng. Mir hunn elo déi eemoleg Geleeënheet dat Waasser ze faassen wat do hannert den Haiser leeft, et ass bekannt, dass do ganz vill Waasser kennt an et ass elo Thema wou déi Residenze gebaut ginn, et ass gesot ginn wat maache mir mat dem schéine Waasser wat do kennt, fir dat an de Kulang lafen ze loossen, sou dass mir eis drop verstänneg hunn e Projet ze machen fir déi "eaux superficielles" um Kalebiërg ze fänken an dat iwwert déi Terrainen déi mir ze kafe kréien op der rietser Säit nieft der Luxgarage, mir hunn do grad den Akt approuvéiert, fir se do eriwwer ze feieren an d'Kälerbaach fir dass dat kloert Waasser an d'Bach geréit an net an d'Kanalisatioun. Dat ass e Projet wou ee kann staunen wann

een de Käschtelkuck, dat huet och eng relativ grouss Envergure wann ee kuckt wéivill Hektar dovu betraff sinn. Hei geet et dorëms den Ingénieursbureau ze chargéieren fir déi Aarbechten ze machen. D'Aarbechte selwer, do hu mir nach keen Devis presentéiert de kennt nach, dat sinn elo Schätzungen, d'Aarbechten déi Schroeder & associés elo hei machen fir de Projet an Musek ëmzesetzen kaschten 40.416 Euro ouni TVA, fir eng geschätzten Envergure vun iwwert 300.000 Euro. Et ass wichteg, dass mir den Incentive machen et ass an eiser Pflicht d'Iwerflächewaasser der Bach zouzeféieren an dat ass kuerz d'Aféierung an dësen Dossier, déi di Wuertmeldungen hunn oder Remarquen bieden ech sech ze mellen.

**Jean Weiler (Conseiller, CSV)**

Mir hunn eis dat ugekuckt an do hunn ech zwou froen dozou.

Fir d'éischt, et ass een Deel wou e gesäit dass dat de Moment an d'"canalisation eaux mixtes" geet, wat do gezechent ass. Ob et net méiglech ass dat mat z'erfaassen fir dass dat och mat an d'Bach geet. An dann mat de Quantitéite vum Waasser, geet dat duer oder misst do net och e Réckhalebecken virgesi ginn net dass mir herno an der Kälbach Problemer kréien mat Iwwerschwemmungen.

**John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)**

Also hei hu mir en Bureau mat engem Techniker den sech mat Hydrologie auskennt, dat ass eng Fachrichtung fir sech, ech kann mir net virstellen dass si déi Beräicher déi giel markéiert sinn net erageholl hunn wann et net méiglech wär. Ech ginn dovun aus dass si déi do vum Pendage vum Terrain guer net kenne récupéieren, dass déi duerch den "écoulement naturel" net hannert d'Haiser lafen, dat schéngt mir esou ze sinn. Et ass en techneschen Dossier Här Weiler, et sinn Leit déi sinn an der Hydrologie bewandert, ech net, mir fänken elo mol un, dass mir e "bureau d'ingénieurs" chargéieren fir déi néideg Étuden ze machen, da kennt nach en Devis hei op den Dësch an dann ass et dee Moment fir déi konkret Ëmsetzung ze diskutéieren.

**Jean Weiler (Conseiller, CSV)**

Jo ech hu mech gewonnert, dass een Deel an d'"canalisation mixte" gefouert gëtt an een an d'Bach.

**John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)**

Jo dat ass richtig mee ech kann et just esou erklären, dass den Terrain schonn esou niddereg läit, dass een et net iwwert de Wee kritt. D'Käler Bach geet jo bekanntlech Richtung Nierzeng, dass do de Pendage net méi méiglech ass fir dat Waasser ze faassen an dass se zerécklafen ënert der Lux Garage erduerch.

**Romain Daubenfeld (Conseiller, LSAP)**

Mir hunn et an eiser Fraktioun och duerchgekuckt an festgestallt, dass et net geschenkt ass. Mee mir huelen awer un, dass genee déi do Aarbecht vun dem Bureau d'étude gemach gëtt déi den Här Weiler elo gefrot huet, fir ze kucken op dat méiglech ass, dat muss jo d'Zil do-vunner sinn.

**John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)**

Jo et kennt och nach emol en Devis, mee laut der Prozedur chargéieren mir elo mol en Ingénieur fir déi Froen ze beäntweren an dann kennt den Devis an da schwätze mir konkret, mee da loosse mir si einfach och kommen, et ass jo wierklech en interessanten Dossier.

**Romain Becker (Conseiller, DP)**

Et ass en ganz interessanten Dossier. Ech sinn net ganz onbefangen an der ganzer Geschichte, hei gëtt ëmmer vun der fréierer Luxgarage geschwat, mäin Bureau mécht de Projet vun dem Haus wat elo schonn drop steet. Voilà, et ass schonn zënter Méint iwwert dat Waasser geschwat ginn an déi eenzeg Plaz wou elo nach eppes kann gemach ginn ass niewendrun.

**John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)**

Op deenen zwou Säiten niewendrun Här Becker, well op deenen zwou Säiten sinn Projeten.

**Romain Becker (Conseiller, DP)**

Jo wat ech eben just well soen ass: zäitméisseg gesinn muss een oppassen, dass d'Zäit net fortleeft well niewendrun ass de Bagger geschwënn amgaang do gëtt ofgerappt an dann bleibt nach lenks niewendrun. De Problem, Waasser leeft biergof dat gëtt oft vergiess, elo muss e mol kucken wei wäit kennt et eigentlech biergof. Wann ee gäre hätt, dass et punktuell op der Plaz soll an d'Bach geleet ginn muss een dat ganz schnell klären, dat ass eng Saach vun manner wei sechs Méint géing ech mengen.

**Romain Daubenfeld (Conseiller, LSAP)**

Da muss mir et schnell stëmmen.

**John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)**

Jo schnell stëmmen. De Service technique huet Kenntnis vun dem Dossier an si hunn awer gezeckt fir mat de Promoteuren vun der Residenz Récksprooch ze huelen well mir keng Coten hunn, wann mir dat hei elo stëmmen, kenne mir Schroeder soen liwwert eis d'Coten, dass wann déi Residenz gebaut gëtt mir awer d'Réier virgesinn, dass mir awer och niveauméisseg erauskommen. Dat hei ass "préliminaire" dozou. Voilà dann muss mir et schnell stëmmen. Ech weess, dass ech iech elo keng Satisfaktioun ginn Här Weiler, wei gesot, den Devis kennt nach emol an de Gemengerot dann kann een dat ganz technesch emol duerleeën.

**Jean Weiler (Conseiller, CSV)**

Jo mee mam Réckhalebecken, drun denken, dass dat mat an d'Étude fléisst ob Noutwennegkeet dofir ass, net dass mir dat bauen an dann muss mir nobauen. Dat wär méi schlecht.

**John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)**

Dat ass richtig. Mee dir wësst, dass Schroeder & associés en Departement Hydrologie huet wat iwweregens och schonn fir eis un der Waassergaass geschafft hat, dat si Spezialisten, mee et kann ëmmer eppes vergiess ginn. Här Weiler ech ginn dat gären zou mee wann den Devis vum Projet hei virläit ass de Moment fir de Leit déi Froen ze stellen. Den Här Becker nach kuerz.

**Romain Becker (Conseiller, DP)**

Fir déi 360.000 Euro, ganz éierlech gleewen ech net drun, dass et fir den Präis machbar ass.

**John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)**

Macht et net nach méi deier! Gutt loosse mir dat zum Vote kommen, déi di mat d'Accord sinn bieten ech em en Handzeechen, ass een dogéint, enthält een sech, ass net de Fall. Merci fir de Vote.

**Eestëmmege vote****2.9 Sessioun Post****John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)**

Komme mir zur gratis Sessioun mat der Post, wou d'Post eis en Terrain erëmgëtt den mir hinne verkaaft hunn well dat esou ofgemaach war an der Konventioun vum "plan d'aménagement particulier" deemools. Den Notaire schätzt d'Infrastrukturen .... Io muss ech den Dossier erëm fannen ... also, den Notaire Schlessler schätzt d'Valeur vun deenen Terrainen, fir den Enregistrement d'Infrastrukturen op 2,5 Milliounen ronn an den Terrain op 1,5 Millioun ronn. Mir hunn awer eng "utilité publique" an den Akt gesat, de stëmme mir haut an dann geet dee virun an der Prozedur an dann iergendwann lant en um Enregistrement, déi Remarque, dass et d'"utilité publique" ass ass wesentlech soss gëtt et Suen drop ze bezuelen, déi steet awer dran.

Dir kennt dat do, et ass gebaut, et ass opgemooss, eis Servicer waren do fir ze kucken wei de "bassin de rétention" funktionéiert, den Här Gangolf war do fir mat der Post ze négociéieren wei een déi ganz Anlag do fiert, wei geméit gëtt, wann mir dat hei elo aktéieren gëtt d'Gemeng Propriétaire vun de Stroossen an dem Foussgängerwee an all deenen ëffentlechen Infrastrukturen an dann muss mir eis als Géigepartie och em den

Entretien këmmen. Voilà dat ass heimat gemengt an dann géing ech d'Diskussioun opmaachen.

**Jean Weiler (Conseiller, CSV)**

Ech hat jo gesot, dass ech heizou eppes well soen an dat ass genee em den Entretien wou et geet an de Réckhalebecken den do virun dem Editus ass. Waren do keng Oplagen un d'Post oder ween dat gebaut huet, mussen déi net fir den Entretien opkommen, respektiv wat kennt do vun Entretien op eis zou?

**John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)**

Dat ass mat eise Gemengeservice ofgekläert, mir këmmen eis dodrëms, dat gëtt eisen.

**Jean Weiler (Conseiller, CSV)**

Dat heescht mir mussen do och den Entretien machen, sinn do regelméisseg Entretienen oder?

**John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)**

Do muss geméit ginn haaptsächlech, et muss ënnerhalen ginn, fir dass dat accessibel ass fir dass dat keen Dschungel gëtt, méi ass et net.

**Camille Thomé (Conseiller, CSV)**

Et ass schonn déi aner Säit vun der Strooss en Dschungel, et brauch net nach een op der do Säit. (Laachen)

**Viviane Petry (Conseiller, déi gréng)**

Mir brauchen et och net ze méien mir stellen e Schëld eriwwer mat "fauchage tardif". (Laachen)

**Romain Becker (Conseiller, DP)**

Méi eng technesch Fro, de "bassin de rétention" ass menges Wëssens no en Deel vum Commodo vun dem Site also vun dem Gebai, vu dass dat domat ze dinn huet, dass do soll Läschwaser opgefaang ginn. Wa mir elo déi Responsabilitéiten iwwerhuelen, also den Terrain iwwerhuelen an wéi wäit sinn mir dann do concernéiert, well am Prinzip ass et jo en Deel vun der Betriebsgenehmegung vum Site.

**John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)**

Richtig, de Commodo spillt egal wei dem Propriétaire vum Site. Mir ginn elo Propriétaire an den Deel muss och natierlech commodo-konform ënnerhale ginn.

**Romain Becker (Conseiller, DP)**

Voilà, an anere Wieder, wann do moar aner Oplage kommen ass et un eis fir sech dorëms ze bekëmmen.

**John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)**

Jo.

**Romain Daubenfeld (Conseiller, LSAP)**

Dat war jo vun Ufank un kloer am Akt.

**John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)**

Dat war an der Konventioun scho kloer. Ech weess elo net op do vill Gefore kommen. Wann nei Oplage kommen muss mir eis souwisou drëm këmmen mee fir mech perséinlech ass dat keng gréisser Affaire. Wann e Commodo drop ass hält den souwisou relativ laang.

**Romain Becker (Conseiller, DP)**

Relativ jo.

**John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)**

Voilà dir wësst dann, dass d'Emprise vun der Gemeng duerch des Stroossen, wann den Akt dann approuvéiert ass an mir duerch d'Hypothéike sinn, gëtt d'Emprise vun de Stroossen méi grouss. Sou déi di mat d'Accord sinn mat dem Akt, wou mir eigentlech dat dokumentéieren wat schonn ausgemaach war, bieten ech em en Handzeechen. Aass een dogéint? Enthält een sech? Ass net de Fall.

**Eestëmmege vote****2.10 Konventioun 2015 Office social****John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)**

Dann hu mir d'Konventioun mam Office social déi wéi enger Drëps der anerer der vum leschte Joer gläicht.

**Romain Daubenfeld (Conseiller, LSAP)**

Net grad.

**John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)**

Den Här Daubenfeld, "fief d'impatience" fir eis ze soen wat dann elo geännert ass, et sinn awer net ganz vill Passagen. Ech wollt just nach emol ernimmen, dass d'Part vun der Gemeng Kayl an eisem gemeinsamen Office social am Joer 2014 159.000 Euro war an 2015 am Budget mat 163.000 Euro steet. Ech géing dann dem Romain Daubenfeld d'Wuert ginn fir ze soen wat dann elo bei de Modalitéiten changéiert huet, ech mengen et huet eppes mam Staat ze dinn.

**Romain Daubenfeld (Conseiller, LSAP)**

Merci Här Buergermeeschter, et huet domat ze dinn, dass de Staat sech dozou duerchgerongen huet net méi eng éischt Avance ze ginn vun 50 Prozent mee vu 75 Prozent, déi am Prinzip och direkt am Ufank vum Joer bezuelt gëtt. Dann ass en Artikel 14 bis bäikomm wou mir an engem "fonds européen d'aide aux plus démunis" bäigetruede sinn als lëtzebuurger Staat. Fir déi Leit déi et brauchen gëtt dann do e Fong geschaf wou och Geld op Lëtzebuerg fléisst an mir als Office social mat dem Geld kennen eppes machen.



Wéi gesot et ass fir de Moment nach alles e bëssen méi diffus, mee do kréie mir Geld woumat mir kenne schafen an op d'Spueren goen vun engem Cent Buttek. Dat Wichtigst ass, dass mir direkt 75 Prozent um Ufank vum Joer bezuelt kréien an dann méi spéit am Joer déi aner 25 Prozent bezuelt ginn.

#### John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)

Ech hunn iech jo gesot d'Changementer halen sech a Grenzen. Se kommen dem Office social och nach entgéint well wann dem Staat seng Avancen em 25 Prozent an d'Luucht geet kann eis dat nëmmen arrangéieren wat d'Trésorerie betrifft. Et war awer och de Fall, dass mir do als Office social un dem FADA kollaboréieren awer "sans plus de précisions" do musse mir um Internet kucken wat do d'Plusvalue ka sinn.

#### Romain Daubenfeld (Conseiller, LSAP)

Dat ass net schlecht, do kréie mir Fonge vu Bréssel zur Verfügung gestallt fir deene Leit déi am meeschten de-favoriséiert sinn an eiser Gesellschaft ze hëllefen.

#### John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)

Dee Passus ass och nei.

#### Romain Daubenfeld (Conseiller, LSAP)

Deen ass nei dran, iwwert de Ministère de la Famille ass deen dra komm. Am Februar ass eng Sitzung am Ministère de la Famille wou mir richteg driwwer opgekläert ginn.

Dierf ech an dem selwechten Otemzuch nach soen, dass mir an en Syndikat eragaange sinn als Office social, wat eis 50 Euro d'Joer kascht, dat ass d'"entente des offices sociaux", wou anzwëschen 21 vun 30 Office sociaux'en aus dem Land dran sinn, a mir hunn och zwee Leit an den Verwaltungrot geschéckt, den Kolleg Zimmermann vu Rëmeleng an de Kolleg Birchen vun eis hei bannen, déi och elo lescht Woch hir éischt Generalversammlung hat.

#### John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)

Eng "Assemblée générale constituante" Här Daubenfeld. Lo hat der awer Chance, gutt dass een heiansdo Gemengerot huet do gëtt en mol eppes gewuer.

#### Romain Daubenfeld (Conseiller, LSAP)

Eppes wat d'Gemeng näischt kascht an mir kréien awer Informatiounen an aller Transparenz, et ass jo nëmmen eng Entente et ass kee Syndikat.

#### John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)

Merci fir den Hiweis, gutt. Wuertmeldungen zu der Konventioun mam Office social? Keng? Da géife mir d'Konventioun guttheeschen, déi di mat d'Accord sinn bieden ech em en Handzeechen? Ass een dogéint enthält een sech?

Merci fir de Vote.

#### Eestëmmege vote

#### 2.11 Konventioun Schuller-Wilhelm (SICONA)

##### John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)

Da kennt nach finalement eng Konventioun mat de Konsorten Schuller-Wilhelm fir eisen SICONA, dat ass en Syndikat Här Daubenfeld, an den Här Brücher géing do déi néideg Ausféierunge machen.

##### Patrick Brücher (Schäffen, déi gréng)

Ech hat schonn an de Budgetsversammlungen de Projet virgestallt deen am Aktiounsplang vum SICONA virgesinn ass. Et geet dorëms am Scheierbësch an der Schëfflenger Strooss Flachgewässer ze aménagéieren fir den Erhalt vum Kammolch an gläichzäiteg soll do eng Bamrei entstoen. D'Konsorten Schuller hunn eis d'Erlaabis ginn den Terrain säitens der SICONA z'exploitéieren an dëst ass eng Konventioun fir de Projet ëmzesetzen.

##### John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)

Der hate mir der jo schonn eng Partie. Wuertmeldungen?

##### Jean Weiler (Conseiller, CSV)

Mir hunn eis gefrot ob et noutwenneg ass de Weier mat Clôturen zouzemaachen.

##### Patrick Brücher (Schäffen, déi gréng)

Dat ass noutwenneg fir de Flachweier ze protegieren well dee soss relativ séier verschlamm. Et geet dorëms de Weier ze protegieren vun Kéi déi ronderëm lafen an wahrscheinlech kéinten an de Weier trëppelen vu dass et wierklech en relativ flacht Gewässer ass.

##### Romain Becker (Conseiller, DP)

Mir sinn frou, dass mir e puer Mouken kennen en Ennerdaach fannen.

##### John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)

Gutt dann géinge mir och des Konventioun zum Vote stellen. Déi di mat d'Accord sinn bieden ech em en Handzeechen. Ass een dogéint, enthält een sech? Perfekt, merci.

#### Eestëmmege vote

#### 4. Finanzen

##### John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)

Den nächste Punkt iwwersprange mir, deen hu mir schonn behandelt. Da komme mir bei d'Gemengefinanzen. Mat Récksiicht op den Här Claude Thill deen mir hei hin konvoquéiert hunn fir eis z'erklären wat de "système d'accès avec puces" soll bedeuten, wat en relativ happegen Devis ass, da géife mir mat dem ufänken.

#### 4.3 Devis elektronische Schlüsssystem

##### John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)

Eng kuerz Ausféierung, dir wësst, dass mir am Budget 2015 e Montant ageschriwwen hu fir en "système d'accès avec puces" anzeféieren fir e Montant vun 65.000 ... ehm Pardon.... ech muss mech hei mol an mengen Piëcen erëm fannen, hei sinn se.

Also den Devis beleeft sech op 251.799,21 Euro, am Budget 2015 hu mir 65.000 Euro agesat. Här Weiler hat dir do eppes anescht? Nee, ech huelen dat zeréck, entschëllegt. De Budgetposten de mir agesat hunn fir 2015, mir hate gesot während den Traktatiounen vum Budget, dass mir dat géingen iwwert e puer Joer streeën, do gesäit en 252.000 Euro, mat dem Rhythmus wou mir dat streeën geet dat iwwer véier Joer. A véier Joer si mir 2019, Här Thill, do leeft och d'Garantie fir eisen Schlüsselsystem aus.

Di grouss Fro déi mir eis gestallt hunn, mir wëssen et ass ganz vill Geld, den Här Thill ënnert anerem huet eis drop higewisen dass d'Ennerstëtzung vun eisem Schlüsselsystem eigentlech ophéiert, mir elo nach Schlüsselen an Zylindere kréien, sou dass mir eis mussen iwwerleeën wéi mir firginn, an d'Idee war op den "Stand der Technik" ze goen an d'Gemeng insgesamt z'équipéieren mat dem wat haut Standard ass, en elektronische System. Mir hunn den Här Thill natierlech gefrot wei dat géif an der Praxis funktionéieren an hien huet sech selwer emol rensignéiert iwwert d'Programmation vun den verschiddenen Schlessen dofir hu mir hien hei hi bestallt als Gérant vun eisem Schlüsselsystem dofir ginn ech him elo d' Wuert fir dat technesch duerleeën, déi technesch Froen ginn dann un hien an déi politesch Froen wann et em d'Héisch vum Devis geet ginn dann u mech respektiv un d'Majoritéit.

##### Claude Thill (Gemengenaarbechter)

Ech wollt dann erklären wat d'Vir- an d'Nodeeler vun engem elektronischen System sinn. De System mat normale Schlüsselen deen mir elo hunn ass op eng gewëssen Zäit begrenzt, sou dass een dono och ouni Kaart kann Kopie maache loossen, dat wär ganz schlecht

well do kéint zum Beispill jiddereen am Här Buergermeeschter sai Bureau eragoen wann een sech esou e Schlëssel nomaache léisst. Do hu mir eis eppes missten iwwerleeën wéi mir dat an Zukunft wëlle machen. De Virdeel vun elektronische Schlessen ass am Fall vun enger Perte vun enger Puce, dass een dat relativ schnell ka blockéieren. Et geet een bei déi verschiddenen Zylinderen an seet deene "déi heite Puce dierf keen Accès méi op dëst Schlass hunn", do kéint een dann direkt zum Beispill d'Entréesdieren blockéieren.

De Virdeel ass och, dass een gesäit ween wou eran an eraus geet an virun allen zu wéienger Zäit an et kann et och dann zäitlech begrenzen. An enger Schoul zum Beispill hunn d'Schoulmeeschteren Accès bis 9 oder 10 Auer, ech weess et net, an dann net méi. Bei dem Botzpersonal ass et dann ähnlech, wou een bis elo mat de Schlüsselen awer ëmmer Accès hat.

Mat dem Systeme wou mir elo hunn brauch een ëmmer eng grouss Reserve u Schlüsselen, ech hunn eng 1500 Schlüsselen a Reserve am Atelier, déi mussen dann och ëmmer zereckgehang ginn an erausginn. Wann ee weess, dass ee Schlëssel 50 Euro kascht ass dat och eng héisch Valeur. Bei de Pucen hätt een dat och net méi, wann een wëllt aneren Leit Accès an e Gebai ginn, wei an der Maison relais zum Beispill mat de Remplacement'en. Ech well drun erënneren, dass mir eng Maison relais um Widdem hunn, eng zu Téiteng bei der Schoul, dann den Accueil mueres am Faubourg, dat sinn 30 Leit. Wann een deenen 30 Leit well fënnf Schlüsselen ginn vun de Gebaier ass een relativ séier op engem héije Montant. Dat ass en Avantage, dass een herno deene Leit kann Accès ginn an och ewechhuelen, wat haut och net ëmmer einfach ass well ee Schlüsselen net sou séier erëmkritt.

Am Moment hu mir dräi verschidde Systemer vu Pucen, eemol am Atelier hu mir eng Accès Puce, déi och op dëse Systeme geet. Genau dat selwecht, d'Zäiterfaassung hei op der Gemeng dat ass eng aner Puce. Och déi ass kompatibel mat dem System wou mir wëllen aféieren. An et ass och de selwechte System wou d'Pompjeeën elo hunn. Sou hätte mir dann keng dräi Systemer méi mee een eenheetlechen.

An Zukunft kann een de Systeme un e Réseau hänken sou dass een net méi muss bei d'Zylindere goen fir ëmzeprogrammieren, mee iwwert de Réseau kann decidéieren ween erakënt. Dat ass de Moment nach méi schwierig an et ass och mat Käschte verbonden. Mee wichtig war, dass mir e System eraussichen dee Méiglechkeeten huet.

##### John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)

Wann ech richteg verstan hunn, Här Thill, si mir direkt

bei de Froen. Dann ass et jo awer esou, dass wann een Chip verluer geet den sämtlech Entréeën huet, dass sämtlech Zylindere musse gesot kréien, den dierf net méi eran?

#### **Claude Thill (Gemengenaarbechter)**

Genau, mee dat ass relativ schnell machbar well déi meescht kréien keng Puce wou iwwerall Accès ass. Wann een eng Puce mat Accès op fënnf Gebaier huet zum Beispill, blockéiert een direkt d'Haaptdiren an dann huet en scho keen Accès méi.

#### **Jean Weiler (Conseiller, CSV)**

Normalerweis funktionéieren déi Saachen mat Rallonge, dat heescht wann d'Haptdir emprogramméiert gëtt an et geet een eran an hellt déi Informatiounen mat änneren d'Schlüsselen déi direkt.

#### **Claude Thill (Gemengenaarbechter)**

Ganz genau. Et muss een eigentlech nëmmen eng Schnëttstell dohi machen. Et kann een d'Pucen och esou programméieren, dass se nëmmen zwou Wochen funktionéieren an dann muss een bei den Apparat goen fir emol ze pucen. Wann dat dann méi wei zwou Woche sinn funktionéieren se net méi. Also et ginn eng ganz Rei Méiglechkeeten fir d'Sécherheet.

#### **Carlo Birchen (Conseiller, LSAP)**

Ech hunn dat elo net richtig verstan. Mat deem System dee mir elo kréien muss een bei d'Schlesser alleguer goen. Ass dann gefrot ginn wat dat géing kaschte? Ech weess dass mir bei eis, eisen System innerhalb vun der Entreprise, wann ech zu Rëmeleng Accès hunn an ech verléieren meng Puce, dann ass d'Staat deen wou meng Puce mat der Nummer aussetzt an ech kréien automatesch eng nei, dann funktionéiert déi och direkt op all menge Schlesser.

#### **Claude Thill (Gemengenaarbechter)**

Jo do muss se um Réseau hänken.

#### **Carlo Birchen (Conseiller, LSAP)**

Ass gefrot ginn wat dat géing kaschten?

#### **Claude Thill (Gemengenaarbechter)**

Ech géing soen em 30.000 Euro.

#### **Carlo Birchen (Conseiller, LSAP)**

Dat wär dann e Surplus.

#### **John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)**

Den Här Weiler mengt dat géif net duergoen.

#### **Jean Weiler (Conseiller, CSV)**

Nee dat geet sécher net duer fir all déi Schlesser well déi mussen all un de Réseau gehaang ginn.

#### **Claude Thill (Gemengenaarbechter)**

Dat ass richtig, mee u sech ass et ëmmer d'Haaptdir déi di wichtegst ass, well wann déi dran ass huet ee keen Accès méi.

#### **Jean Weiler (Conseiller, CSV)**

Ech mengen et soll een dat direkt machen fir déi Hauptdieren an de Réseau ze huelen, well da kann een déi am Noutfall och mol op Distanz op oder zou machen, fir déi aner Dieren ass dat net esou wichtig.

#### **John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)**

Ech héieren Här Weiler dir sitt ganz engagéiert, da sinn ech gespaant op äre Vote.

#### **Romain Becker (Conseiller, DP)**

Et ass effektiv e grouse Chiffer an wann een d'Lëscht kuckt gesäit een, dass et eng laang Lescht ass an et si vill Schlüsselen ze géréieren an wann een verluer geet, de ganzen Duercherneen an Opwand den een dann huet ass natierlech och e Punkt. Do muss mir eben mat der Konsequenz liewen, dass mir eng grouse Gemeng sinn mat ville Gebaier, do ass och eng Fro vum effiziente schaffe kennen. Bedenkt och déi vill Veräiner déi mir hunn wou mussen Accès kréien. Also et ass schonn eng grondsätzlech Saach an déi kritt een net fir näischt. Vu Berufswegen kennen ech e bëssen d'Präisser, dat ass näischt aussergewöhnlech, e gudde mëttlere Präis soe mir.

Do kennt meng Fro, dat muss jo ausgeschriwwen ginn. Wann een dann awer aus kloeren finanzielle Grënn seet de Projet gëtt iwwer véier Joer gemach, dann däerf et awer nët sinn dass déi selwecht Saach dat Joer drop méi kascht, déi Präisgarantie muss gi sinn iwwert de ganze Projet.

Dat anert wou en muss driwwer schwätzen, et ka jo sinn oder och net, et kann een jo am Prinzip och Aarbechtszäiten domat géréieren, also d'Stempelauer iwwert de System machen. Ass dat ugeduecht dat ze machen oder ass dat e getrennten Deel, wei gesäit et aus?

Wann ee kuckt et ass e grouse Chiffer an et kann een erféieren, mee d'Lëscht ass ganz explizit opgefouert, et kennt een zu kengem aneren Schluss wei et kascht esouvill an jo, do ass net vill ze diskutéieren.

#### **Claude Thill (Gemengenaarbechter)**

Mir hunn gekuckt ob et méiglech ass et unzehänken, dat war jo och wichtig an et ass de Fall. Dat heescht mir kennen de System wou mir elo hunn hei drunzehänken, de System fir d'Zäit ze drécken.

#### **Romain Becker (Conseiller, DP)**

Et huet de Virdeel, dass een net muss op eng Plaz fueren

fir sech unzemellen, et kann een direkt dohi goen wou en ufänkt mat schaffen.

#### **Romain Daubefeld (Conseiller, LSAP)**

Mir hunn dem Här Weiler an dem Här Becker elo pflichteg nogelauschtert. Déi Fro déi sech stellt, solle mir net déi 30.000 Euro déi et kascht fir un de Réseau unzeschlëssen, soll een net direkt déi mat probéieren ënner Dach ze kréien an et eng Kéier richtig ze machen, well e System den "en fin de compte" awer deier ass, an wei den Här Becker seet, de Präiss iwwer véier Joer halen net dass mir am Joer 2019 op 600.000 Euro sinn.

#### **John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)**

Klengen "rappel au règlement", wa mir hei en Devis stemmen dispenséiert eis dat net fir d'Gesetz vun de Marchés publics ze respektéieren. Mir wäerten eis, mir hu jo awer eng Partie professionell Beroder, eis berode loossen wei et am gënschtegsten ass zu deem ze kommen. Wat mir hei machen ass e Vote iwwert de Schlüsselsystem an déi ganz Prozedur déi drun hänkt muss mir kucken. Ganz kloer ass wann eng Massgab ass dat mir dat iwwer véier Joer kafen, da muss de Fournisseur och Bescheed wëssen an eng Präisgarantie ginn, dat hänkt just vum Cahier des charges of. Dat hei ass ee Modell vun engem System, awer d'ëffentlech Ausschreibung, do loosse mir nach weider beroden.

#### **Jean Weiler (Conseiller, CSV)**

De Chiffer ass héich mee mir kommen net dolaanscht fir dat ze machen, an mir sollten och kucken, dass die Hauptdiren um Réseau ugeschloss sinn.

Den aneren Punkt: ech weess, dass d'Gemeng deelweis enk ass mat de Finanzen mee ech géing et gutt fanen wann dat sech net géing iwwer véier Joer strecken mee méi schnell iwwert d'Bühn goen. Well et muss een bedenken an der Zäit muss een déi zwee Systemer parallel géréieren, wat en Opwand fir eist Personal ass, dofir wär et duerchaus sennvoll déi Saach méi schnell iwwert d'Bühn ze kréien, an net nach muss Schlüsselen nomaachen an sou virun wann een dat iwwert esou laang Zäit streckt.

#### **John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)**

Merci fir den Hiweis Här Weiler, dat bedeit dann fir 2016 200.000 Euro.  
Den Här Becker.

#### **Romain Becker (Conseiller, DP)**

Ech ginn dem Här Weiler Recht. Ech géing iech dann bei der Geleeënheet e puer Budgetsposten nennen ....

(Laachen – Gespréicher)

... Zuele fanne mir, dat ass guer kee Problem.

#### **Viviane Petry (Conseiller, déi gréng)**

Ech hunn nach eng Fro zu der Lëscht. Ech gesinn hei "salle de musique Tétange", de Käler Musekssall ass den och dobäi? Jo den ass och dobäi, Okay.

#### **John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)**

Här Weiler dir hutt lech verroden, ech weess wat dir gemach hutt.

Kenne mir zu dem Devis hei kommen? Wuel wëssend, dass hei e Marché muss gemach ginn an d'Modalitéte gekläert ginn. Déi di mat d'Accord sinn bieten ech em en Handzeechen. Ass een dergéint, enthält een sech? Da soen ech dem Här Thill e grouse Merci dass hien mat professionellem Rot an Dot mir zur Säit stoung, 35 Minutten iwwert d'Zäit, Merci dass dir do waart Här Thill, dann ass et bis en aneren Dag.

#### **Eestëmmege vote**

Da kommen mir zum Punkt 5 .... ah nee, dat ass wann ee vun hannen no fir fiert.

Gutt mir kommen bei den Devis vun der ASTA.

#### **4.1. Devis ASTA - Instandsetzung vun de Feldweeër**

#### **John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)**

Dir wësst, de Wee "Hunnemeschklëppel" fir op de Galgebierg hei zu Kayl muss neigemach ginn, deen ass wierklech an engem ganz schlechten Zoustand. Dat ass fir TTC 55.000 Euro schreiwen se, mee dotëscht ass d'TVA an d'Luucht gaang sou dass et der elo 56.000 sinn, mir hunn d'Délibératioun och deementsprechend ëmgeännert. De Präis kennt hors TVA dra stoen dann applizéiere mir deen Taux dee gültig ass da komme mir op 55.956 Euro.

Hunn ech ären Awand fir geholl Här Weiler? Gutt mir expriméieren de Präis hors TVA dann ass d'Délibératioun och richtig.

Mir hunn och d'Fro gestallt no de Subsiden. Do ass e Courier komm vum Direkter vun der ASTA, de seet et wär en neien Text ënnerwee deen d'Gesetz vum 18. Abrëll 2008, dat den 31. Dezember ausgelaf ass, et ass nach keen neit, sou dass den Taux wéivill mir bäigeluecht kréien an engem neien Text steet, dat wësse mir nach net. Mir kréien awer eppes bäigeluecht, ech kann just hei ....

#### **Romain Daubefeld (Conseiller, LSAP)**

Et gëtt net näischt.

**John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)**

Et gëtt net näischt. Dach wann am Text steet "les aides sont supprimées" da gëtt et näischt. Mir hunn de Courrier, dass si den Taux nach net kennen well et ass um Législateur fir den festzeleeën, dat sinn déi Erklärungen dozou. Wuertmeldungen? Den Här Thomé.

**Camille Thomé (Conseiller, CSV)**

Endlech, kann ee bal nëmme soen, gëtt de Wee gemacht. Mir begrëssen dat doten. Virun ronn fënnf Joer hunn ech e Bréif hei eraginn fir de Wee ze machen do krut ech als Äntwert, dir hätt dat an d'Stad geschéckt, well dat wär e Staatswee, an elo ob emol stellt sech er aus dass et e Gemengewee ass? Also et gëtt deck Zäit dat e gemacht gëtt, well deemno wéi en Wieder ass schéckt en emol keen Hond dohinner.

Ech well awer nach soen, dass de Moment nach op der Antenne geschafft gëtt, an dass de Wee villäicht net soll gemacht ginn wann dat fäerdeg ass, net dass de Wee schonn erëm freckt ass wann si fäerdeg sinn.

**John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)**

Dat war lëtzebuergesch.

**Camille Thomé (Conseiller, CSV)**

Dann kommen ech op eppes zeréck, wou ech gesot hat d'Madame Petry soll beim Fieschter intervenéieren, op dem Wee stinn och déi eng oder aner Bänk, déi kéint een dann an engems dohin setzen. Wann een dann déi éischt Kéier kuckt, den Här Brücher géing dat anescht nennen, ech nennen et Dréckseck, mee do wär en klenge Eck mat engem Dësch, eng Picknick Plaz schéin.

**John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)**

Dierf ech, ech huelen un den Här Brücher géing soen et ass e Biotop.

**Patrick Brücher (Schäffen, déi gréng)**

Den Här Thomé huet en aneren Vokabuläre.

(Laachen)

**John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)**

Mir këmmen eis dorëms Här Thomé, ech well elo net streiden dass behaupt gëtt et wär Staatswee oder nët. Fest steet et muss iwwert d'ASTA lafen. Et ass e Feldwee, eng "voie vicinale", bon et ass och egal ech streiden net mat iech, huele mir et einfach gutt wat dir gesot hutt. Den Devis läit op, fir 56.000 Euro mat 17 Prozent TVA.

**Camille Thomé (Conseiller, CSV)**

Mir hätten en elo net matgestëmmt wéint deenen 15 Prozent.

**John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)**

Hätt dir en net matgestëmmt als Sanktioun?

**Camille Thomé (Conseiller, CSV)**

Mee well et der elo 17 sinn stemme mir e mat.

(Laachen)

**José Gonçalves (Conseiller, CSV)**

Mir wollt just soen dass mir och opgepasst hunn an der Fraktioun.

**John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)**

Gutt gesinn. Sou, déi di mat dem Devis fir de Feldwee am Hunnemeschkloppel d'Accord sinn bieten ech em en Handzeechen. Ass een dogéint, enthält een sech? Merci fir de Vote.

**Eestëmmege vote****4.2. Devis elektronesch Enregistréieren vun den Dossieren vum Biergercenter****John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)**

Do war d'Diskussioun iwwert de Schaf, de Paternoster, ob mir de bäibehalen. Dat ass natierlech eppes, dat Stéck Miwwel, éischtens ass et relativ grouss an et passt net méi an eis Zäit. Do war d'Diskussioun scanne mir eis Dokumenter dass jiddereen se op sengem PC kann opruffen, oder bleiwe mir bei dem Paternoster, do war d'Diskussioun séier gefouert.

Mir hunn e Crédit vun 15.000 Euro an eise Budget gesat fir déi Dokumenter ze scannen. Den Här Astafieff huet sech em den Devis gekëmmert. Mir kafen och e Scanner fir nozerüsten, den ass am Devis mat dran, mee am Prinzip gëtt de Scanning vun enger Firma gemacht. Déi selwecht Remark wei virdrun, wat d'Verdinggabe ass, wéieng Offeren do eragezunn ginn, wéieng Prozedur do geholl gëtt, dat hänkt vum Montant of, dat préjugeiert net de Vote vum Devis. Wuertmeldungen dozou?

**Romain Becker (Conseiller, DP)**

D'Décisioun ass jo prinzipiell hei geholl, dass mir sollen e Biergercenter hunn, da muss een sech och technesch Moyene ginn. Ech hunn e puer Froen zu dem dote. Ass et zum Beispill méiglech fir de Bierger nozevollzéien wou säin Dossier grad drun ass? De System wéi et och an der Stad Lëtzebuerg gëtt, wou een kann gesinn, dass säin Dossier do an do am Service ass an de kann verfollegen. Ass dodrun geduecht ginn bei dem System, wann ee seet alles elektronesch machen misst dat jo och méiglech sinn, dass een dem Bierger d'Saach méi transparent a kloer mécht.

Dat anert ass, ech hat elo net verstan dass soll eng Fir-

ma kommen fir déi Saachen ze scannen, well do werfen sech och Froen op vun Dateschutz an firwat sou Saachen net intern gemacht ginn.

**John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)**

Well dat e Riesenopwand ass. Wann ee gären viru kennt, dat ass jo och eng Operatioun um offenen Häerz, do kommen jo lafend Piëcen dobäi. Do hu mir Intérêt den Archiv sou séier wei méiglech opzeschaffen. Dat ass evident an dofir ass Recours geholl ginn op eng Firma. Dovun ofgesinn, eise Biergeramt ass op dagsiwwer, do hu mir keng Disponibilitéit fir déi Aarbecht ze machen. Dach fir en Dokument ze scannen fir et bäizeflecken, dat geet, awer fir déi ganz Aarbecht fir déi Archiven opzeschaffen do si keng Disponibilitäten "en hommes et en heures" do, ganz kloer.

Déi zweet Fro Här Becker, dat hei ass emol d'Virussetzung fir de Suivi vun den Dossieren ze machen. Dir wësst dass mir e Courriersprogramm kaf hunn den amgang ass implementéiert ze ginn, et kann een sech jo net nëmmen op déi Dokumenter aus engem Populationsbureau beschränken wann e Suivi vum Dossier ass. Dat hei ass mol eng Virussetzung dass mir op de Wee kenne goen. Wann dir e Colis a Kanada kaf hutt kennt dir um Computer kucken wou dat mam Fliger ugeschippert gëtt, dat misst jo méiglech sinn dat hei anzeféieren mee dat ass net am Kader vum Scanning vum Archiv hei virgesinn.

**Romain Becker (Conseiller, DP)**

De Stockage vun den Donnéeën heivu, gëtt dee lokal gemacht, oder op engem Server? Ech denken d'Post huet en héchst performanten Server hei um Gebidd. Wou ginn déi Donnéeën stockéiert a geséichert ass do schonn dru geduecht ginn?

**John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)**

D'Donnéeën sinn um Server vun der Gemeng stockéiert, wou se duplizéiert sinn entzitt sech menger Kenntnis. Mee dat ass eng wichteg Fro, ech froen den Här Lambert. Well normalerweis sinn déi Donnéeën um Haptserver hunn ëmmer nach e Spigel. Bei eiser Verwaltung um Enregistrement si mir mëttlerweil zu, wou ass dat wou d'Antenne Schossele sinn, do si mir och amgang sämtlech PCen ze spigelen.

D'Fro vum Dateschutz stellt sech natierlech, mee déi Sachbearbeiter ënnerschreiwen natierlech eng Déclaratioun iwwert den Dateschutz soss dierfen se déi Donnéeën guer net manipuléieren. Eis Donnéeë sinn deemools iwweregens vun engem Scan-Roboter traitéiert ginn, dat geet awer hei net. Soss nach Froen?

**Romain Daubefeld (Conseiller, LSAP)**

Do gesi mir, dass mir eis selwer bal ofschaffen wann

mir d'Aarbecht vun engem Roboter maache loossen. De Montant ass net ze héich muss ech direkt soen. Wat mir Leed deet ass, dass mir 2015 eréischt ukommen mat ascannen, mir hätten elo dat misse machen wei den Här Becker gesot huet, dass een sengem Dossier kéint nokucken, mir sinn do effektiv 10 Joer hannendran. Et ass net e Virwurf un d'Gemengeféierung, mee mir sinn haut an engem Zäitalter wou de Paternoster iwwerlieft ass.

**John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)**

Dat ass richtig mee mir sinn an engem Zäitalter wou en muss d'Virussetzungen alleguer schafen. Ech erënneren drun, dass déi Gemeng, wou ech Buergermeeschter gi sinn, nach kee Courriersprogramm hat. Mir sinn haut am Joer 2015 a mir mussen eis dem och upassen. Si soss nach Froen?

Et ass wichteg dass mir op de Wee ginn, net nëmmen, dass mir Plaz spueren, mee et brauch een och net méi opzestoen fir en Dokument sichen ze goen, dat ass zwar schlecht fir d'Obésiteit mee et ass awer fir d'Bequemlechkeet ganz wichteg. Dat Thema ass ausgereizt, dat géing ech dann och zum Vote stellen. Déi di mat dem Devis d'Accord sinn bieten ech em en Handzeechen. Ass een dogéint, enthält een sech? Ass net de Fall.

**Eestëmmege vote****5. Aménagement****John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)**

Komme mir zum Aménagement. Wei et genau dozou komm ass, Här Weiler, dass mir esou en deckt Dokument virgeluecht kréien, mat e ganze Koup vun Ännerungen entzitt sech eigentlech menger Kenntnis. Ech weess, dass do eng Partie Ureegung komm sinn aus der Bautekommissioun, et ass gesot ginn do an do hu mir Schwierigkeeten fir ze interpretéieren, dat kann een änneren. Hei sinn awer och Saachen dran déi e bëssen Sprengstoff sinn, zwou Parkplazen pro Logement an esou weider, et geet eigentlech schrecklech wäit an et wär flott wann net nëmmen d'Bautekommissioun mee och d'Urbanismuskommissioun dat Dokument emol géif kucken.

Et ginn elo zwou Approchen. Déi eng ass, mir soen elo mir änneren de PAG, bestoend nom Gesetz vu 74, respektiv vun 2004, den änneren mir nach emol. Ech sinn eigentlech der Approche, dass déi Viraarbecht déi mir elo geleescht hunn afléisst an den néien "règlement des bâtisses" dee mir am Kader vum néien PAG vun der Gemeng Kayl machen, mir mussen en néien PAG machen,

mir ginn riets a lenks iwverholl an dat hei ass "partie intégrante". Dofir war meng Proposition, wei dir den Antrag gestallt hutt fir de Punkt vun der Dagesuerdnung ze huelen, dofir wat dat negativ well ech sinn der Meenung mir sollten zumindest den Artikel 11 d), dat ass op der Säit, an der Délibératioun déi hat der am Dossier leien, do steet bei "zones d'aménagement particulier" do huele mir déi Equivoque déi besteet huele mir gären eraus.

An der "partie graphique" hu mir eng "densité moyenne" an der Neistrooss an an der "partie écrite" hu mir stoen, dass iwverall wou e PAP ass, sinn d'Regelen ze applizéieren aus der "faible densité". "Allez savoir", do huet een net opgepasst an dat ass sou duerchgerutscht hei am Gemengerot, ech inklusive. Mir géingen dat ersetzen duerch folgend Bestëmmung, den Artikel 11 d) gëtt geännert an do kennt stoen "... les prescriptions dimensionnelles du secteur respectif devront être respectées ...". An der Neistrooss heescht dat, dat ass en orangen Liséré an der "partie graphique", an der "partie écrite" gëtt et eng "moyenne densité". Mir proposéieren haut just déi Ännerung virzehuelen an de Rescht e Renvoi ze machen an d'Urbanismuskommissioun an an d'Bautekommissioun sech emol dorëms ze këmmere dass mir e fondéierten Avis kréien an doropshin huele mir eng Décisioun op et an den néien PAG geet oder op mir awer eng "modification ponctuelle" vum PAG machen. Voilà, Wuertmeldungen dozou, den Här Weiler.

#### Jean Weiler (Conseiller, CSV)

Am Neiewee ass et den Terrain vun der Gemeng, ech weess dass do och emol e PAP an d'Weeër geluecht gi war. Do war eng vu menge Bemierkungen déi ech erbruecht hat dass de ganze Neiewee "zone faible densité" ass, ausser den Eck, wat "zone moyenne densité" ass. Natierlech wa mir elo do e Centre médical opriichten an de soll méi grouss sinn, ass et villäicht sënnvoll et an d'"zone moyenne densité" ze huelen.

Mee wat fir Terrainen an der Gemeng falen nach drënner, wou ass nach e PAP drop? Et ass bestëmmt net nëmmen deen an der rue Neuve? Ass dat den eenzegen de concernéiert ass duerch den Artikel?

#### John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)

Jo dofir ass et souwuel deene Verantwortleche vun der Gemeng an dem "Bureau d'étude" duerch d'Lappe gängen.

#### Jean Weiler (Conseiller, CSV)

Wou e PAP drop ass.

#### John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)

Jo et bezitt sech jo nëmmen dorop wou e "plan d'aménagement particulier" obligatoresch ass.

Et ass fir virun ze kommen vis-à-vis vun den Dokteren e wichtige Schrëtt, dass mir soen wat de Volume ass vun dem wat ka gebaut ginn, an den Amortissement fir dran ze packen. Si ginn net eens mat enger "faible densité" da kréien se net alles ënner Dag. Dofir ass et wichtig dass mir de Schrëtt hei machen. Mir hunn och Préliminaire um Ëmweltministère gefrot ob mir müssen eng "strategische Umweltprüfung" machen, dat brauche mir net ze machen. Fir eng Zone déi esou eng Envergure huet brauche mir dat net ze machen, de Bescheid muss mir awer nach aushänken, fir d'Gesetz anzehalen muss mir deen a véier Zeitungen publizéieren mee dat maache mir nodeems mir hei driwwer ofgestëmmt hunn. Soss nach Wuertmeldungen?

#### Romain Daubefeld (Conseiller, LSAP)

Mir hunn an der Fraktioun och driwwer geschwat an do hunn ech gemengt, ech muss mech do mat menger eegener Nues huelen, et wär duerch d'Bautekommissioun gängen an et ass net duerchgangen. Et ass richtig wat dir sot, Här Buergermeeschter, dass et an déi zwou Kommissiounen zeréckgefuert gëtt. Ech war an deene leschten Bautekommissiounen net do well meng Zäit mir et net erlaabt huet, dofir och meng Démissioun herno, also et ass scho richtig dass et duerch d'Kommissioun geet, an et ass och wichtig, dass wa mir bei den Dokteren wëlle viru kommen, dass mir den Deal haut stemmen. Ech mengen soss komme mir mam ganze Projet a Retard.

#### Romain Becker (Conseiller, DP)

Et gëtt spezifesch em de Punkt, wann ee lo de Gesamtkontext do kuckt. Mir geet et just dorëms, jo et muss eng Décisioun geholl ginn aus zäitleche Grënn. Wann dat just den Terrain do betrifft, hunn ech kee Problem domat, wann et net déi ganz Strooss ass. Well effektiv wann dat dozou féiert, dass dann nees een Haus méi héich, wann dat Spillchen erëm lass geet, voilà. Wann et em den Terrain geet wou mir eppes fir eis Populatioun machen, denken ech hu mir kee Problem domat. Et muss ee soen, et sinn 27 Säiten an dem Dokument mat Ännerungen, et ass ganz technesch, dat muss tatsächlech diskutéiert ginn. Et ass och eng Geleeënheet dass d'Urbanismuskommissioun emol beieneen kennt déi ass leider Gottes net oft beieneen.

An ech fannen et och gutt, dass de Gesamt Kontext gekuckt gëtt, also all d'Ännerungen déi mir wëlle machen. Allerdéngs wär et wünschenswäert, mee do kann een emol iwvert d'Urbanismuskommissioun gewuer ginn wou mir do stinn, éierlech gesot do weess jo keen méi wou riets a lenks ass an uewen an ënnen ...

#### John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)

Dach dach! Wat ech just wollt soen, et ass Knachenarbecht. Do muss een sech hierginn an mat engem

"Bureau d'étude" eppes ausschaffen. An esou engem PAG-Dokument sinn Dausenden Possibilitäten. An dann mat dem néien Text hu mir "quartiers existants" déi müssen definéiert ginn, wat kann do geschéien, "nouveaux quartiers" wat kann do gemach ginn. Ech mengen ier mir dat an de provisoeresche Vote bréngen maache mir emol eng Aarbechtssitzung als Gemengerot, dass mir eis kennen austauschen, well et ass eppes Riseges esou e PAG, dat huet Implikatiounen iwverall. Dir wësst et ass eng öffentlech Prozedur, do kann een dogéint reklaméieren a Recours huelen, a wat net nach alles. Mee et muss iergendwann eng Proposition op den Dësch kommen déi als Diskussionsbasis ka fungéieren. Dat hei gehéiert mengen ech och an de Kontext vum néien PAG.

#### Romain Becker (Conseiller, DP)

Et wär wünschenswäert wann de Schäfferot an dem Dossier, also alles wat Bauten ugeet, eng Prioritéit géing setzen, dass alles méi kloer gëtt. Aner Gemengen hunn eng Politik, déi soen mir wëllen net méi dass aus Eefamilljenhaiser Méifamilljenhaiser ginn, alles dat sinn gutt Ideeën. De Problem an der Situatioun wou mir sinn weess iwverhaupt kee méi wou wat ass, an dat misst eng Prioritéit sinn vum Schäfferot fir dat mat alle Mëttelen weider ze driwwen, fir Kloerheet ze kréien.

#### John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)

Dat ass et och! Diskussiounen iwvert déi geschützte Gebaier sinn quasi ofgeschlossen, elo sinn Diskussiounen amgang wei déi "quartiers existants" definéiert ginn, mat enger Partie Schwierigkeiten, dat muss ech soen. Mee déi Aarbechte lafe virun.

D'Diskussiounen wiert d'"plans sectoriels" hunn eis e puer Méint kascht, dat muss ee soen, fir dono am Tirang ze verschwannen, leider Gottes ass dat esou. Mee dat huet eis vill Energie an Zäit kascht, dat muss ee soen. D'Weisung war, dass mir de provisoeresche Vote nach virun Enn vum Joer 2014 géinge machen, mee duerch déi "plans sectoriels"-Diskussioun si mir an Verzug geroden. D'Aarbechte mat deenen zwee "bureaux d'études" fanne regelméisseg statt. Mee wei gesot mir machen eng Sitzung fir ze kucken op déi Optiounen déi mir geholl si gutt sinn, an da fuere mir virun. Okay?

#### Jean Weiler (Conseiller, CSV)

Mir begréissen, dass virgesinn ass eng Aarbechtssitzung am Virfeld ze machen, soss kennt een do net derduerch.

#### John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)

Déi Ännerungen hei wäer selwer schonn eng Aarbechtssitzung ginn, wann een déi genau analyséiert hätte mir eis den Owend bis 10 Auer kennen ënnerhalen. Dofir, d'Proposition ass ganz raisonnabel an ass direkt aquittéiert ginn. An der Prozedur ass eng Biergerver-

sammlung virgesinn, fir d'éischt muss mir mol eis eens ginn op eng Diskussionsbasis ier mir virun d'Biergertrieden. Dat hale mir am Aa well d'Participatioun vun der Populatioun un dem Dokument ass ganz wichtig.

Da loosse mir och dat zum Vote kommen, den Artikel 11 d) gëtt ëmgeännert esou wéi et an ären Dokumenter ass. Déi di mat d'Accord sinn bieten ech em en Handzeechen. Ass een dogéint, enthält een sech? Merci.

#### Eestëmmege vote

### 6. Berodend Kommissiounen

#### John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)

Komme mir zum Punkt vun den "commissions consultatives" och dat ass Routine. Ech géif proposéieren ... oder huet een eppes géint engem seng Kandidatur oder Démissioun ze soen?

#### José Gonçalves (Conseiller, CSV)

Wollt dir déi Punkten en bloc huelen?

#### John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)

Ech wollt elo mol soen wat geschitt: Also vu Säiten vun der CSV huet de Julien Cadé demissionéiert an der "commission d'environnement", an der Kulturkommissioun an aus der "commission sports et loisirs". Vun der CSV huet de Patrick Donven an der Jugendkommissioun demissionéiert, an vu Säiten vun der LSAP huet de Romain Daubefeld, hien huet et grad gesot, an der Bautekommissioun demissionéiert, hien huet net vill Zäit fir dohin ze goen. Dat sinn fënnf Démissiounen, et sinn dräi Leit. Wann dir domat d'Accord sidd huele mir déi fënnf Démissiounen mat engem Vote un. Also de Julien Cadé mat dräi Démissiounen, de Patrick Donven an de Romain Daubefeld, mat engem Vote. Okay?

Déi di mat d'Accord sinn bieten ech em en Handzeechen. Ass een dogéint, enthält een sech?

#### Eestëmmege vote

Dann hu mir d'Propositionen fir d'Kommissiounen nei ze besetzen: vu Säiten vun der CSV soll d'Sandra Darquenne an d'Ëmweltkommissioun kommen, d'Diane Hoffmann épouse Thein an d'Kulturkommissioun, de René Thein an d'"sports et loisirs" Kommissioun. An der Jugendkommissioun mécht de Patrick Donven Plaz fir séin Meedchen d'Dany Donven, dat ass jo nëmmen konsequent. An d'LSAP proposéiert den Nico Migliosi fir an d'Bautekommissioun.

**Jean Weiler (Conseiller, CSV)**

Do war nach fir an d'Sportskommissioun de Patrick Donven. Als neie Member. Et sinn zwou Démissiounen.

**John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)**

De Patrick Donven kennt an d'Sportskommissioun. Also, "on résumé".

Environnement, d'Sandra Darquenne. Kultur, Diane Hoffmann, Sport et loisirs, René Thein an Patrick Donven. Dany Donven an d'Jugendkommissioun an Nico Migliosi an d'Bautekommissioun.

Mir hunn de Kim Jacob net demissionéiert, ech hunn den net genannt, da mussen mir den elo nohuelen. D'Démissioun vum Kim Jacob géing ech iech dann och zum Vote stellen.

**Jean Weiler (Conseiller, CSV)**

Ech hunn eng Fro, do waren fir d'Bautekommissioun zwou Kandidaturen?

**John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)**

Nee dat war, d'Madame Braconnier war an der Vakanz.

**Romain Daubenfeld (Conseiller, LSAP)**

E falschen lertum.

**John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)**

D'Proposition vum der LSAP an den Numm deen am Dossier war, war een Numm. D'LSAP proposéiert den Nico Migliosi.

Démissioun Kim Jacob hu mir déi Madame Braconnier? Déi aner Kandidaturen hutt dir all matkritt, maache mir dat mat engem Vote? ... Wéi? Ween?

**Nadine Braconnier (Gemengesekretärin)**

Den Nico.

**John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)**

Nico, du partizipéiers net um Vote, du häls dech elo hei souverän eraus. Déi di mat d'Accord sinn bieden ech em en Handzeechen. Ass een dogéint, enthält een sech? Wow, dat ass a Rekordzäit!

**Eestëmmege vote****7. Musekschoul****7.1 Rektifizeiert Schoulorganisatioun 2014/2015****John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)**

Da komme mir bei, dat muss ech iech zwar offen age-stoen, eppes wat ufänkt mir langweileg ze ginn, dat ass dei Affär mat der Musekschoul. All zweet Sëtzung hu mir eppes iwwert d'Musekschoul ze bestëmmen. Ech hunn elo am Sekretariat Uweisunge ginn fir en "Tableau synoptique" ze machen vum der Proposition déi mir hei mussen stemmen an vum der définitiver Schoulorganisatioun iwwert déi lescht 10 Joer, dass een emol en lwwerbléck kritt. Mir müssen dat hei formal machen mee et ass vum der Prozedur hir e bëssen schwéierfällg. Dofir ginn ech dem Schäffen Marcel Humbert d'Wuert fir dëst ze presentéieren.

**Marcel Humbert (Schäffen, LSAP)**

Merci Här Buergermeeschter dierf ech haut och eppes soen. Dir wësst jo mir hunn eng provisoersch Konventioun gestëmmt den Juli 2014. Et ass esou dass d'UGDA eis dann vum dem Joer virdrun déi Zuelen vum de Kanner an de Klassen eragëtt. Déi Konventioun déi mir haut stëmmen, wa mir se da stëmmen, ass dann déi offiziell, wann d'Schoul un ass a mir genau wëssen wéivill Kanner et sinn, an mir hunn des Kéier manner Kanner, mir haten an der provisoersch Konventioun e Chiffer vum 20.296,46 Euro a well mir elo e puer Kanner manner hunn an trotzdem dräi Klasse behalen, hu mir dëst Joer 18.219,08. Sou dass mir dëst Joer e bëssen spueren. Déi ginn dann awer bezuelt an dräi Tranchen. Den 15. September 2014 hu mir schonn 9.000 Euro bezuelt, den 15. Januar sinn och schonn iwwerwisen, 3.000 Euro, an da bléift nach fir de 15. Abrëll 6.000 Euro, dat gëtt dann den Total vum 18.000 Euro déi mir dëst Joer ze bezuelen hunn. Merci.

**John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)**

Merci Här Humbert. Wuertmeldungen dozou? Okay dann géif ech d'"organisation scolaire rectifiée 2014/2015 zum Vote stellen. Déi di mat d'Accord sinn bieden ech em en Handzeechen. Ass een dogéint, enthält een sech? Ass net de Fall.

**Eestëmmege vote****7.2 Avenant zur Konventioun****John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)**

An dann déi selwecht Übung, den Avenant zur Konventioun. Et ass obligatoersch well verschidde Saache géännert gi sinn. Déi di mat d'Accord sinn bieden ech em

en Handzeechen. Ass een dogéint, enthält een sech? Ass net de Fall. Merci Här Humbert fir d'Virstellung vum der Konventioun an der Schoulorganisatioun.

**Eestëmmege vote****8. Personal****8.1 Indemnitéit fir "perte de caisse"****John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)**

Komme mir zum Punkt 8, d'"indemnité pour perte de caisse". Mir hunn dräi Leit an der Recette schaffen. Déi Conseilleren déi d'Piëcen gekuckt hunn hu gesinn, dass do en Argumentaire formuléiert ginn ass vum deene betreffende Beamten, wéivill Suen ee manipuléiert. Et ass eng Saach vum Prinzip. Den Titulaire vum drëtten Posten an der Recette huet eng "indemnité de perte de caisse" zegutt. D'Circulaire em déi et geet ass schonn eng al Kamell, et ass vum 1973 et geet em de "maniement de deniers". D'Rechnung fir déi 25 Milliounen ordinaire Recetten opzerechnen, dat sinn der bestëmmt net lauter déi mat "monnaie sonnante et trébuchante" ze dinn huet, mee ech mengen mir kennen eis awer bereet erklären am Kader vum der Méiglechkeet, zu der Zäit nach 3.000 Frang am Index 100, d'Joer dem Mann déi "indemnité de perte de caisse" zouzegestoen. Ech muss och soen, dass et deen ass den d'Gemeng Kayl ganz oft virum Friddensgeriicht representéiert, hien mécht eng gutt Aarbecht, et ass e gudden drëtten Mann. Wann d'Madame Weiler emol an nächste Méint oder Joeren hir Pensiounsrechter zur Geltung mécht dann hu mir do en Upgrade an der Recette, eis Recette geet also net ënner wann d'Madame Weiler geet. Wuertmeldungen dozou?

**Romain Becker (Conseiller, DP)**

Wann een aus dem Privatsecteur kennt staunt een heiansdo iwwer esou Titelen an Reglementer déi et am Fonktionärsstatut esou gëtt. Mee bon et gëtt sech op eppes beruff wat existéiert, an der privat hunn eben net dat gutt Recht, mee et wonnert een sech eben heiansdo wann een sou Saache liest.

**John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)**

Bon, dat huet och en Corollaire Här Becker. Well déi Recetten fir d'Gemengen duerch Taxen definéiert sinn, do gëtt an engem private Betrib bei enger Differenz vum souvill Euro an der Keess gesot dat geet iwwert "profit et pertes" vum deene Leit déi eppes ze soen hunn, dat geet op enger Gemeng nët. Déi Suen mussen bäigeluecht ginn, wann de Receveur eng Recette mécht vum 1.000 Euro an en huet der awer nëmmen 980 Euro, dann ass hien dem Staat 1.000 Euro schëlleg an déi 20 Euro muss hien bäileeën. Dat ass e bëssen anescht wei an aneren Secteuren, loosse mir mol esou soen.

Aner Wuertmeldungen? Okay dann géife mir och iwwert déi "indemnité pour perte de caisse" fir de Sven Lutgen ofstëmmen. Déi di mat d'Accord sinn bieden ech em en Handzeechen. Ass een dogéint, enthält een sech?

**Eestëmmege vote****8.2. Emwandlung vum Technikerposten****John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)**

Doduerch dass de Marcel Wilwert seng Rechter fir .... nee, doduerch dass hien d'Invalidéiert kritt huet hu mir nach en "ingénieur technicien" Posten an der Verwaltung op, deen ass an der Nomenklatur vum de Posten ebenbürtig mat engem Redakterposten. Madame Braconnier, ech kucken op iech, sou dass mir an der interner Organisatioun, a well mir en "Numerus clausus" hunn a keng néi Posten méi schafen, heescht awer net dass mir déi Posten déi existéieren nët kenne besetzen. Mir brauchen keen Techniker, mir hunn en Ingénieur agestallt, mir brauchen awer am Service technique e Renfort fir Rapporten ze machen, einfach fir verschidde Saachen. Eis Techniker, dat hunn ech an deene leschte Joeren gemierkt, dat sinn gutt Leit mee déi schreiwen net ganz gäer. Dofir ass elo d'Idee am techneschen Déngscht een dohin ze setzen dee kann Rapporte machen déi dem Schäfferot ënnerbreet ginn, Courier selwer machen, well hautdesdaags, Madame Braconnier, soubal et ufänkt e bëssen ze brennen, dem Public Saachen ze schreiwen, landen d'Saachen am Sekretariat. Also déi Richtung fir dem techneschen Dingscht en gewëssen Autonomie ginn sou dass mir proposéieren den Technikerposten emzwandelen an e Redaktorsposten an dann duerch eng intern Versetzung dem Service technique en Redakter dohin ze setzen. Wuertmeldungen dozou?

**Jean Weiler (Conseiller, CSV)**

Dir sot et ass keng Schafung vum engem néien Posten, et ass eng verstoppten Schafung vum engem néien Posten. Well deemols wou den Ingénieur diplômé geschaf ginn ass, ass gesot ginn dass den parallel mam Techniker kann ufänken, an dono war gesot ginn, wann ech mech richtig kann erënneren, dass de Posten net méi géing besat ginn, elo gëtt en konvertéiert dat heescht en gëtt trotzdem rëm besat an mir hunn trotzdem erëm en zousätzlechen Posten geschaaft an dat gefällt eis net wierklech.

**John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)**

Bon, dat ass äert gutt Recht. Et ass am Intérêt vum der Verwaltung dofir maache mir et.

**Romain Becker (Conseiller, DP)**

Ech muss soen, et ginn och "ingénieurs techniciens" déi schreiwe kennen, dat gëtt et. Zousätzlech hätten se

dann nach d'Méiglechkeet fir Fachkompetent ze schreiwen, et verhënnert dofir nët, dass een en "ingénieur technicien" astellt op de Posten den et gëtt fir grad och déi redaktionell Saachen ze machen. Et ass kloer, ech gesinn et selwer, Rapporte schreiwen mécht kengem Spaass, wei mir dat an eisem Beruff nennen, et ass e bëssen Prosa. De Problem vun der Prosa ass, dass se extrem wichteg ass fir herno d'Gerichtsprozesser ze vermeiden, et ass och d'Bild no baussen wat een erëmgëtt wann een eppes Korrektes schreift. Mee ech sinn iwwerzeegt, dass een och ee géing fannen de Fachkompetenz hätt, amplaz dass een elo ... et ass jo net en "downgrade" mee ech géing éischer nach en "ingénieur technicien" an dem Service gesinn wei en Redakter.

#### **John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)**

Mir hunn eis vun der Verwaltungschefin iwerzeege gelooss, dass dat dee richtege Schrëtt ass fir d'Organisatioun vum Betrib. An heiansdo muss een och sengem Verwaltungschef nolauschteren, dat ass ganz wichteg, well "finalement" wann d'Verwaltung leeft oder nët läit haaptsächlech an den Hänn vum Sekretär. Mir hunn hei "on s'est plié à ses exigences". Ech well mech lo nët hei aus der Verantwortung zéien. Mir hunn eis vun der Madame Braconnier hiren Argumenter iwwerzeege gelooss an dofir hu mir et och esou gemach. Ass dat falsch, Madame Braconnier? Nee, gutt! Jiddereen ass jo fräi ze decidéieren a s'ëin Vote ofzeginn, mir sinn ob jidder Fall als Majoritéit der Meenung, dass dat fir d'Gutt vum Betrib eng gutt Saach ass dofir géing ech dat elo zum Vote stelle loossen. Déi di mat der Konversioun vum Posten d'Accord sinn bieden ech em en Handzeechen. Ass een dogéint, Camille, has du schonn matgestëmmt? Komm mir widderhuelen de Vote.

#### **Camille Thomé (Conseiller, CSV)**

Nee nee, et ass gutt!

#### **John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)**

Bass de richteg?

#### **Camille Thomé (Conseiller, CSV)**

Jo, jo!

#### **John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)**

Also, ween ass dofir?

Ween ass dergéint?

#### **Camille Thomé (Conseiller, CSV)**

Ech war ze lues.

(E puer Stëmmen)

Dajee! Mir sinn bei der Widderhuelung!

#### **John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)**

Dat éischt war d'Testronn!

Also, mat de Stëmmen vun der Majoritéit ugeholl, Enthaltung ginn et keng wëll t'ass keng Plaz méi.

#### **\* 8 Stëmmen dofir (LSAP, déi gréng), 4 Stëmmen dergéint (CSV, DP) \***

### **8.3. Konversioun Posten vun engem administrativen Expéditionnaire**

#### **John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)**

Idem fir d'Konversioun vum Posten vum administrativen Expéditionnaire, mir kommen an der Geheimsetzung dorop zeréck, dass een vun eisen Expéditionnaires säin "Changement de carrière" réusséiert huet an dofir müssen mir deem säi Posten och ëmwandelen, et ass keen neien Posten mee en Upgrade vun engem bestehenden Posten. Wuertmeldungen dozou?

Okay dann d'Emwandlung vum Posten vun engem "expéditionnaire administratif" an en "rédacteur", ween d'Accord ass bieden ech em en Handzeechen. Ass een dergéint, enthält een sech? Ass net de Fall.

#### **Eestëmmege vote**

### **9. Punkten vun de Conseilleren Camille Thomé an José Gonçalves**

#### **John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)**

Da komme mir zu de Froen, mir fueren schéin der Rei no, déi éischt Fro ass vum Conseiller Camille Thomé, ech géif him dann d'Geleeënheet ginn fir seng Fro hei virzedroen.

#### **Camille Thomé (Conseiller, CSV)**

Majo Här Buergermeeschter, an der lescht hu mir méi Kloen kritt iwwert eist Personal wat op der Gemeng schafft. Dat heescht, et gëtt e puer Servicer wou verschidden Aarbechter an Aarbechterinnen et mat der Ufänkszäit net esou genee huelen. Mir mengen fir en gutt Aarbechtsklima an eng gutt Organisatioun misst all Mënsch mat Zäiten op senger Aarbecht sinn. Jiddereen kann sech verschlofen, doriwwer schwätze mir mol net, awer et geet nët, dass verschidde Leit mengen well si op enger Gemeng schaffen kéinten si ufänken wann si wëllen. Do läit et um Schäfferot fir e bëssen Uerdnung ze schafen, fir dass déi Leit déi all Dag zur Zäit op der Aarbecht sinn zefridden hir Aarbecht maachen.

#### **John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)**

Bon, dir musst zouginn dass dëst als Ausféierungen relativ vague ass. Wa mir Personalaaffären diskutéieren,

dat ass och e ganz schwéiert Pflaster, dat ginn ech ganz gären zou. Ech wollt awer soen, dass de Schäfferot seng Verantwortung geholl huet an Uweisungen erausgang sinn, an Här Thomé, ech bleiwen dann grad esou vague, do si Kloen komm vum Chef vum Service des régions, dass jonk Männer, ech weess net vu weem dir schwätzt, hei ass et awer esou, dass Jongen déi relativ rezent age stellt waren, dass déi Problemer haten mat der Disziplin fir unzufänken mat schaffen an do si Weisungen komm, dass disziplinaresch Moossnamen ergraff ginn wann si nët mat Zäit untrieden. Mir hunn, dat muss ech soen, wäissen Damp kritt vum Service des régions, dass nodeems se an d'Gebiet geholl gi sinn, dass dat net passend ass vis-à-vis vun de Kollegen, hu mir gesot kritt dat wir elo an der Rei. Wann elo eng speziell Klo ass musst dir eis dat an der Geheim Sitzung soen, an der öffentlecher Sitzung ass et ganz schwéier iwwert esou Saachen ze diskutéieren. Mir hunn vum Patrick Dostert gesot kritt, do si Kloen, do si Schwierigkeiten, an hien huet vum Schäfferot selbstverständlich all Mëttele kritt déi hien gebraucht huet fir déi Leit zurecht ze weisen. Well mir sinn ganz ärer Meenung dass d'Aarbechtszäiten do sinn fir ze respektéieren, an dass et net gutt ass wann deen een oder aneren aus der Verantwortung zitt. Dat schéngt elo nees ze klappen. Dass een do regelméisseg muss hannendrun goen ass och e Fait. Dir wësst, dass ech zéng Joer an engem Personal Bureau war, ech weess wei dat ass, dat muss een ëmmer rëm iwwerwaachen.

#### **Camille Thomé (Conseiller, CSV)**

Also sou vill wei ech weess ass et genee am Regiebetrieb, wou ech elo schwätzen, a wann dir sot dass dat sech an der Teschenzäit geluecht huet a besser ginn ass, ech halen déi Saach ob jidder Fall am A. Mee et ka jo net sinn, dass jonk Kärelen age stellt ginn déi dräimol an der Woch ze spéit kommen. A wann dat net déngt bei hirem Virarbechter, da muss dat weider gedroen ginn. Déi mussen iergendwéi op d'Hand geklappt ginn, well ob eemol mécht dat e schlecht Beispill an da soen se alleguer "mir müssen jo net mat Zäit do sinn". Well mir schwätzen jo net vun enger Minutt wou déi ze spéit kommen.

#### **John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)**

Här Thomé, ech sinn do komplett mat iech eens, wann Saache sinn déi net klappen müssen déi ... mir sinn eng Verwaltung, jiddereen huet op sengem Posten seng Verantwortung, wann déi Saache viru gedroen ginn un de Schäfferot hellt de Schäfferot seng Verantwortung.

#### **Camille Thomé (Conseiller, CSV)**

An engem aneren Betrib gëtt et eng Persoun, déi ass nach net eng Kéier zur Zäit komm. Ech mengen dat ass jo net sérieux, déi aner Leit gesinn dat jo, déi wëssen dat jo.

#### **Romain Daubenfeld (Conseiller, LSAP)**

Entschëllegt, ech muss hei emol zou maachen. Wann hei öffentlech ass, et muss een Ross und Reiter nennen. Personalfroen an der öffentlecher Sitzung. Den Camille Thomé huet Recht, awer net hei wann ech gelift, net an der öffentlecher Sitzung.

#### **John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)**

Ech hunn dem Här Thomé gesot, hien kann eis dat jo an der geheimer Sitzung soen. Här Thomé, dir sot eis dat herno.

Okay, domat wär de Punkt ofgeschloss. Da komme mir bei den Här Gonçalves.

#### **José Gonçalves (Conseiller, CSV)**

Et sinn verschidde Bierger u mech erugetrueden, wéint engem Manque vun, komm mir nennen se Toiletten, fir den Hond. Dat ass jo de "meilleur ami de l'homme".

#### **Romain Daubenfeld (Conseiller, LSAP)**

Fussball!

#### **José Gonçalves (Conseiller, CSV)**

Et ginn nach aner Saachen op der Welt wéi Fussball. Gutt déi Leit sinn u mech erugetrueden, net nëmmen eng Kéier. Et huet och villäicht mam Fussball ze dinn, wann dat ronderëm den Terrain ass wou d'Leit trëppelen. Si kommen dann mat hirem Hond getrëppelt, a well ech oft do sinn. Meeschtens sinn et Madamen, well d'Hären villäicht méi schaffen an d'Madamen méi Zäit hunn fir mam Hond eraus ze goen, an si hunn och kleng Kanner dobäi.

#### **John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)**

Geféierlechen Terrain Här Gonçalves, geféierlechen Terrain!

#### **José Gonçalves (Conseiller, CSV)**

Ronderëm den Terrain, nët drop Gott sei Dank, mir hunn jo och eng Clôture ronderëm den Terrain do sinn ech frou driwwer. Bei der drëtter, véierter, fënnefter Kéier sees du dir, dat misst de villäicht emol bréngen, ech hunn ronderëm gekuckt, zu Schëffleng, zu Esch, an effektiv, mir hunn näischt esou. Verschidde Mammen hunn sech beschwéiert well kleng Kanner lafen awer gären an de Parken, an dann hunn si sech beschwéiert wann d'Schung net méi waren wei virdrun.

Hätte mir villäicht zwou Plazen, eng zu Kayl an eng zu Tëiteng? Da kéinte mir dofir suergen, dass eis Trottoiren méi propper ginn am Duerf, och ronderëm de Parking bei der Post. Ech si selwer nach gëscht op esou eppes getrëppelt, ech hu mir geduecht ass dat elo d'Strof wëlls du dat eraginn hues? Gutt, ech hu geduecht mir ginn eise Berger entgéint wann dat realisabel ass. Finanziell denken ech, dass dat näischt grousses ass, e

bëssen Holz a Sand a Steng. Mir schwätzen nët vu Milliounen, eppes wat net realisabel ass vum finanziellen Punkt. Domat hätt ech dann meng Erklärung ofginn.

#### **John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)**

Merci Här Gonçalves, dat ass en kontroverséiert Thema. Ech well soen ech schwätzen elo "en nom personnel". Ech hunn keen Problem fir Hondstoiletten opzeriichten, absolut net. D'Fro ass just wou sinn déi strategesch Plazen, mir kennen se nët an d'Groussgaass setzen, soss kréie mir Problemer mat deenen déi direkt hannendru setzen. Et ass en kontrovers Thema, an ech erwaarden dass mir als Conseil eng Diskussioun an eng Décisioun maachen wou mir der setzen. Den Här Migliosi huet sech d'Wuert gefrot an den Här Brücher.

#### **Nico Migliosi (Conseiller, LSAP)**

Ech ginn dem Här Gonçalves Recht mat senger Interventioun. Mee ech froen mech op déi Hondstoiletten vill notzen, an dann wou richt een se op, op wei enge Plazen. Ech sinn der Meenung, ech hunn och scho Recherchen gemach, ech krut och scho Fotoen vu Bierger geschéckt "kuck dir dat do un", ech beschäftege mech scho laang mat dem Thema. Am Hondsgesetz steet näischt dran, och europäesch net, Däitschland, Éisterpäisch, Schwäiz net. Awer et ginn Restriktiounen, an dat hunn ech matgemaach aus Erfahrung well ech vill an Éisterräich an d'Vakanz ginn, do maache Gemengen Reglementer, Polizeireglementer, wou Schëlde opgestallt ginn mat Strofen drop. Ech hunn ee Schëld gesinn dat steet an Éisterräich um Achensee, do steet drop "Zu widerhandlungen" muss een bis zu 1200 Euro Strof bezuelen. Zu Köln ass et tëscht 50 an 350 Euro. Also ech mengen mat engem Katalog vu Strofen an passend Schëlde, sensibiliséiert d'Leit méi. Ech stelle fest op anere Plazen wou ech war, do lafen d'Leit mat den Hänn ronderëm an do gëtt ipso facto direkt opgehewen, an Titercher gemach an an eng Dreckschécht geheet, well do extra Strofkataloge sinn. Dat huet méi Wert op d'Bierger wei einfach Hondstoiletten opzestellen, mir wëssen net wou se strategesch richteg stinn. Ech mengen, een den an der rue Notre-Dame wunnt fiert net mat sengem Hond op Téiteng bei den Fussballsterrain op d'Hondstoilette.

#### **Patrick Brücher (Schäffen, déi gréng)**

Ech kann mech dem wat den Här Migliosi gesot huet nëmmen uschléissen. Ech tendéieren éier dozou eng Hondswiss ze hunn wei eng Hondstoilette, well Erfahrungsgeméiss bréngen déi kleng Hondstoiletten praktesch gesinn wéineg. D'Leit tendéieren net dozou déi kleng Plazen ze benotzen, d'Hänn tendéieren dozou och déi Plazen net ze benotzen aus verschiddenen Ur-saachen. Eng Hondswiss déi méi grouss ass, wou den Hond sech méi fräi kann beweegen, am Ouerbettpark ass eng aner Approche déi wahrscheinlech e bëssen

méi bréngt. Doriwwer eraus muss ech awer nach un d'Responsabilitéit vun de Bierger appelléieren, et ass jo net wéi wann et eis un Gréngflächen géing feelen an dëser schéiner Gemeng, et ass een schnell aus eiser Uertschaft wou een dann dem entspreechend mat sengem Hond kann trëppele goen. Also ech denken dass d'Distanzen wat dat ubelaangt net grouss sinn, an déi Leit déi d'Tendenz hunn mat hirem Hond méi ausserhalb trëppelen ze goen hunn nët d'Tendenz déi kleng Hondstoiletten ze benotzen. Den Här Migliosi huet dat richteg erkannt, dat misst méi mat Sanktiounen verbonne sinn, dass dat strofbar ass wann een erwëscht gëtt, dass een dat taxéiere kann. Ech denken, dass et wichteg ass, virun allem am Zentrum, wou een gesäit, dass dann bei de Beem déi "crottes de chien" leien, dat ass och net immens fir eis Servicer di dat mussen entsuergen. En plus hu mir, dat well ech nach emol betounen, mir hunn Tuten fir déi Kommissiounen ewech ze huelen, dat stelle mir de Bierger zur Verfügung, dann wär ech och frou wann dat géing deementspreechend benotzt ginn.

#### **Romain Becker (Conseiller, DP)**

Mir müssen feststellen dass d'Räichwäit vum Hond heiansdo net ganz wäit ass, bis dann eppes geschitt. Ech stelle fest a menger Strooss ass d'Räichwäit och net grouss an virun menger Mauer fannen ech dann och esou Spurenelementer vun Hänn.

#### **John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)**

Dann hutt dir jo schonn eng Plaz fir esou eng Toilette z'installéieren!

#### **Romain Becker (Conseiller, DP)**

Bon, den Thema Hondsdreck ass ëmmer ganz dankbar, dat ass déi éiwech Diskussioun. Mir hunn et och ëmmer erlieft wann an der Schungfabrik Bierger Réunioune waren, wann alles u war ware mir herno bei den Hondsdrecker an da komme vill Emotiounen. En Hond ass nun mol en Hond an de Propriétaire ass deen wou fir den Hond misst mat denken, an et ass sënnvoll do emol un d'Bierger ze appelléieren. Mee do ginn et der déi soen ech bezuelen jo Hondsteier, dofir loossen ech en ... voilà.

Et brauch een nëmmen mat de Gemengenaarbechter schwätzen, déi dat immens apprécieieren wann se mam Freischneider emol müssen doduerch, mir brauchen eis d'Bild elo net ze molen, déi si begeeschtert. Et ass also net ganz sou einfach ze soen "loosse mir se mol laanscht d'Bach goen", et ass ëmmer een dovun be-traff. Ech gleewen och net wierklech drun dass d'Leit op esou eng spezifesch Plaz géinge goen, well den Hond huet eng bestëmmte Räichwäit an dann war et dat. Da wär de Propriétaire natierlech drun eppes ze maachen. Wann net, de Patrick Krings huet eis jo och scho ge-

sot, an England sinn et 1.000 Pond, dat sinn 1.200 Euro, bon. Et ass d'Responsabilitéit vum Bierger dat opzerafen. Mir hunn op verschidde Plazen Tuten opgehaang, d'Resultat ass dass moies sämtlech Tuten um Buedem leien well dann een ganz intelligenten sech ameséiert huet déi Tuten erauszehuelen. Mir hunn als Gemeng scho vill gemach, en Appel un de Bierger den en Hond huet ass ganz wäertvoll, mee et ass dat wat et ass an ech fäerten mir wäerten hei keng Léisung fannen. Et ass net de selwechte Problem wei z.B. an der Stad wou wéineg Gréngplaze sinn, do gesäit een dat méi konzentriert, awer hei net.

#### **José Gonçalves (Conseiller, CSV)**

Wann ee mir seet dass se zu Schëffleng keng Gréngfläch hunn, awer si hunn eng Gréngfläch, da verstinn ech net méi vill.

#### **Marcel Humbert (Schäffen, LSAP)**

Et ass elo vill gesot ginn, et sinn och vill Aussoen déi ech gutt fonnt hunn. Dat eenzegt wat ech nach well soen, den Hond muss net onbedingt bei der Toilette, 50 Meter méi wäit an et ass keng do, da geet en bei d'Hecken. Dat wat den Här Becker gesot huet, d'Leit soen "ech muss Steieren fir méin Hond bezuelen", Här Becker, ech bezuelen och Steieren fir mäin Auto, dat heescht awer nët, dass ech därerf een iwwerrennen, gell? Dat si Saachen déi muss een och mat Virsiicht genéissen. Ech soen iech Merci.

#### **Viviane Petry (Conseiller, déi gréng)**

Et ass schonn e relativ grouse Problem. Ech kréien och ëmmer erëm gesot bei der Alexandraschoul an beim Zwergeland, do wou de CIGL de Park aménagéiert huet mat Wegeruten, d'Kanner kënne do net duerch lafen well do alles voll Muppekakka ass. Mir hunn an der grénger Fraktioun iwwert de Problem diskutéiert an géingen et sënnvoll fannen ze kucken fir eng Muppe-wiss ze aménagéieren, sief et am Park Ouerbett oder zu Téiteng bei der Schoul. Et ass einfach esou d'Leit déi an d'Schoul ginn mat hire Kanner huelen den Hond oft mat. Mir müssen dofir suergen fir Plazen ze fannen wou d'Hänn dierfe lafen. Mir müssen och dofir suergen, dass an der Gemeng genuch Plaze sinn wou een eng Tut kann huelen fir de Kaka dran ze machen an da muss och wa méiglech eng Poubelle do sinn wou een dat direkt kann dran geheien.

Dat anert ass d'Responsabilitéit vun de Leit déi en Hond hunn, wann mäin Hond eppes mécht da rafen ech et op. Dann denken dass een och misst kucken fir déi Leit ze bestrofen, ne. Eng Taxe anzeféieren ...

#### **José Gonçalves (Conseiller, CSV)**

Dann hunn ech eng Idee bruecht déi wäert fir den Akommes vun der Gemeng suergen.

#### **John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)**

Här Gonçalves, ech muss iech do vum héije Päerd erfuehlen. Mir hunn e Polizeireglement do steet kloer an däitlech dran, dass et verbueden ass "de souiller les parties publiques du territoire" mee de Problem ass, wei exekutéiere mir dat. Wann ech kucken wat fir Déboiren eisen "agent municipal" huet fir schonn nëmmen déi Affaire mam Falschparken an de Grëff ze kréien ... Ech proposéieren Folgendes: d'Diskussioun war ganz wäertvoll och wann, déi Leit déi mir wëllen errechen, déi eng machen et souwisou, déi hunn hir Tut an der Täsch, an déi aner déi mir wëllen errechen, déi errechen mir souwisou net. Mat Sanktiounen, mir hunn se am Polizeireglement virgesinn, mir hunn just keng richteg Traditioun hei zu Lëtzebuerg. Wann mir dat iwwer en AT wëlle regelen, déi Méiglechkeete hu mir keng well déi beschränken sech op d'Verkéiservergehen, ech géing eng Komproméssléisung virschloen. Mir studéieren emol d'Méiglechkeeten fir Hondswisen aus-zeweisen op zwou, dräi Plazen wou een kann den Hond seng Notdurft maache loossen.

Merci fir dei Ureegung, mee wei gesot, eng "solution miracle" gëtt et net well do wou déi hiren Hond an der Groussgaass hiren Hond bei d'Beem maache loossen, wou den Dreck sech quasi stapelt, dat sinn déi Fäll wou mir esou net an de Grëff kréien, dat ass dem Här Becker seng Diskussioun iwwert d'Räichwäit. Dir hutt jo net op e Vote bestan Här Gonçalves.

#### **José Gonçalves (Conseiller, CSV)**

Nee, ech well och domat net soen, dass et meng Ureegung ass, et sinn d'Uléien vun de Bierger ... An awer sinn ech zefridden well ech fannen d'Idee net schlecht, dass d'Diskussioun mat sech bruecht huet dass mir driwwer nodenken fir Hondswisen ze maachen, also war dat net emoss.

#### **John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)**

Dat huet och kee behaupt, Här Gonçalves. Merci fir d'Ureegung. Sou d'ëffentlech Sitzung wär domat ofgeschloss.

## Conseil communal Séance du mardi, 3 février 2015

**Durée :** de 15h00 à 17h00

**Présent :** John Lorent, Bourgmestre, Marcel Humbert et Patrick Brücher, échevins, Romain Becker, Astrid Belleville, Carlo Birchen, Romain Daubenfeld, Nico Migliosi, Viviane Petry, Camille Thomé, Jean Weiler, Conseiller, Nadine Braconnier, Secrétaire.

**Absences :** Patrick Krings

### Ordre du jour :

#### 1. Correspondance et informations

#### 2. Contrats et conventions:

- 2.1 Convention maison médicale
- 2.2 Compromis de vente Welter
- 2.3 Compromis de vente Dragolovcanin (rue de la Chapelle)
- 2.4 Compromis de vente Strainchamps
- 2.5 Acte de vente NKS Projects SCI
- 2.6 Acte de vente Baticonseil sàrl
- 2.7 Convention Cent Butték
- 2.8 Contrat d'ingénieur Schroeder & Associés (évacuation des eaux superficielles (rue de Tétange)
- 2.9 Cession gratuite Entreprise des Postes et Télécommunications
- 2.10 Convention 2015 Office social
- 2.11 Convention Schuller-Wilhelm (SICONA)

#### 3. Plan de gestion annuel de la forêt communale

#### 4. Finances communales

- 4.1 Devis ASTA – mise en état de la voirie rurale
- 4.2 Devis enregistrement électronique des dossiers du Biergerzenter
- 4.3 Devis système d'accès avec puces

#### 5. Aménagement

- 5.1 Modification ponctuelle du plan d'aménagement général

#### 6. Commissions consultatives

- 6.1 Démission et nomination d'un membre de la commission de l'environnement
- 6.2 Démission et nomination d'un membre de la commission de la culture
- 6.3 Démission et nomination de deux membres de la commission des sports et loisirs

- 6.4 Démission et nomination d'un membre de la commission de la jeunesse
- 6.5 Démission et nomination d'un membre de la commission des bâtisses

#### 7. Ecole de musique

- 7.1 Organisation scolaire 2014/2015 rectifiée
- 7.2 Avenant à la convention

#### 8. Personnel

- 8.1 Indemnité pour perte de caisse
- 8.2 Conversion de poste d'ingénieur technicien
- 8.3 Conversion d'un poste d'expéditionnaire administratif

#### 9. Questions des conseillers

- Dossiers à traiter à huis clos

#### 10. Affaires de personnel

##### 1. Correspondance et informations

**Monsieur le bourgmestre John Lorent (LSAP)** prie d'excuser Monsieur Patrick Krings qui ne peut pas être présent. Monsieur le bourgmestre annonce que Monsieur Sannipoli est présent et qu'il souhaite dès lors changer l'ordre du jour pour commencer par le plan de gestion annuel de la forêt communale.

**Monsieur Jean Weiler (conseiller, CSV)** propose de postposer le point sur la convention de la maison médicale en attendant l'avis de la commission des bâtisses. Monsieur le bourgmestre est d'accord, mais ne veut pas retirer le point de l'ordre du jour, il faut clarifier la situation dans la rue Neuve aujourd'hui. Les autres points seront transmis à ladite commission pour avis. Tout le conseil approuve ces 2 changements dans l'ordre du jour.

3. Plan de gestion annuel de la forêt communale

**Monsieur le bourgmestre John Lorent (LSAP)** laisse la parole à Monsieur Sannipoli afin que celui-ci présente les projets pour l'année 2015. Il souligne que la forêt représentait une source de revenus au 19e siècle, mais que ce n'est plus le cas puisqu'elle coûte de l'argent à la commune.

**Monsieur Daniel Sannipoli (garde forestier)** est reconnaissant de pouvoir présenter le plan prévu pour cette année et rappelle que celui-ci concerne 180 hectares de forêt communale. Il commence par

le volet 1 sur 8 « Protection de la nature et des milieux ouverts » : il s'agit des terrains sans forêt, mais qui sont tout de même à classer dans les terrains naturels communaux comme le Brucherbiert ou la Laangertengaass. Le premier point est lié à « l'enlèvement des déchets » et au fait que les gens continuent à jeter leurs déchets dans la nature. Le point 2 se réfère au « fauchage extensif » ; le point 3 à « l'entretien des pelouses sèches » du Brucherbiert (50 % de subsides sont alloués pour le maintien de biotopes). Il continue ensuite avec un sujet qui intéresse souvent les gens : l'élagage des arbres. Cette année, des arbres seront abattus à trois endroits différents soit au Bromeschbiert (livraison de copeaux de bois à Eweschbour), à Wuederten à Rumelange (bois de chauffage pour les habitants) et op der Heed près de la carrière Poeckes (coupe sur pied du perchis et mise aux enchères des arbres de maximum 12 à 15 cm de diamètre au profit de la commune). Le volet suivant se concentre sur la « gestion durable et la protection des forêts » ; très souvent il faut élaguer des arbres âgés ou couper des branches mortes le long des sentiers pour des raisons de sécurité. Au Galgenbiert, il y a un « plan d'action lisières » imposé par le Ministère afin de protéger et de maintenir certains biotopes. La commune recevra 50 % de subsides pour ce projet.

Le dernier point aborde le « plan d'action bois mort » pour lequel la commune bénéficiera aussi de 50 % de subsides afin de découper ces bois morts en copeaux de bois. La page suivante concerne les forêts plus jeunes où il faut déblayer les sentiers bordés par des branches mortes ou des bouts de bois. La « régénération naturelle » afin de rajeunir la nature est moins nécessaire ici, car cette régénération se fait souvent naturellement sans l'intervention du garde forestier. Le seul inconvénient des sols de la commune sont les clématites qu'il faut freiner. Au sujet de la chasse, Monsieur Sannipoli explique que dans les forêts certifiées durables la population des chevreuils doit être surveillée moyennant un enclos. Ces enclos permettent de contrôler la pousse des plantes et le nombre de chevreuils mangeant les jeunes plantes. Afin de sensibiliser et d'informer le public, diverses manifestations (p.ex. le Naturdag) et activités pédagogiques seront organisées. Il souligne que pour la surveillance et la police, aucun montant n'est prévu puisque ces missions sont reprises dans un autre budget.

Le volet dédié à la logistique se penche sur l'entretien du dépôt (stockage du bois de chauffage et des copeaux de bois) au Hutbiert ; le montant repris n'est qu'un quart du budget global, car ce budget est divisé par quatre propriétaires. Concernant la

« Location des véhicules forestiers », il annonce que l'Etat a financé un télescope (leasing) pour éviter de louer ce genre de machines très utiles. Le point « Service aux tiers » fait référence aux demandes d'aide de la part des services de la commune. La première page est la plus importante puisqu'elle reprend le montant à payer par la commune de Kayl : 50.000 euros. Monsieur Sannipoli explique qu'il y a à peu près 550 mètres cube de bois à prévoir cette année, contre 690 l'année dernière. Monsieur le bourgmestre John Lorent (LSAP) laisse la parole au conseil communal.

**Monsieur Romain Becker (conseiller, DP)** remercie Monsieur Sannipoli pour sa présentation et tient à souligner que ces travaux pratiques nécessitent beaucoup d'engagement. Il salue le fait que ces travaux soient réalisés selon l'approche du développement durable et que certains projets impliquent des enfants.

**Madame Viviane Schenten-Petry (conseillère, déi gréng)** se rallie au fait que des activités pédagogiques pour les enfants sont très utiles et appréciées. Elle remercie Monsieur Sannipoli. Monsieur Romain Becker déplore le fait que des sentiers du Millebiert vers la rue de l'eau aient été réduits ; il souhaite qu'ils soient de nouveau rétablis pour que les piétons puissent les emprunter. Il s'interroge sur ce qu'est un télescope dans le cadre de l'entretien des forêts. Monsieur Sannipoli précise qu'il s'agit d'un genre de pelleuse à un bras (d'une hauteur de maximum 8 mètres) qui permet d'y attacher une tenaille, une pelle ou un panier. Concernant les sentiers près de la rue de l'Eau, il propose d'ajouter des marches ou des pierres afin de rendre le terrain moins raide.

**Monsieur Camille Thomé (conseiller, CSV)** questionne le ramassage des bouts de bois et des branches lors de la découpe d'arbres. Monsieur Sannipoli assure que lors de la découpe d'arbres, les branches qui tombent sur les plantes sont ramassées et entassées sur une pile à côté des plantes. Toutes les branches ne doivent pas être ramassées, car elles sont nécessaires à la préservation de la faune forestière.

Monsieur le bourgmestre s'interroge sur l'afflux de coureurs de Mountain Bikes qui roulent à des endroits inappropriés du Parc naturel Haardt. Il demande si des contrôles de police (brigade mobile) ne pourraient pas être envisagés. Monsieur Sannipoli (garde forestier) en est conscient et rappelle qu'il n'a que le pouvoir de distribuer des avertissements taxés, mais que cette méthode ne semble pas opé-



rer avec certains cyclistes récalcitrants. Monsieur le bourgmestre soumet le plan forestier et les 50.000 euros prévus au vote du conseil communal. Il remercie Monsieur Sannipoli pour sa présentation.

**Vote unanime**

## 2. Correspondance et informations

**Monsieur le bourgmestre John Lorent (LSAP)** passe en revue la majeure partie des contrats et conventions repris sous le point 2 et demande si une prise de parole est nécessaire. Il s'agit des emprises de la rue de la Chapelle (65 centiares pour 700 euros), de la rue Jos Millen (17 centiares pour 1 euro symbolique) et am Leweschbour (emprise suite à la faillite de la société Baticonseil pour 2.016 euros). Il poursuit avec l'acte de vente NKS (12,33 ares pour 8.645 euros) du notaire Doerner. Seul l'acte Schlessler reprenant les infrastructures de la poste et d'Editus dans la rue de Noertzange sera discuté ultérieurement.

**Vote unanime**

### 2.1 Convention maison médicale

**Monsieur le bourgmestre John Lorent (LSAP)** explique la demande de différents médecins de la commune qui souhaitent qu'une maison médicale voit le jour afin d'éviter ce qu'il définit de « désert médical » c.-à-d. que les patients soient obligés de se rendre à Esch, Dudelange ou en ville au lieu de rester dans leur commune de résidence. Une convention a été élaborée avec un contrat d'emphytéose pour mettre un bâtiment à disposition du corps médical même si cela comporte des coûts. Madame Viviane Schenten-Petry (conseillère, déi gréng) précise que c'est un centre médical et non une maison médicale qui doit ouvrir ses portes. Monsieur le bourgmestre acquiesce même si les deux termes sont très proches à la seule différence près qu'une maison médicale est exploitée par un hôpital ou l'État. Il expose ensuite qu'il a rencontré différentes personnes du corps médical et que certaines personnes refusent la signature de la convention. Il reste bon nombre de points à soulever avant la concrétisation du projet, mais il faut d'ores et déjà définir les conditions du soutien financier de la commune. Il met l'accent sur le fait qu'il vaut mieux répartir l'amortissement sur plusieurs acteurs puisqu'il

s'agira de quelques millions d'euros. L'endroit prévu pour le moment serait dans la rue Neuve, mais il faudra augmenter les places de parking.

**Monsieur Jean Weiler (conseiller, CSV)** ajoute que quatre personnes ont signé la convention pour le moment et il demande si la pharmacie qui est prévue dans ce bâtiment fait partie des 30% de surface pour l'exploitation « à d'autres fins » ou si elle fait partie des « services médicaux ». Monsieur le bourgmestre rappelle que de nombreuses discussions ont été menées et l'article en question a été ajouté afin que l'amortissement puisse fonctionner et que le bâtiment ne reste pas vide. Il s'agit maintenant de lancer la procédure pour le PAP (Plan d'aménagement particulier), mais il reste encore plusieurs analyses à opérer par les architectes. Il faudra aussi définir s'il s'agit d'une faible ou d'une moyenne densité, même s'il espère qu'aujourd'hui le conseil optera pour une densité moyenne (autorisation de construire 9,5 mètres). Il précise que la pharmacie bénéficiera de tout le rez-de-chaussée, les cabinets et les salles d'attente communes seront à l'étage du dessus. Encore une fois, il souligne que ce sont les demandeurs de ce projet qui sont les protagonistes principaux ; ils décideront avec leurs architectes des détails du projet qui sera ensuite présenté à la commune.

Monsieur José Gonçalves (conseiller, CSV) suggère que le cabinet d'analyses sanguines soit lui aussi déplacé dans le centre médical afin d'éviter aux patients de devoir se déplacer à Dudelange. Monsieur le bourgmestre dit que pour sa part, il se rend à la Résidence Sainte Barbe pour ses analyses sanguines, mais qu'il est envisageable de leur proposer de s'installer dans le nouveau centre médical.

**Monsieur Romain Becker (conseiller, DP)** félicite que ce projet soit mis à l'ordre du jour et le considère comme une plus-value pour la commune et ses habitants. Madame Viviane Schenten-Petry (conseillère, déi gréng) partage cet avis, mais se soucie de savoir si les médecins de Kayl et Tétange seront prioritaires pour s'installer dans ce nouveau centre médical. Monsieur le bourgmestre est d'avis que les quatre personnes signataires de la convention pourront juger qui fera partie de cette association de fait, il assure qu'une fois que le projet sera plus concret, d'autres personnes se manifesteront pour en faire partie.

**Vote unanime**

### 2.2 Compromis Welter

**Monsieur le bourgmestre John Lorent (LSAP)** annonce que Monsieur Camille Thomé doit quitter la salle du conseil, car il est « allié au premier degré » avec le consortium Welter. Il explique qu'il s'agit de l'achat de terrains au lewechbour sur une partie des terrains de Monsieur et Madame Welter. Il existe actuellement un contrat de location avec le consortium pour le terrain sur lequel la commune a des places de parking le long du CIGL. Le consortium Welter tient à se retirer de toutes les négociations autour des terrains du lewechbour ainsi que de l'emprise sur la route. Cette dernière passe deux fois sur les terrains de Monsieur et Madame Welter (en direction du stand de tir et en direction du Posteau d'Esch). De ce fait, la commune devra payer la somme de 30.000 euros afin de régulariser le foncier de la route sans pour autant urbaniser ces terrains.

**Monsieur Jean Weiler (conseiller, CSV)** demande si d'autres terrains sont concernés. Monsieur le bourgmestre assure qu'il y en a d'autres et que la commune est toujours favorable à l'achat de terrains pour que ceux-ci fassent partie du patrimoine de la commune. Monsieur Romain Becker (conseiller, DP) s'interroge sur la possibilité d'échanger des terrains. Monsieur le bourgmestre acquiesce : certains terrains pourront p.ex. être échangés avec des agriculteurs comme « monnaie d'échange ».

**Vote unanime**

### 2.3 Convention Cent Butték

**Monsieur Patrick Brücher (échevin, déi gréng)** illustre le prochain point : le Cent Butték de Bettembourg s'est rapproché de la commune de Kayl afin de d'obtenir une contribution aux dépenses de cette « épicerie sociale ». Les prix réduits de cette épicerie sont possibles grâce à la collaboration de supermarchés qui cèdent certains produits qui ont été retirés des rayons. Les clients du Cent Butték sont souvent envoyés là-bas par l'Office social de Kayl (approximativement 16% des clients). Ceci met en exergue le fait qu'il y a une précarité croissante non seulement dans la commune de Kayl, mais dans tout le pays ; bon nombre de ménages ne peuvent plus se permettre de faire leurs courses dans les supermarchés « normaux ». La présente convention s'élève à 7.500 euros, car 16% des clients du Cent Butték sont issus de la commune de Kayl (3<sup>e</sup> commune la plus représentée) et il faut donc contribuer aux frais de fonctionnement de l'épicerie.

**Monsieur le bourgmestre John Lorent (LSAP)** précise que la durée de la convention a été fixée à un an. Il laisse la parole à Monsieur Daubenfeld.

**Monsieur Romain Daubenfeld (conseiller, LSAP)** et la fraction LSAP félicitent cette convention avec le Cent Butték et il annonce que tôt ou tard, il faudra envisager l'ouverture d'une épicerie sociale de ce type dans la commune de Kayl.

**Monsieur Romain Becker (conseiller, DP)** partage cet avis et déplore le fait que la clientèle demandeuse de ce type d'épicerie à bas prix augmente de jour en jour.

**Monsieur Jean Weiler (conseiller, CSV)** se rallie à l'opinion de Monsieur Daubenfeld et Monsieur Becker.

**Madame Viviane Schenten-Petry (conseillère, déi gréng)** prévient qu'il ne faut pas que les épiceries sociales se tirent une balle dans le pied et que les patrons gèlent les salaires sous prétexte que ces épiceries existent et proposent des produits à bas coûts. Elle avance l'exemple de la « Mittagstafel » à Berlin qui est très controversée. Monsieur Patrick Brücher est du même avis. Monsieur Romain Daubenfeld acquiesce et précise que c'est au conseil d'administration de l'Office social de décider qui a le droit de se rendre au Cent Butték, un contrôle assez sévère est fait actuellement. Il ajoute que dans l'ancien bâtiment de la police, une distribution d'aliments se fait déjà tous les vendredis pour les personnes qui n'ont pas les moyens de se rendre au Cent Butték ou à l'épicerie de la Caritas.

**Monsieur Romain Becker (conseiller, DP)** réfute l'argument avancé au sujet des patrons et du gel des salaires ; il rappelle qu'il y a un salaire minimum au Grand-duché et qu'on ne peut donc pas comparer la situation à celle de l'Allemagne.

**Monsieur Camille Thomé (conseiller, CSV)** demande si tout le monde peut se rendre au Cent Butték ou s'il y a une carte de membre ou autre chose afin de définir la clientèle. Monsieur Romain Daubenfeld (conseiller, LSAP) explique que ce sont les assistantes sociales, sur base de la décision du conseil d'administration de l'Office social, qui envoient les clients au Cent Butték selon leurs besoins réels. Il faut, d'après lui, leur faire confiance dans leurs choix. De plus, il expose la situation telle qu'elle était auparavant : des bons d'achat du Cactus étaient distribués, ce qui posait problème au niveau de l'anonymat de ces personnes dans le be-

soin. C'est pourquoi il vaut mieux les envoyer dans une épicerie vendant des aliments à coûts réduits.

**Vote unanime**

### 2.3 Contrat d'ingénieur Schroeder & Associés (évacuation des eaux superficielles, rue de Tétange)

**Monsieur le bourgmestre John Lorent (LSAP)** expose le projet de drainage des eaux superficielles au Kaleberg (derrière la Cité Brill et la rue de Tétange). Il s'agit de récupérer les eaux des terrains que la commune va acquérir et de les faire s'écouler dans la Kählerbaach (ruisseau) et non dans les canalisations. Les montants à investir sont conséquents, mais il est nécessaire qu'un bureau d'ingénieurs se penche sur ce projet. Aucun devis pour les travaux n'a encore été demandé. Les études prévues par Schroeder & Associés coûteront environ 40.416 euros HTVA et le projet global s'élèverait à plus ou moins 300.000 euros.

**Monsieur Jean Weiler (conseiller, CSV)** a deux questions relatives à ce projet : la partie des eaux qui s'écoulent vers la canalisation d'eaux mixtes pourrait-elle aussi être récupérée par le ruisseau ? La quantité d'eaux du ruisseau ne risque-t-elle pas de causer des inondations ? Monsieur le bourgmestre assure que le bureau d'études et les techniciens en charge du dossier ont toutes les connaissances requises en matière d'hydrologie. Il suppose que ces eaux mixtes n'ont pas été incluses dans la récupération, car le terrain (trop pentu) ne s'y prête pas. Monsieur le bourgmestre rappelle qu'un devis suivra après les études du bureau d'ingénieurs. Il propose de faire venir le bureau lors d'un conseil communal dédié à ce projet et des réponses d'ordre techniques pourront être données.

**Monsieur Romain Becker (conseiller, DP)** prévient que le temps presse, car il y a deux projets en parallèle et le premier, dont son bureau d'études est en charge, va commencer incessamment sous peu. Monsieur le bourgmestre est conscient qu'il faut voter ce projet rapidement et laisser Schroeder & Associés réaliser leurs études des terrains. Ce bureau d'étude a des experts en hydrologie et feront les analyses nécessaires au bon déroulement du projet. Monsieur Romain Becker doute que 360.000 euros suffiront pour couvrir les frais liés à ce projet.

**Vote unanime**

### 2.3 Cession gratuite Entreprise des Postes et Télécommunications

**Monsieur le bourgmestre John Lorent (LSAP)** explique que dans le cadre du « Plan d'aménagement particulier », la poste va rendre des terrains que la commune leur avait vendus. Le notaire (Monsieur Schlessler) a estimé la valeur des terrains à 1,5 millions d'euros. Une utilité publique a été incluse dans l'acte ce qui permettra à la commune de ne pas devoir augmenter les dépenses liées à l'enregistrement. L'équipe technique de la commune a vérifié comment fonctionne le bassin de rétention et Monsieur Gangolf a discuté avec la poste afin de connaître tous les détails de cette installation. Une fois que ces infrastructures seront d'utilité publique, la commune devra se charger de leur entretien.

Monsieur Jean Weiler (conseiller, CSV) s'interroge sur la prise en charge des travaux d'entretien des infrastructures. Monsieur le bourgmestre rétorque que c'est la commune qui s'en chargera ; il s'agit surtout d'entretenir les pelouses autour. Monsieur Romain Becker (conseiller, DP) rappelle que le bassin de rétention fait partie du commodo du site et demande en quoi la commune sera impactée. Monsieur le bourgmestre confirme que la commune devra veiller à ce que le site soit conforme au commodo. Si des conditions changent, il incombera à la commune de les respecter.

**Vote unanime**

### 2.4 Convention 2015 Office social

**Monsieur le bourgmestre John Lorent (LSAP)** introduit le prochain sujet en annonçant que la convention 2015 est quasi identique à la convention 2014. La part de la commune s'élevait en 2014 à 159.000 euros et en 2015 à 163.000 euros. Monsieur Romain Daubenfeld (conseiller, LSAP) rétorque qu'il y a tout de même des différences, car les avances de l'État s'élèveront à présent non plus à 50 % mais à 75% en début d'année. De plus, un article 14 bis a été ajouté au sujet de l'adhésion de la commune de Kayl au « Fond européen d'aide aux plus démunis » c.-à-d. que l'Office social de la commune percevra une certaine somme au bénéfice de l'aide aux personnes dans le besoin. Monsieur le bourgmestre note qu'il faudra vérifier la plus-value d'une collaboration avec le FADA à Bruxelles. Monsieur Romain Daubenfeld est favorable à une collaboration avec ce fond et ajoute que l'Office social fait désormais

partie de l'« Entente des offices sociaux » (21 offices sociaux sur 30 dans le pays en font partie). Monsieur Zimmermann et Monsieur Birchen sont membres du conseil d'administration.

**Vote unanime**

### 2.5 Convention Schuller-Wilhelm (SICONA)

**Monsieur Patrick Brücher (échevin, déi gréng)** avait abordé ce sujet lors des réunions budgétaires ; il s'agit de l'installation d'eaux peu profondes ainsi qu'une rangée d'arbres au Scheierbësch afin de préserver le triton crêté. Monsieur Jean Weiler (conseiller, CSV) s'interroge sur la nécessité de clôturer le ruisseau. Monsieur Patrick Brücher explique qu'une clôture s'impose pour protéger les eaux peu profondes des vaches.

**Vote unanime**

## 4. Finances communales

### 4.3 Devis système d'accès avec puces

**Monsieur le bourgmestre John Lorent (LSAP)** remercie Monsieur Claude Thill pour sa présence et poursuit avec la présentation du projet de « système d'accès avec puces ». Le devis reçu s'élève à 251.799,21 euros et la dépense sera réalisée sur quatre exercices. En 2019, la garantie pour le système de fermeture actuelle arrivera à échéance.

**Monsieur Claude Thill (ouvrier communal)** s'est renseigné sur le fonctionnement du système d'accès électronique et expose les avantages et les inconvénients y relatifs. Le système avec de simples clés n'est pas sécurisé, car n'importe qui pourrait se faire une copie des clés. Avec le nouveau système, si quelqu'un perd une puce, un système permet de désactiver celle-ci à distance et aucune porte ne pourra être ouverte. Un autre avantage est qu'un contrôle sur qui rentre où et à quelle heure pourra être opéré dans les écoles et maisons relais par exemple. Le fait d'avoir 1.500 clés (une clé coûte 50 euros) actuellement et de devoir les distribuer manuellement est contraignant. Avec le nouveau système, il sera plus facile de donner accès aux personnels des maisons relais (30 personnes) et surtout aux remplaçants qui ont besoin d'un accès ponctuel. Il souligne qu'actuellement il y a trois systèmes à puce (dans l'atelier communal, le sys-

tème de gestion de l'horaire mobile et dans l'atelier des pompiers) compatibles avec le nouveau système à introduire. Ainsi tous les systèmes seraient uniformisés.

Monsieur le bourgmestre demande s'il faut verrouiller l'accès à toutes les portes dans le cas d'une perte de puce. Monsieur Thill explique que cela prend très peu de temps et que si la puce donne accès à cinq portes, il suffit de verrouiller uniquement la porte principale du bâtiment. Les puces peuvent être programmées pour qu'elles ne fonctionnent que deux semaines par exemple. Monsieur Carlo Birchen (conseiller, LSAP) s'interroge sur le prix du système et sur le fait de devoir passer la puce sur tous les verrous de toutes les portes afin de les ouvrir. Monsieur Claude Thill chiffre le surplus lié au rattachement de toutes les portes au réseau à 30.000 euros. Monsieur Jean Weiler (conseiller, CSV) ne pense pas que cela suffise à couvrir tout le surplus et il préfère que toutes les portes principales soient reliées au réseau prioritairement. Il est d'ailleurs favorable à ce que le projet ne dure pas quatre ans, mais soit réalisé le plus rapidement possible.

**Monsieur Romain Becker (conseiller, DP)** est en faveur de ce projet et pense qu'il sera très bénéfique au personnel de la commune et aux associations. Pour lui, le prix est raisonnable qui se situe dans la moyenne. Sa question porte sur le fait que la réalisation du projet soit répartie sur quatre ans et il souhaite savoir si le prix est garanti et restera bien le même durant cette période. Il soulève aussi la question des pointeuses, à savoir si celles-ci seront reliées à ce nouveau système. Monsieur Claude Thill répond qu'en effet les pointeuses pourront y être raccordées. Monsieur le bourgmestre rappelle que c'est le devis qui doit être discuté aujourd'hui et que le fournisseur devra donner une garantie de prix avant que le projet soit accepté.

**Vote unanime**

### 4.3 Devis ASTA-mise en état de la voirie rurale

**Monsieur le bourgmestre John Lorent (LSAP)** explique que le chemin Hunnemeschklëppel pour se rendre au Galgeberg est dans un mauvais état, il doit être rénové. Le devis s'élevait à l'origine à 55.000 euros, mais avec la hausse de la TVA celui-ci est maintenant à 56.000 euros. Un courrier du directeur de l'ASTA annonce qu'un nouveau texte au sujet du taux des subsides est en cours, il faut donc attendre celui-ci avant de savoir le montant des subsides pour la commune.

**Monsieur Camille Thomé (conseiller, CSV)** se réjouit du fait que la voirie rurale sera enfin remise en état. Il ajoute qu'en ce moment il y a des travaux sur l'antenne et qu'il vaudrait mieux que les rénovations de la voirie se fassent après. De plus, il faut penser à mettre des bancs sur ce chemin ainsi qu'une table de picknick par exemple.

**Vote unanime**

#### 4.4 Devis enregistrement électronique des dossiers du Biergerzenter

**Monsieur le bourgmestre John Lorent (LSAP)** expose le problème lié à l'armoire du genre « pater-noster » avec tous les documents archivés du Biergerzenter. Il a été proposé de remplacer ce meuble et de scanner tous les documents afin de les rendre accessibles via ordinateur. Le devis pour le scan des documents en question ainsi que l'achat d'un scanner s'élève à 15.000 euros.

**Monsieur Romain Becker (conseiller, DP)** liste ses questions à ce sujet : est-il possible qu'un habitant puisse suivre son dossier en ligne tel que c'est le cas pour à la Ville de Luxembourg ? Si une société externe scanne les documents, n'y a-t-il pas de conflits relatifs avec la confidentialité des données ? Monsieur le bourgmestre rétorque qu'il faut une société externe, car il n'y a pas de disponibilités en heures et en hommes dans le Biergerzenter et il s'agit d'une très lourde tâche. Les personnes qui seront engagées à cet effet signeront une déclaration au sujet de la protection des données. Le projet d'implémentation d'un programme de suivi des dossiers est envisageable, mais ne fait pas partie du projet de scanning des documents.

Monsieur Romain Becker s'interroge sur le stockage des données et sur le serveur qui sera utilisé. Monsieur le bourgmestre explique que les données sont stockées sur le serveur de la commune, mais il ne sait pas où les données sont dupliquées. Il se renseignera auprès de Monsieur Lambert. Monsieur Romain Daubenfeld (conseiller, LSAP) regrette que le scanning n'ait pas commencé plus tôt et que le programme de suivi des dossiers ne puisse pas encore être mis en place.

**Vote unanime**

### 5. Aménagement

**Monsieur le bourgmestre John Lorent (LSAP)** n'a pas d'explication sur le fait que le document relatif à l'aménagement soit aussi long, de nombreux changements ont été intégrés par la commission des bâtisses. Il faudrait d'après lui envisager que la commission de l'urbanisme contrôle ce document. Il présente les deux approches qui s'offrent au conseil communal : la première est de d'adapter le PAG suivant la loi de 1974/2004 soit de refaire un nouveau PAG. Aujourd'hui, l'article 11 d) doit être discuté et rectifié, car une erreur relative aux zones d'aménagement particulier s'y était glissée. Ensuite, le document sera renvoyé à la commission de l'urbanisme et des bâtisses.

**Monsieur Jean Weiler (conseiller, CSV)** s'interroge sur le PAP et s'étonne que seule la rue Neuve soit concernée. Cette rue est classée « zone faible densité », mais au vue de l'installation d'un centre médical, il faudrait qu'elle soit classée dans « zone moyenne densité ». Monsieur le bourgmestre confirme que ce point est important et explique que la commune est liée légalement à publier un avis dans quatre journaux différents au sujet de ce changement. Monsieur Romain Daubenfeld (conseiller, LSAP) avoue que le fait que le document ne soit pas passé par la commission des bâtisses est une erreur et il souligne l'importance de l'avancement du projet « Centre médical ».

**Monsieur Romain Becker (conseiller, DP)** rappelle qu'il y a 27 pages de modifications et que celles-ci sont très techniques ; il faut que la commission de l'urbanisme se réunisse pour les prendre en compte. En outre, il souhaiterait avoir plus d'informations de la part de ladite commission, car personne ne semble savoir où la revue du document en est. Il déplore le manque de visibilité et de transparence dans les projets liés à l'aménagement. Monsieur le bourgmestre souligne que c'est un travail minutieux et que l'élaboration d'un PAG est une tâche compliquée et chronophage. Avant le vote provisoire du PAG, il faudra que le conseil se réunisse en séance de travail afin d'en discuter concrètement.

**Vote unanime**

### 6. Commissions consultatives

**Monsieur le bourgmestre John Lorent (LSAP)** liste les différents points à l'ordre du jour : Monsieur Julien Cadé (CSV) a démissionné de la com-

mission de l'environnement, de la commission de la culture et de la commission des sports et des loisirs. Monsieur Patrick Donven (CSV) a démissionné de la commission de la jeunesse. Monsieur Romain Daubenfeld a démissionné de la commission des bâtisses. Monsieur le bourgmestre souhaite procéder à un vote groupé pour ces cinq démissions. Monsieur Kim Jacob a démissionné de la commission des sports et loisirs.

**Vote unanime**

Par ailleurs, Monsieur le bourgmestre John Lorent (LSAP) présente les personnes souhaitant intégrer différentes commissions : Madame Sandra Darquenne (CSV) pour la commission de l'environnement ; Madame Diane Hoffmann, épouse Thein (CSV) pour la commission de la culture ; Monsieur René Thein (CSV) et Monsieur Patrick Donven (CSV) pour la commission des sports et des loisirs ; Madame Dany Donven (CSV) pour la commission de la jeunesse et Monsieur Nico Migliosi (LSAP) pour la commission des bâtisses.

**Vote unanime**

### 7. École de musique

#### 7.1 Organisation scolaire 2014/2015

**Monsieur le bourgmestre John Lorent (LSAP)** est agacé par le fait qu'à chaque séance, l'école de musique soit mise à l'ordre du jour. Il a demandé au secrétariat de créer un tableau synthétique dédié à toutes les propositions de réorganisation de l'école depuis les dernières dix années. Monsieur Marcel Humbert (échevin, LSAP) explique qu'en 2014 une convention provisoire a été votée, car l'UGDA n'avait pas encore le nombre exact d'enfants inscrits à l'école de musique. Le montant provisoire de la convention était 20.296,46 euros, mais cette année moins d'enfants sont inscrits et le montant a donc baissé à 18.219,08 euros. Le 15 septembre 2014, 9.000 euros ont été versés ; le 15 janvier 2015, 3.000 euros ont été versés et il reste donc au 15 avril 2015, 6.000 euros à verser.

**Vote unanime**

### 7.2 Avenant à la convention

**Monsieur le bourgmestre John Lorent (LSAP)** soumet la convention définitive au vote.

**Vote unanime**

### 8. Personnel

#### 8.1 Indemnité pour perte de caisse

**Monsieur le bourgmestre John Lorent (LSAP)** rappelle que trois personnes travaillent au service des recettes et qu'il s'agit ici de voter une indemnité de perte de caisse pour le M. Lutgen. Celui-ci livre un très bon travail et sera à même de remplacer Madame Weiler si celle-ci prend sa retraite.

**Monsieur Romain Becker (conseiller, DP)** est étonné par l'existence de tels titres et règlements dans la fonction publique, il souligne que ceci n'existe pas dans le privé. Monsieur le bourgmestre explique que les recettes des communes sont constituées par des taxes et que lorsqu'il y a une différence dans la caisse, le receveur doit rembourser la différence à l'État. Dans le privé, cette différence serait ajoutée dans « profit et pertes ».

**Vote unanime**

#### 8.2 Conversion de poste d'ingénieur technicien

**Monsieur le bourgmestre John Lorent (LSAP)** annonce qu'un poste d'ingénieur technicien est vacant depuis que Monsieur Marcel Wilwert a eu sa pension pour invalidité. La commune n'a pas besoin d'un technicien en plus, mais d'un rédacteur qui serait en charge de la rédaction de rapports à soumettre au collège des bourgmestres et échevins. Le poste de technicien sera donc modifié en poste de rédacteur.

**Monsieur Jean Weiler (conseiller, CSV)** est d'avis qu'il s'agit d'une création de poste « voilée », car à l'époque l'ingénieur diplômé et le technicien pouvaient occuper deux postes différents, puis le poste d'ingénieur diplômé a été supprimé. Avec la conversion de poste citée précédemment, il souligne qu'il y a donc bien un second poste qui est créé et il n'approuve pas cela. Monsieur le bourgmestre lui concède le droit de ne pas être d'accord, mais le

poste sera tout de même créé dans l'intérêt de l'administration.

**Monsieur Romain Becker (conseiller, DP)** affirme qu'un ingénieur diplômé pourrait tout aussi bien rédiger un rapport. Il sait que la rédaction de rapport ne plait pas toujours aux techniciens, mais que ceux-ci sont très importants afin d'éviter des procès par après; il faut des traces écrites. Il ne voit pas l'avantage d'engager un rédacteur au lieu d'un ingénieur technicien. Monsieur le bourgmestre expose l'historique de cette décision et le fait que Madame la secrétaire Nadine Braconnier avait des arguments tangibles en faveur de cette conversion.

**\*8 voix en faveur de la conversion (LSAP, déi Gréng), 4 voix contre (CSV, DP)\***

### 8.3 Conversion d'un poste d'expéditionnaire administratif

**Monsieur le bourgmestre John Lorent (LSAP)** soumet la conversion d'un poste d'expéditionnaire administratif en poste de rédacteur au vote, car l'expéditionnaire en question a refusé son changement de carrière.

**Vote unanime**

## 9. Questions des conseillers

Questions des conseillers Camille Thomé et José Gonçalves

**Monsieur Camille Thomé (conseiller, CSV)** déplore le comportement de certains membres du personnel qui ne respectent pas leurs heures de travail et arrivent en retard le matin. Cela contribue d'après lui à un mauvais climat de travail. Monsieur le bourgmestre est conscient de ce problème et le collègue des bourgmestre et échevins a pris ses responsabilités en émettant des consignes très claires. Dans le service des régies, certaines jeunes personnes manquent de discipline et n'ont pas encore pris le rythme de la vie active, mais des mesures disciplinaires seront envisagées si ces personnes n'arrivent pas à l'heure au travail. Il rappelle qu'il est toujours délicat de parler de ce genre d'affaires de personnel lors du conseil communal public; des cas concrets devront être discutés en session à huis clos.

Monsieur le bourgmestre partage l'avis de Monsieur Thomé concernant le respect des heures de travail et souligne que la situation s'est améliorée et qu'il faut toujours une piqûre de rappel à l'ordre dans ce genre de cas.

Monsieur Camille Thomé se réjouit d'entendre que la situation semble aller de l'avant, mais il répète son mécontentement face à l'abus de certains jeunes travailleurs qui se permettent des retards consécutifs. Monsieur Romain Daubenfeld et Monsieur le bourgmestre tiennent à aborder ce sujet en session à huis clos et donnent la parole à Monsieur José Gonçalves concernant des toilettes pour chiens dans les parcs et autour du terrain de foot.

Certains habitants se plaignent qu'il y ait des excréments de chiens sur les trottoirs. Ces toilettes (un bac à sable en bois) ne coûtent pas une fortune et sont utiles d'après lui. Monsieur le bourgmestre met en exergue qu'il s'agit d'un thème controversé et qu'il va être difficile de définir les endroits stratégiques où placer ces toilettes.

**Monsieur Nico Migliosi (conseiller, LSAP)** acquiesce, mais il ne pense pas que ces toilettes pour chiens soient la solution; il vise plutôt l'idée d'introduire des sanctions sévères d'un point de vue pécuniaire tel que cela se fait en Autriche par exemple. Un éventail de sanctions serait plus utile pour sensibiliser les habitants.

**Monsieur Patrick Brücher (échevin, déi gréng)** partage la même vision des choses et ne considère pas des toilettes pour chiens comme une réelle solution. Il propose plutôt des pelouses pour chiens, des espaces verts où les chiens pourraient faire leurs besoins. Enfin, il souhaiterait vivement voir les habitants utiliser les sachets mis à leur disposition pour nettoyer les excréments de leurs chiens.

**Monsieur Romain Becker (conseiller, DP)** intervient pour souligner qu'un chien reste un animal et que c'est au propriétaire de veiller à ce que la commune reste propre. Il ne croit pas à la mise en place de toilettes pour chiens, les sanctions lui paraissent plus efficaces. Les espaces verts ne manquent pas dans la commune et des sachets spéciaux sont mis à la disposition des habitants; il ne pense pas qu'une autre solution sera trouvée pour pallier ce problème. Les habitants avancent souvent l'argument selon lequel ils paient déjà une taxe pour leur chien et que leur chien peut dès lors faire ses besoins partout.

**Monsieur Marcel Humbert (échevin, LSAP)** est

outré par cet argument.

**Madame Viviane Schenten-Petry (conseiller, déi gréng)** ajoute que le même problème se pose près de l'école Alexandra et du Zwergeland. La fraction déi gréng a soulevé cette problématique et il faut plus d'espaces pour les chiens aux alentours des écoles ainsi que plus de distributeurs de sachets. Elle accueille l'idée d'une sanction pour les propriétaires de chiens.

**Monsieur José Gonçalves** se félicite d'avoir mis ce point à l'ordre du jour. Monsieur le bourgmestre rappelle qu'il existe un règlement de police avec une interdiction de «souiller les parties publiques du territoire», mais que l'agent municipal a déjà du mal à gérer les mauvais stationnements. Il propose une solution intermédiaire en attendant de pouvoir introduire des sanctions, deux ou trois endroits verts seront mis à disposition des chiens pour soulager leurs besoins.

## Gemengerot Sëtzung vum Donnëschen, 19. Mäerz 2015

**Dauer :** vun 15h00 bis 17h00

**Präsenz :** John Lorent, Buergermeeschter, Marcel Humbert an Patrick Brücher, Schäffen, Romain Becker, Carlo Birchen, Romain Daubenfeld, José Gonçalves, Nico Migliosi, Viviane Petry, Camille Thomé, Jean Weiler, Conseiller'en, Nadine Braconnier, Sekretärin.

**Entschëllegt :** Astrid Belleville an Patrick Krings

### Ordre du jour :

#### 1. Korrespondenz an Informatiounen

#### 2. Kontrakter an Conventiounen

- 2.1 Konventioun Sales-Lentz « Night rider »
- 2.2 Konventioun mise à disposition « Initiativ Liewensufank a.s.b.l. »
- 2.3 Contrat de bail Sudgaz S.A.
- 2.4 Contrat d'entretien /licence du logiciel REGCIRC pour règlements de circulation
- 2.5 Contrat de maintenance vun de Chaudières

#### 3. Syndicats

- 3.1 Adhésioun bei de Sigi vun de Gemengen Fischbach, Colmar-Berg, Wahl an Goesdorf

#### 4. Finanzen

- 4.1 Devis « Réaménagement extérieur Widem »
- 4.2 Devis « Acquisition central téléphonique »
- 4.3 Devis « Etude hydrogéologique des sources rue de l'eau »
- 4.4 Devis « Borne électrique parking Brill »
- 4.5 Devis « Acquisition de détecteurs de fuite »
- 4.6 Devis « Mesures de sécurité »
- 4.7 Devis « Acquisition de matériel service jardinage »
- 4.8 Devis « Remplacement de deux camionnettes »

#### 5. Kommissiounen

- Nominatioun vun engem Expert an d'Emweltkommissioun
- Nominatioun vun engem Member an d'Intégratiounskommissioun

#### 6. Règlementer

- Règlement iwwert d'Prise en charge vun de Fraisen vum Führerschäin fir d'Memberen vum Centre d'intervention vu Käl

#### 7. PAG

- Modification ponctuelle – partie graphique

#### 8. Punkten vun de Conseilleren Nico Migliosi an Romain Becker

#### 9. Froen vun de Conseilleren

### 1. Korrespondenz an Informatiounen

#### John Lorent, Buergermeeschter (LSAP):

Et ass Punkt 3, da kënnen mer mat eiser öffentlecher Sitzung ufänken. Ech geng iech ganz häerzlech begrëssen. Et ass ganz vill Administratives op der Tagesordnung. Madame Braconnier kann elo feststellen loossen, ween als éischt aus der Urne gezunn gëtt. An dat sinn ech selwer.

Ech well d'Madame Belleville nach entschëllegen, si ass an réconvalescence, sie ass déi lescht Woch operéiert ginn. An den Här Krings deen ass zu Hawai an huet déi besser Ursach ze feelen.

Dir hutt eng Statistik virleien well den Delegéierten vun de Fonctionnaires gefrot huet wéi et ausgesäit mat eisem neien System vun den Öffnungszäiten. Lo hu mer e Bilan intermédiaire gemaach tëschent dem 17.09.2014 an 04.03.2015 wéivill Leit während den supplémentären Zäiten hei op der Gemeng waren an dat waren der am Ganzen 123. Et ass nach ze fréi fir Conclusiounen ze zéien an mir haten gesot, dass mer deen Test e Joer gengen maachen. Delegatioun hat schonn gemengt se kéint Conclusiounen zéien mee mir hunn eis op e Joer gëeenegt also maache mer dat och. Et ass awer elo net esou wéi den Englänner seet: "The wave" mee ech mengen dat wossten mer allegueren.

#### Jean Weiler, Conseiller (CSV):

Wat elo nach flott wier ze wëssen dat ass wéivill Leit zu deenen normalen Öffnungszäiten kommen.

#### John Lorent, Buergermeeschter (LSAP):

Dat hu mer och diskutéiert an dat kucken mer och.

### 2. Kontrakter an Conventiounen

#### 2.1 Konventioun Sales-Lentz "Nightrider"

John Lorent, Buergermeeschter (LSAP):

De Minister du Développement durable huet gesot e géif déi ganz Saach mam Transport an der Nuecht op de Leescht huelen Uganks 2015 an déi hei Konventioun geet och just bis den 31. August 2015. Als Complément d'information wollt ech iech soen, dass den Night-Rider eis pro Exercice 18.000 Euro kascht. 2014 waren 80 Kaarten verdeelt. Dëst Joer hunn sech bis haut eréicht 7 Leit gemellt fir esou eng Kaart ze sollicitéieren. Et ass also keen Undrang. Mir sauvegardéieren deen Service elo just bis zum Schluss vun der grousser Vakanz an kucken an der Tëschenzäit en analogen Service ze garantéieren wann d'Informatioun elo definitiv gëtt, dass de Staat net méi den Night Rider finanziert.

#### Romain Becker, Conseiller (DP):

Dir schwätzt vun 80 aktive Kaarten, wëssen mer dann och wéi oft den Night Rider benotzt ginn ass?

#### Carlo Birchen, Conseiller (LSAP):

Ech hunn zoufälleg den Décompte hei leien. Do sinn 80 Kaarten drop an 972 Trajeten déi realiséiert goufen.

#### John Lorent, Buergermeeschter (LSAP):

Dat sinn der jo awer nawell.

#### Jean Weiler, Conseiller (CSV):

Mir hunn gesinn, dass do Tariffer proposéiert ginn mat Beispiller. Do wollten mer wëssen wéi eng Tariffer elo vun der Gemeng applizéiert ginn.

#### John Lorent, Buergermeeschter (LSAP):

Dir wësst jo, dass mir déi eenzeg Gemeng sinn déi fir déi Jugendlecher bis 26 Joer de Service gratis ubitt. Déi sinn natierlech do an deenen 18.000 Euro mat dran. Ech mengen och, dass dat richteg ass, dass mer dat esou gemaach hunn. An bei deenen aneren mussen mer wierklech detailléiert an d'Comptabilitéit vun Sales-Lentz kucken goen fir ze wëssen wéi sie dat fakturéiert hunn. Et kann een et méi detailléiert kucken mee méiglecherweis ass dat "Moutarde après dîner", wann mer déi Statistik bréngen hunn mer schonn en neien System.

#### Romain Daubenfeld, Conseiller (LSAP):

Ech mengen mir sollten awer kucken fir esou en Service bäizebehalen, wéinstens fir déi Jugendlech, well et ass positiv wann Freides a Samschdes den Night Rider ënnerwee ass an, dass se net fueren wann se e Patt gedronk hunn. De Service sollen mer och weiderhin probéieren dobaussen bekannt ze maachen.

#### Camille Thomé, Conseiller (CSV):

Dir hutt gesot, dass et flott ass, dass déi Jugendlech gratis sinn mee wat bezuelen dann déi Erwuessen?

#### John Lorent, Buergermeeschter (LSAP):

Dat geet dem Tarif no, et hänkt dovun of zu wéivill der fuert.

#### Camille Thomé, Conseiller (CSV):

Wier et dann net méiglech, dass een ab engem gewesenen Alter méi bëlleg fiert, zum Beispill ab 60 Joer?

#### John Lorent, Buergermeeschter (LSAP):

Mir sinn jo just am gaangen hei ze diskutéieren oder ass dat e formellen Antrag? Well dir wësst jo, dass en formellen Antrag muss schrëftlech gemaach ginn, mee mir huelen déi Ureegung mat bei den Négociatiounen. Déi Saach mat de Jugendlechen war och eng Iwwerrasschung fir déi aner aus dem Pro-Sud deemools, an déi waren net ganz frou doriwwer. Mee dat do kucke mer.

#### Jean Weiler, Conseiller (CSV):

Mir sinn frou, dass déi Konventioun hei gemaach gëtt, vu dass mer en Antrag gemaach hunn aus dem Pro-Sud eraus ze goen. Obwuel déi aner Gemengen eis net wëllen goen loossen huelen mir awer d'Initiativen wéi wann mir net méi Member wieren. Mir sinn also onofhängeg. Dann wollt ech nach d'Alternative vun Late-Night Bus uschwätzen. Wann déi meescht Trajeten an eng Richtung, z.B an d'Staat féieren da wier dat sënnvoll.

#### John Lorent, Buergermeeschter (LSAP):

Dat mussen mer dann kucken. Da géif ech zum Vote wëllen kommen.

### Eestëmmege vote

#### 2.2 Konventioun mat der Initiative Liewensufank a.s.b.l

#### Patrick Brücher, Schäffen (déi gréng):

Mir haten eng Konventioun mat der Initiative Liewensufank ofgeschloss fir eng Begleedung fir d'Elteren unzebidden oder fir déi déi et wëllen ginn. Et gëllt bis zum 2. Liewensjoer vum Kand. Dat ass e Pilotprojet vun zwee Joer, dono gëtt en évaluéiert. Sie ginn bei d'Leit heem mee se brauchen awer och eng Ulafstell hei an der Gemeng. Dofir hunn mer eis decidéiert hinnen Raimlechteken an der Maison Régine zur Verfügung ze stellen wou esou Konsultatiounen kennen stattfannen. Déi Mise à disposition leeft esou laang wéi de Pilotprojet, also zwee Joer.

#### Camille Thomé, Conseiller (CSV):

Wat vläicht och eng Ureegung ass, wann een e Kand hei umellen kennt, da kéint en jo automatesch Informatiounsmaterial doriwwer matkréien an dann ass een och dorop virbereet wann een kontaktéiert gëtt.

#### Patrick Brücher, Schäffen (déi gréng):

Dat ass och esou ausgemaach: De Biergercenter huet

dat Informatiounsmaterial do leien an gëtt de Leit et mat wann se e Kand umellen kommen.

**Romain Becker, Conseiller (DP):**

Ech hu mer just d'Fro gestallt wéi déi Associatioun gewuer gëtt, dass Leit e Kand kritt hunn.

**Patrick Brücher, Schäffen (déi gréng):**

Dat haten mer jo schonn déi leschten Kéier diskutéiert wéi mer d'Konventioun gestëmmt hunn. De Biergercenter gëtt déi Informatiounen vertraulech un d'Associatioun weider an déi mellen sech dann bei de Leit a proposéieren e RDV deen d'Leit awer selbstverständlech kennen ofsoen wann de dat net wëllen.

**Romain Becker, Conseiller (DP):**

Ech gesinn dat als kriteschen Punkt un well déi hunn just en Statut vun enger A.s.b.l. an de Punkt vum Datenaustosch muss geregelt sinn. All Veräin muss seng Database vun sengen Memberen déclaréieren. An do wär et awer och gutt wann an der Konventioun dee klengen Detail deen eis awer elo wichteg erschénge mat dran wier.

**Patrick Brücher, Schäffen (déi gréng):**

Aus deenen Grënn huet Baby+ och d'Commission de la Protection des données saiséiert déi awer en positiven Avis ofginn hunn.

**Romain Daubenfeld, Conseiller (LSAP):**

Den Artikel 7 seet awer och kloer, dass de Schäfferot iwwert all Schrëtt informéiert gëtt deen se maachen, do ass also eng gewëssen Kontroll.

**John Lorent, Buergermeeschter (LSAP):**

Dass mer awer elo wëssen iwwert wat mer schwätzen: Hei geet et em eng Konventioun wou d'Gemeng der A.s.b.l. Raimlechkeeten zur Verfügung stellt. Déi aner Konventioun hu mer schonn diskutéiert an all d'Froen sinn schonn beäntwert ginn an déi ass hei duerchgewénkt ginn.

**José Goncalves, Conseiller (CSV):**

Déi mise à disposition, wéi gesäit dat zäitméisseg aus: eemol an der Woch?

**Patrick Brücher, Schäffen (déi gréng):**

Et steet am Artikel 2.

**John Lorent, Buergermeeschter (LSAP):**

Da gi mer bei de Vote.

**Eestëmmege vote**

**2.3 Contrat de Bail Sudgaz**

**John Lorent, Buergermeeschter (LSAP):**

Mir sollen der Firma Sudgaz s.a. 9 m2 zur Verfügung stellen do uewen beim Center vun der Post op enger Parzelle fir eng "station de détention" dohinn ze setzen, ech weess net ob dat elo fir grouss Diskussiounen hei suergt. Wann keng Wuertmeldungen sinn da stellen ech déi Conventioun och zum Vote.

**Eestëmmege vote**

**2.4 Contrat vum Logiciel REGCIRC**

**John Lorent, Buergermeeschter (LSAP):**

D'Memberen vun der Verkéierskommissioun wëssen dat: De Bureau d'Etude huet e speziellen Logiciel entwéckelt fir dat ganz ze iwwerwaachen. Den Dossier ass a Versuch geroden well un der Nomenclature gedoktert ginn ass. Et soll also eng informatesch Gestiou vun de Verkéiersreglementer gemaach ginn. Den Här Künsch deen sech bei eis drëm këmmert sot e géif d'Saisie selwer gären maachen. Ech mengen, dass Schroeder&Associés awer déi Saisie soll maachen, fir dass mer esou séier wéi méiglech kennen operationell sinn an de Service Circulation just d'Adaptatiounen muss maachen. Et ass also déi selwecht Nomenclature wéi de Staat se huet. Ech mengen, dass et eng gutt Saach ass well mer d'Gemeng informatesch op en Niveau setzen, dass mer mat den staatlechen Ulafstellen kennen kommunizéieren. Et kascht 200 Euro de Mount an natierlech de Forfait fir d'Acquisitioun.

**Romain Becker, Conseiller (DP):**

Dat ass eng gutt Saach, dass een do mol bëssen Uerdnung drakënnt, dass een eng Nomenclature kritt déi mam Staat iwwereneen stëmmt. Wann een sou eng Uschafung mécht muss een jo e prakteschen Aspekt dobäi gesinn. Dofir hunn ech mir eng Fro gestallt: Wann mer dat schonn an enger elektronischer Versioun hunn da geng et sech jo ubidden, dass mer déi Informatioun direkt op eisem Site kennen publizéieren. Dat kann wichteg sinn am Fall vun Accidenter. Déi Software kéint eis jo erlaben d'Réglemets d'urgence eisen Bierger matzedeelen.

**John Lorent, Buergermeeschter (LSAP):**

Dat huelen mer zur Kenntnis an dat ass eng gutt Ureegung. Déi Instructiounen sinn awer elo schonn eraus, dass d'Réglemets d'urgence dem Här Assa matgedeelt ginn fir dass se elo schonn um Site publizéiert ginn.

**Patrick Brücher, Schäffen (déi gréng):**

Ech stemmen där Ureegung do voll a Ganz zou a wär frou wann sou Informatiounen direkt op de Site genge goen.

**Jean Weiler, Conseiller (CSV):**

Mir begréissen, dass déi Software ugeschaf gëtt fir de Leit d'Arbescht ze erliichteren, respektiv fir ëmmer à jour ze sinn. Et wär e flotten Zousaz wann all Informatioun parallel um Internet publizéiert géif ginn.

**Carlo Birchen, Conseiller (LSAP):**

Mir an der Verkéierskommissioun hunn deen Dossier hei ganz sérieux traitéiert an hunn vill Informatiounen erageholl. D'Memberen alleguer hunn dësen Outil begréisst well et d'Prozeduren vereinfacht. Mir waren der Meenung, dass et eng gutt Uschafung wier.

**John Lorent, Buergermeeschter (LSAP):**

Da geng ech de Vote vun där Acquisitioun virhuelen.

**Eestëmmege vote**

**2.5 Contrat de Maintenance vun de Chaudières**

**John Lorent, Buergermeeschter (LSAP):**

D'Chaudières, och dat ass eppes wou eng grouss Viraarbecht gelescht ginn ass. Goblet&Lavandier huet e Cahier des charges ausgeschafft fir deen Contrat d'entretien ze maachen. Mir hunn 29 Gebaier mat Chaudières ze géréieren. Déi Aarbechten sinn also ausgeschriwwen ginn an d'Firma ELKO war déi bëllegst an si ginn och vun Goblet recommandéiert. De Präiss dovun beleeft sech op 14.887,40 Euro HTVA fir dräi Joer. Et ginn Leit hei déi sech mat esou Installatiounen besser auskennen wéi ech selwer.

**Romain Becker, Conseiller (DP):**

Ech mengen et ass eng gutt Saach wann mol iwwert d'Chaudières gekuckt gëtt well et ass do wou een konkret kann usetzen wat d'Energiespueren ugeet an och wëll kucken ob alles richteg funktionéiert. Mir hunn hei mat enger Firma ze dinn, mee ass do och an der Gemeng gefrot ginn ob net een vun hei déi Maintenance kéint assuréieren?

**John Lorent, Buergermeeschter (LSAP):**

Déi Aarbechten sinn ausgeschriwwen ginn. Et ass natierlech net jiddereen utiléiert fir dat ze maachen, et waren quasi just deck Boiten drënner.

**Jean Weiler, Conseiller (CSV):**

De Chiffer schénge op den éischten Moment héich, wann een awer kuckt wat do alles mat dran ass, dann ass en awer gerechtfäerdeg. Ech hu gesinn do sinn och d'Gas an d'Brandmeldeanlagen dran.

**John Lorent, Buergermeeschter (LSAP):**

Detecteurs jo, awer just déi am Beräich vun der Chaudière, déi Aaner lafen mat enger anerer Firma. Wa soss

keng Wuertmeldungen sinn da kommen mer zum Vote.

**Eestëmmege vote**

**3. Adhésioun an de SIGI vun de Gemengen Fëschbesch, Colmar-Bierg Wahl an Goesdorf**

**John Lorent, Buergermeeschter (LSAP):**

Ech huelen un, dass déi Gemengen wëssen, dass wann se eemol wëllen aus dem SIGI eraus wëllen goen, dass se eng 2/3 Majoritéit vun de Memberen brauchen. Ech huelen un do sinn keng Wuertmeldungen.

**Eestëmmege vote**

**4. Finanzen**

**4.1 Devis « Réaménagement extérieur Widdem »**

**John Lorent, Buergermeeschter (LSAP):**

Am Budget hu der gesinn, dass mer do wëllen investéieren. De Projet gëtt vun eisen eegene Leit gemaach, den Devis huet den Chef vum Service technique gemaach. Et ass virgesinn en neien Raider ze bauen, deen behëtzt ass. Et kennt och en LED-Écran mat dobäi fir Informatiounen vun der Gemeng ze visualiséieren. Eng Borne électrique fir d'Elektrogefrierer kennen opzelueden, e Passage fir d'Poussetten. Mir hunn vill Problemer mam Pavé, dass en lass geet, dofir gëtt en Pavé de Béton gemaach op de Circulatiounsflächen. Da gëtt nach de Monuments aux morts déplacéiert an den Deel hei um Widdem wou keen Verkéier ass, doriwwer hu mer schonn geschwat. Mir kréien dann do e puer supplémentaire Parkplazen mat Parkzäitbegrenzung wou d'Monument stung an dat Gepilgers fir d'Commemoratioun héiert op, da stinn mer fest op enger roueger Plaz. Et ass och eng Tranchée virgesinn fir de Glasfaserkabel bis an d'Maison relais ze leeën. Dat Ganz soll 185.676,47 Euro kaschten.

**Romain Becker, Conseiller (DP):**

Mir hunn eis den Devis an der Fraktioun ugekuckt, mir hunn awer Froen: Kréien mer do keen Problem, dass iwwert den Trottoir gefuer gëtt fir op déi nei Parkplazen ze kommen déi an der Plaz vum Monuments aux morts kommen?

**John Lorent, Buergermeeschter (LSAP):**

Do mussen mer definitiv de Plang ofwaarden. Fir d'éischt gëtt mol d'Monument ewech geholl. Dono muss natierlech gekuckt ginn, dass net iwwert den Trottoir gefuer gëtt.

**Romain Becker, Conseiller (DP):**

Egal wéi een dat aménagéiert muss ëmmer iwwert den Trottoir gefuer ginn an fir d'Kanner gëtt dat schwierig.

**John Lorent, Buergermeeschter (LSAP):**

Dat ass ganz richtig gesinn. Mir müssen kucken wéi mer dat am Beschten léisen, dass d'Leit do net hannerzeg manövréieren. Dat soen mer eisem Architekt.

**Viviane Schenten, Conseiller (déi gréng):**

Ass dann un Kiss&Go Parkplazen geduecht ginn?

**John Lorent, Buergermeeschter (LSAP):**

Et soll hei um Widdem eng Zone de Rencontre kommen. Dat sinn awer alles Diskussiounen déi mer féieren wann et esou wäit ass.

**Camille Thomé, Conseiller (CSV):**

D'Spillplaz déi elo do ass bléift déi bestoen? An nach eng aner Saach: Mir hunn e Minister an der Staat deen schléit Hektare vun Beem ewech an mir froen eis elo firwat mir müssen 1.500 Euro bezuelen fir e Bam ze ver-setzen. Kennt der eis soen wéi een et ass?

**John Lorent, Buergermeeschter (LSAP):**

Jo dat bleift alles beim Allen mat der Spillplaz. Et ass de Bam beim Monument. Mir seeën en awer net ëm. Dee Bam kascht richtig eppes, et ass 10x méi rentabel en ze retten wéi en neien ze kafen.

**Camille Thomé, Conseiller (CSV):**

Fir déi Suen kennt der awer vill kafen. Dir hutt bei de Pompjeeën gekrasch, dass de Staat eis elo nach man-ner Suen gëtt mee dat do sinn Suen ewech geheet.

**John Lorent, Buergermeeschter (LSAP):**

Ech sinn perséinlech der Meenung, dass dat just är Meenung ass. Ech stinn dozou, dass mer deen Bam halen.

**Camille Thomé, Conseiller (CSV):**

Dir géngt genee dat selwecht soen wann dir hei géngt setzen.

**Patrick Brücher, Schäffen (déi gréng):**

Et ass e schützenswerten Bam an ech gesinn net an fir-wat mer deen elo sollen kappen.

**Jean Weiler, Conseiller (CSV):**

Ech wollt just nach eppes froen: Do steet "fourniture d'un Ecran LED", mee et steet awer keen normalen Rai-der méi dran.

**John Lorent, Buergermeeschter (LSAP):**

Den Écran ass e Complément, béides kennt dohin.

**Romain Becker, Conseiller (DP):**

Mir haten jo schon eng Diskussioun iwwert LED-Écranen. Do hunn ech och schon driwwer geschwat, dass ech fannen, dass een sech dat soll Sponsoren loossen, dass et d'Allgemengheet näischt kascht.

**John Lorent, Buergermeeschter (LSAP):**

Dat ass äert Rescht dat ze denken. Ech ginn dat dann zum Vote.

**Eestëmmege vote****4.2 Devis "Central téléphonique"****John Lorent, Buergermeeschter (LSAP):**

Mir hunn 80.000 Euro am Budget an wéi duerch e Won-ner kascht se 79.992,90 Euro. Mir hunn hei schon beim Budget driwwer geschwat ob eng nei Zentral nout-wenneg ass. Eis Servicer mengen et wier noutwenneg also hu mer deem och Rechnung gedroen. Et sinn 152 Posten virgesinn. Dat hei ass en Upgrade fir déi nächst Joeren.

**Romain Becker, Conseiller (DP):**

Mir haten effektiv eng Passe-d'Armes dodriwwer well et eng grouss Uschafung ass. Déi nei Zentral erlaabt méi wéi nëmmen ze telefonéieren, et kéint een eventuell Vi-deoiwwerdroung maachen, dat kéint interessant sinn fir modern Technologien anzesetzen.

**Jean Weiler, Conseiller (CSV):**

Ech hu mech informéiert wat do alles dran ass. Ech gesinn elo d'Problematik well d'Gebaier vun der Gemeng all esou wäit auserneen leien an et sinn och ganz nei Posten dobäi. De Präis ass héich mee schéngt mer ge-rechtfäerdeg.

**John Lorent, Buergermeeschter (LSAP):**

Ok Merci dofir. Da kommen mer zum Vote

**Eestëmmege vote****4.3 Devis "Etude hydrogéologique des sources rue de l'eau »****John Lorent, Buergermeeschter (LSAP):**

Dir gesitt wat do alles muss analyséiert ginn fir ze kucken ob mer déi Quellen iwwerhaupt kennen notzen fir Dréinkwaasser ze maachen. 15.000 Euro müssen mer fir déi Étude investéieren. Ech muss iech soen fir mech ass dat e Must. Virun e puer Méint war an der Zeitung en Artikel iwwert Versorgungsengpäss déi op eis duerkom-men. Waasser ass e kostbart Gutt. Wann alles gutt geet kréien mer e pösitiivt Resultat an kennen eppes mam

Waasser ufänken an dat ass dans l'intêret general. Na-tierlech ass et och dono net geschenkt a mir müssen wahrscheinlech investéieren.

**Jean Weiler, Conseiller (CSV):**

Mir begréissen, dass d'Waasser net méi an d'Kläranlag fléisst an wann mer et dann nach als Dréinkwaasser kéinten benotzen, dat wier wierklech e groussen Fort-schrëtt deen begréissenswäert wier. Déi Installatiounen an der Waassergaass déi elo geluecht ginn, müssen déi dann nei gemaach ginn oder ass elo schon esou ep-pes virgesinn?

**John Lorent, Buergermeeschter (LSAP):**

Eisen Ingénieur hat dat virgesinn. Mir hunn do eng aner Dimensioun vun Leitungen geluecht fir den ieweschten Deel. Dat gëtt e bëssen e Surcoût mee mir brauchen et dono net frësch ze maachen.

**Romain Becker, Conseiller (DP):**

Hei am Süden sinn vill gutt Quellen. Et gi souguer Leit déi maachen Béier doraus. D'Fro vum Transport vum Waasser huet sech awer gestallt. Et brauch jo awer eng gewëssen Opbereedung, do brauchen mer Infrastruk-turen, an et muss jo och an d'Leitungen kommen. Wou kann een sou eppes man a wat ass virgesinn? Et gëtt eng Gemeng hei am Land déi fëllt hiert Waasser ein-fach a Flächen an schreiwen hiren Numm drop a ver-kafen se. Wann dat Waasser gutt sollt sinn da fannen mir, dass een sech all Optioun soll ophalen.

**John Lorent, Buergermeeschter (LSAP):**

Här Becker, natierlech huet Schroeder&Associés schon gekuckt. D'Aspeisung bei eis an der Gemeng fënnt jo iwwer de Kaaleberg statt. Wa mer ënnert der Cote vum Kaaleberg sinn da leeft d'Waasser an der Waassergaass iergendengem an de Keller. Et ass méiglech, dass en Ouvrage do gebaut gëtt, da gëtt d'Waasser eben erop gepompelt an un dat bestehend Waasserleitungs-netz ugeschloss. Mee sou en Ouvrage schléit richtig an d'Geld. Dat ass awer Zukunftsmusek. Lo waarden mer mol of wat hei eraus kënnt.

**Patrick Brücher, Schäffen (déi gréng):**

Ech si ganz frou, dass eis Gemeng esou wäitsichtig ass esou eng Étude ze maachen. Mir am Süden kennen d'Waasserknappheet och, zemoos am Héichsummer. Dofir fannen ech dat hei e ganz wichtege Schrëtt ze-mools en Vue vum Aménagement vun der rue de l'Eau wou mer méi déck Réier installéieren.

**John Lorent, Buergermeeschter (LSAP):**

Da loossen mer dat do och zum Vote kommen.

**Eestëmmege vote****4.4 Devis fir Installatioun vun enger Borne électrique op der Brillplaz****Patrick Brücher, Schäffen (déi gréng):**

Mir haten jo während de Budgetsversammlungen schon gesot, dass mer als Gemeng wëllen en Incentive maachen fir d'elektresch Gefierer och hei an der Gemeng ze promovéieren. An deem Kader hu der hei en Devis virléien an der Héicht vun 20.000 Euro fir d'In-stallatioun vun enger Borne électrique op der Brillplaz. Wisou déi Plaz, well Laangzäitparken do méiglech ass, well déi Autoen müssen jo 2-3 Stonnen ugeschloss sinn. Mir wäerten den Service elo emol gratis ubidden bis mer gesinn wéi Demande sech entwéckelt. Et ass e wichtege Projet fir déi Aart vu Mobilitéit ze fördern.

**Romain Becker, Conseiller (DP):**

Et stellen sech e puer Froen: Wou gëtt déi Borne iwwer-haupt opgestallt, fir dass een mam Elektroauto kann bäikommen, grad well op der Plaz jo och méi oft Ma-nifestatiounen sinn? Dann, sinn verschidden Réseau-en am gaangen opgebaut ze ginn an do gëtt et eng Marque déi mat T ugeet déi mat Elektromagnetismus ze dinn huet déi déi Bornen gratis opstellt duerch ganz Europa. Do wier d'Geleeënheet gewiescht fir d'Allge-mengheet eppes ze maachen, ouni dass et d'Allge-mengheet eppes geng kaschten. Déi stellen esouguer de Stroum gratis zur Verfügung. Sou wéi et ausgesäit ginn et där Bornen och schon hei zu Lëtzebuerg an dorun kann all Elektroauto opgelueden ginn. Ier een hei nees Suen ausgëtt misst een sech do informéieren ob dat net och eng Méiglechkeet wier.

**Jean Weiler, Conseiller (CSV):**

Dass e Réseau opgebaut gëtt fir elektresch Autoen schéint fir eis richtig ze sinn well d'Autoen gi réischt kaf wann Méiglechkeeten do sinn se opzelueden. Déi lescht Zäit huet d'Begeescherung an deem Domaine awer nogeloos. Ass et also Zukunft oder kennt nach eppes anescht? Op der Brillplaz gëtt jo nach eng ëffentlech Toilette installéiert, wier et dann net sënnavoll déi Aar-bechten zesummen ze maachen an domat Käschten ze spueren?

**Patrick Brücher, Schäffen (déi gréng):**

Den Här Weiler huet Recht, mir sinn an der Verpflich-tung esou e Réseau opzebauen. Ob et elo déi eenzeg Solutioun ass dat woen ech net ze behaupten, mee et ass eng Solutioun. Ech weess net ob et déi richtig Approche ass bei eng Privatentreprise froen ze goen fir eng Borne ze installéieren well dat hei ass e Projet deen mir an eiser eegener Verantwortung müssen droen.

**Romain Daubefeld, Conseiller (LSAP):**

Ech hunn e Problem domat wann d'ëffentlech Hand

sech sponsoren léisst vun engem Privatsponsor. Wann een dat mécht dann hätt en dono gären eppes als Géigeleeschtung an do maachen mer eis ofhängeg. Souwuel bei der LED Tafel wéi och bei der Borne. Ech verstinn, dass dir dat als Geschäftsmann sou gesitt mee d'öffentlech Hand soll dat selwer an d'Hand huelen.

#### **John Lorent, Buergermeeschter (LSAP):**

Här Daubenfeld, do sinn mir op enger Linn. Ech sinn do extrem skeptesch op et do nach em den Intérêt public geet. Wann der d'Billen vum Smog zu Paräis gesinn hutt, dann hoffen ech, dass mer net gläich an eng Situatioun kommen wou mer gezwongen ginn fir Elektroautoen ze huelen. Ech weisen drop hin, dass och eis Loftqualitéit net méi esou gutt ass, sou dass mir als Conseil eis domat mussen befaassen. Heimat maachen mir en Incentive. Wann elo eng privat Boîte kennt an eis gratis nach eng well installéieren da wäerten mer doriwwer diskutéieren, och wann den Här Daubenfeld elo de Kapp rëselt.

#### **Romain Becker, Conseiller (DP):**

Dat do wäert ech net matstëmmen well ech ganz einfach gesinn, dass der déi aner Méiglechkeet net wëllt préiwen, wat Schued ass. Natierlech wëllen d'Privatboiten Reklam maachen an Autoen verkafen. Elektroautoen maachen och Knascht an d'Batterietechnik ass och net immens ëmweltfrëndlech mee hei op lokalem Raum hunn se awer de Virdeel, dass mer manner Kaméidi an Ofgasen hunn. Ech gesinn net d'Oofhängegkeet vis a vis vun enger privater Boîte. Mir ginn de Stroum och gratis, ech fannen awer, dass wann d'Borne bis do steet, dass een sech awer sollt iwwerleeën wat dee Stroum soll kaschten.

#### **John Lorent, Buergermeeschter (LSAP):**

Et ass äert Recht dat net matzestëmmen. Da kommen mer zum Vote

#### **LSAP, déi gréng an CSV dofir. DP dergéint**

#### **4.5 Devis « Acquisition de détecteurs de fuite »**

#### **John Lorent, Buergermeeschter (LSAP):**

Ech hu mat eisem Chef vum Waasser Récksprooch gehalen, deen ass awer an engem Cours an konnt mer dofir net genee soen wéivill Waasser mer verléieren mee an der Moyenne hunn mer 10 Fuiten pro Joer. Am meeschten betraff sinn d'rue de la Chapelle an d'rue Notre Dame. Fir de Rescht soen eis Leit aus dem Service technique, dass déi Loggeren ëmmer nees hiert Geld erabréngen well se ganz efficace sinn fir Fuiten ze fannen. Mir wëllen also weider 32 Stéck uschaffen fir 20.094,75 Euro. Déi Ausgab ass am Budget virgesinn an och noutwenneg.

#### **Jean Weiler, Conseiller (CSV):**

Ech wollt froen ob der eis kéint soen wéi dat funktionéiert.

#### **John Lorent, Buergermeeschter (LSAP):**

Déi ginn op d'Hydranten an Deckelen gesat an funktionéieren akustesch. Déi ginn no e puer Deeg agesammelt an Daten ginn op de Computer gespullt an da gëtt gekuckt ob e Geräisch ass tëschent zwou Bornen an da gëtt opgerappt a gefléckt. Dat ass eppes ganz efficaces. De Marc Marbach seet mir brauchen dat an ech gleewen him dat och.

#### **Romain Becker, Conseiller (DP):**

Mir hunn eng gutt Equipe déi sech em déi Saachen do bekëmmert an déi brauchen och anstänneg Geschir fir hir Aarbecht kënnen ze maachen an an deem Sënn ass et och sënnvoll.

#### **John Lorent, Buergermeeschter (LSAP):**

Gutt dann hu mer jo en Accord op sämtlechen Bänken, da loossen ech och dësen Punkt zum Vote kommen.

#### **Eestëmmege vote**

#### **4.6 Devis “Mesures de sécurité”**

#### **John Lorent, Buergermeeschter (LSAP):**

Dat hei huet net direkt eppes mat der Verkéiersétude ze dinn déi e ganze Koup Voleten huet, wéi ënner anem de sécherer Schoulwee, d'Velospisten a Parkraum magagement. D'Vekéiersétude déi muss hei separat chiffréiert an votéiert ginn. Dat hei sinn just punktuell Moosnamen wou reagéiert gëtt op punktuell Problemer.

Déi baséieren deelweis op Suggestiounen. Meng eegen waren rue Thomas Byrne an rue de l'Ecole well do gëtt gerannt wéi déi Wëll. Do muss eng Verkéiersberouegung drakommen. D'rue Neuve ass eng vun de Strecken wou een Vollgas kann ginn an do muss eppes Provisoresches kommen. Well mir mussen ofwaarden, bis dass d'Infrastruktur vum Centre médical do steet fir eppes Definitives dohin ze setzen. An der Industriestrooss kruten mer eng Reklamatioun vun den Awunner well do de Belag frësch gemaach ginn ass an do fiert et sech gutt. Et ass eng Zone 50, mee et huet een dat Gefill et ass éischer Zone 150, sou dass mer och do d'Vitesse wëllen eraushuelen. Moosnamen am Quartier Brill sinn an der Verkéierskommissioun schon esou oft diskutéiert ginn, dass do e Problem ass mat der Busspur, an dass dat muss emmodelléiert ginn, fir dass d'Busser déi op der rietser Säit Richtung Diddeleng stinn eng eegen Stellplaz kréien. Dat ass och duerchgewénkt ginn. Da gëtt et eng Ëmännerung vun den roude Luuch-

ten op der Kräizung vun der Téitenger Strooss an dem Quartier Brill. Dann ass nach en Upgrade vun de Luuchten hei am Zentrum virgesinn. Dann och nach d'Aménagement vun der Entrée an Duerf, deelweis mat baulechen Moosnamen, deelweis mat Zeechnungen. De Präis ass méi héich wéi dat wat mer am Budget hunn. Mir hunn 135.000 Euro an de Budget gesat an dat hei kascht 145.000 Euro. Mir kucken wat elo prioritär ass an wat muss gemaach ginn, sou dass mer awer vläicht am Budget bleiwen. Déi lescht Joer haten mer näischt investéiert, an dofir mussen dëst Joer puer Saachen gemaach ginn.

#### **Romain Becker, Conseiller (DP):**

Déi ominéis Verkéiersétude ... mir schwätzen schon esou laang dovun a wäeren frou wann se dann och eng Kéier do wier! Déi ass nämlech d'Grundlag fir Décisiounen déi mer hei mussen huelen. Op verschidden Plazen drängt et sech op eppes ze ënnerhuelen, an et wier gutt ze wëssen wat an der Verkéierétude geng stoen ier een eppes geng ënnerhuelen. Dir hutt gesot, dass ze séier an der rue de l'Industrie gefuer gëtt, dat ass richtig. Mee et gëtt och Zickzack gefuer fir rondrëm d'Lächer ze kommen. An an dësem Kader misst een och kucken fir dee Belag do frësch ze maachen wann een fir Sécherheet well suergen. Wat de Brill ugeet, do ass eng Busspur aménagéiert ginn an lo stellen mer fest, dass et net geet. Déi Leit déi proposéiert hunn, dass dat do eng super Léisung wier déi schloen elo eng aner super Léisung vir. Besser gëtt et awer net wierklech. Ech wäert mech do haut enthalen well ech net weess op wat ech mech baséieren soll well déi grondsätzlech Donnéeën vun der Verkéiersétude net do sinn a well et net komplett ass.

#### **John Lorent, Buergermeeschter (LSAP):**

Mir hu gesot et wieren punktuell Moosnamen an et huet kee gesot et wier e kompletten Katalog. D'Vekéierskommissioun beschäftegt sech intensiv mat der Étude. An bei der Industriestrooss hunn ech iech gesot, dass mer Schroeder&Associés ugestallt eng Étude ze maachen fir déi nei ze maachen. Dir hutt e Punkt op Tagesordnung setzen gelooss mat aneren Revendikatiounen. Et muss een awer ëmmer wëssen wat een kann finanziell stäipen. A mir packen keng zwou deck Stroossen mateneen. Dir beschwéiert iech, dass Ännerungsvirschléi kommen. Mee “seuls les imbéciles ne changent pas d'avis” et muss engem awer kennen erlaabt sinn eng Besserung ze proposéieren.

#### **Carlo Birchen, Conseiller (LSAP):**

D'Vekéierskommissioun huet hei eng ganz gutt Aarbecht geleescht mat all de Memberen déi do dra sinn. Mir hunn eis a ganz villen Sitzungen mat der Verkéierstudie beschäftegt. Et gëtt ganz vill analyséiert an diskutéiert, iwwert de Parkraum, de séchere Schoulwee,

mobilité douce an esou weider. Mir ginn eis ganz vill Méi fir dat sérieux ze maachen an dofir dauert dat och. Beim sécheren Schoulwee hunn mer elo d'Étude virleien an mir hunn doriwwer diskutéiert an et geet elo zrëck an de Bureau an dir kennt déi Aarbecht net verwärferen. Wann är Memberen iech net iwwert déi Aarbecht informéieren, dann ass dat ären Problem, mee mir huelen dat ganz sérieux.

#### **Viviane Schenten, Conseiller (déi gréng):**

Mir hunn an der grénger Fraktioun och diskutéiert ob et glécklech ass elo punktuell Mesuren ze huelen ier mer Conclusiounen vun der Verkéiersétude virleien hunn. Mee et ass wichteg esou séier wéi méiglech op d'Reklamatiounen vun de Bierger ze reagéieren. De Verkéier muss berouegt ginn well wann eemol e Foussgänger iwwerrannt ass, kënnen mer dono net soen, dass mer nach d'Resultater vun der Étude wollten ofwaarden. De séchere Schoulwee wäert no der Vakanz der Schoulkommissioun présentéiert ginn. Mir droen dat als gréng Fraktioun op jidder Fall mat fir elo esou séier wéi méiglech déi Mesuren hei ëmzesetzen.

#### **Patrick Brücher, Schäffen (déi gréng):**

Nëmmen well et Mesuren ginn déi hei net virgesinn sinn, heescht jo net, dass dës Mesuren schlecht sinn. Et ass eng Noutwennegkeet zemoos an den Agäng vum Duerf d'Geschwindigkeit ze reduzéieren. An dir wësst jo alleguerten wéi et mat der Verkéiersétude steet. Mir sinn a Gespräicher mam MDDI fir eng Zone de rencontre an Zone-30 anzeféieren, mee dat setzt awer e Gesamtpaket viraus deen net vun haut op muer ze realiséieren ass. Entretemps maachen mer dat wat mer kënnen.

#### **John Lorent, Buergermeeschter (LSAP):**

Mir fieren hei schéin der Rei no. De Projet “sécheren Schoulwee” gëtt elo nach dem Léierpersonal presentéiert an dann maachen mer hei eng Aarbeschtssitzung an jiddereen kann seng Meinung soen. Verschidden Saachen brauchen einfach hir Zäit.

#### **Jean Weiler, Conseiller (CSV):**

Mir hunn iwwert déi verschidden Moosnamen gekuckt an do sinn Saachen dran déi mir och selwer revendiquéiert hunn. Mat deenen verschiddenen Moosnamen kann een wahrscheinlech deen een oder aneren Accident vermeiden an dofir kennen mir dat och mat droen. Mir haten just eng Fro wat rue de Rumelange ugeet. Do steet en Portail type Ponts&Chaussés op Säit 12. Wat ass dat? An dann bei de roude Luuchten am Quartier Brill sollt ëmmer eng Détektioun vun de Bussen sinn. Mee et ass bis elo just eng Détektioun ob een do steet. Gëtt dat ëmgeännert? Fir de Recht begréissen mer, dass fir méi Sécherheet an der Gemeng gesuergt gëtt.



**John Lorent, Buergermeeschter (LSAP):**

De Portail ass eng liicht Verengung vun der Strooss. Et ass homologéiert vun Ponts& Chaussées. Am Brill, dat ass en Effet pervers well wann de Bus gréng kritt da kann de ganzen Tross Autoen mat derduerch. Den Délai d'attente ass och ganz kuerz. Mir hunn mat Schroeder&Associés geschwat fir deen Délai an d'Luucht ze setzen. Et muss komplett iwwert déi Anlag gekuckt ginn. Och an der Verkéierskommissioun ass doriwwer geschwat ginn.

**Romain Becker, Conseiller (DP):**

Ech wollt nach op dem Här Birchen seng Aussoen agoen. En hätt sech den héijen Bols kennen spueren. Dat wat déi Verkéierskommissioun schafft ass eng gutt Aarbecht mat vill Engagement an dat huet keen anescht gesinn. Mee grad well se sech vill a gutt Aarbecht mécht sollt op déi Conclusiounen hin geplangt ginn. Et weess een awer hei net op all déi Elementer déi an der Kommissioun ugeschwat gi sinn ob déi hei wierklech agefloss sinn. Wann eng Étude ofgeschloss ginn ass, dann huet een déi normalerweis och eng Kéier hei als Conseiller gesinn. Bis elo kennen mir kee Resultat well de Conseil nach net an d'Bild gesat gouf well een net ëmmer kann alles wëssen wat an de Kommissiounen geschwat gouf. Dono kann een och ganz anescht diskutéieren. Dofir enthalen ech mech trotzdem well de Prinzip hei net agehalen gouf.

**Patrick Brücher, Schäffen (déi gréng):**

Mir gengen eis just nach wënschen, dass d'Stroossenverengungen Velosfrëndlech gengen gestallt ginn, sou dass d'Velofuerer d'Méiglechkeet hunn hannert deenen Verengungen ze fueren ouni iwwert d'Strooss ze fueren. Do kann een mat Schroeder&Associés sécher nach schwätzen.

**John Lorent, Buergermeeschter (LSAP):**

Dat hei ass elo en Devis. Um Niveau vun de Fraktiounen koumen och nach eng Partie Wënsch wéi dat an der Praxis soll ëmgesat ginn. Natierlech soll och nom Vélo gekuckt ginn. Mir hunn d'Passe d'armes gemaach, da loossen ech dat och elo oofstëmmen.

LSAP, déi gréng an CSV dofir. DP enthält sech

**4.7 Devis "Matériel pour service jardinage"****John Lorent, Buergermeeschter (LSAP):**

Da kommen mer zum Material fir de Service jardinage, ech mengen do gëtt et net vill ze soen. Wann keen eng Wuertmeldung huet da geng ech deen och zum Vote stellen.

Eestëmmege vote

**4.8 Devis "Remplacement de 2 camionnettes"****John Lorent, Buergermeeschter (LSAP):**

Dat ass en Devis vun 55.000 Euro. Eppes kann ech iech soen: Dat gëtt net de Fabrikant mam Stär. Et ginn zwou Camionnetten ersat. De Fuerpark vum Regiebetrieb ass a kengem gudden Zoustand. Dat huet dozou gefouert, dass ech mer fir de leschten Budget en Tableau d'amortissement gefrot hunn. Déi zwee Eelsten déi mer hunn, déi am Fong no Tableau d'amortissement schonn 2009 ofgelaf wieren, ginn dann elo ersat. Wann ech den Tableau kucken da gëtt dat mir eng gutt Vue: Bis haut mat hätten schonn véier Gefierer missten ersat ginn. Ech hunn Uweisung un den David Wagner ginn fir all Joer 150.00 Euro an de Pluriannuel ze setzen fir de Fuerpark ze erneieren fir eis ze conforméieren zum Tableau d'amortissement.

**Jean Weiler, Conseiller (CSV):**

Mir hunn eis bei deenen Ausschreibungen do gefrot ob dat aus engem Katalog ofgeschriwwen ass well hei eng genee Längt uginn ass.

**John Lorent, Buergermeeschter (LSAP):**

Wann een sech et einfach mécht als Beamten da schreift een Donnéeën aus dem Katalog of. Mir sinn hei bei dem Devis nach ënnert dem Seuil vum Marché public dofir gesinn ech och elo kee Problem. Si wëssen schonn wat se wëllen an wat se fir déi Suen kréien. Et sinn sécher net déi deierst Camionnetten déi um Maart sinn.

**Camille Thomé, Conseiller (CSV):**

Wat geschitt mat deenen alen Camionnetten?

**John Lorent, Buergermeeschter (LSAP):**

Déi ginn normalerweis an d'Reprise an wann déi se net méi wëllen da kréien Pompjeeën se fir eng Übung ze maachen. Voilà da loossen ech och deen Devis zum Vote zou.

Eestëmmege vote

**5.1 Nominatioun vun engem Expert an der Ëmweltkommissioun****John Lorent, Buergermeeschter (LSAP):**

Mir hunn jo en Umweltberoder agestellt, de Marc Jacoby, deen sech och richteg gutt mécht an mat deem mer gutt zesummeschaffen, an et schéngt mer evident, dass den Umweltberoder och an der Ëmweltkommissioun vertrueden ass. Wa keng Wuertmeldungen sinn da setzen ech dat och zum Vote.

Eestëmmege vote

**5.2 Demande fir der Intégratiounskommissioun bäizetrieden****John Lorent, Buergermeeschter (LSAP):**

Dann hunn mer eng Demande vun engem Bierger vu Käl kritt fir der Integratiounskommissioun bäizetrieden. Ech fannen wann schonn een fräiwëlleg well matschaffen da soll een dat och zouloossen. Do sinn och keng Wuertmeldungen, da bieden ech iech em en Handzeechen fir déi déi den Här Furuc Licina gären an der Intégratiounskommission gesinn.

Eestëmmege vote

**6.1 Règlement iwwert d'Führerschäiner vun de Pompjeeën****John Lorent, Buergermeeschter (LSAP):**

Fir e bëssen Uerdnung dran ze kréien haten mer virun Joeeren e Reglement geholl. Fait ass, dass dat gutt gemengt war mee wat d'Praxis ubetrëfft net ëmzesetzen war, well déi Jonk déi dem Centre d'Intervention bäitrieden hunn selten 3.000 Euro fir d'Käschten fir de Camions-Führerschäin ze avancéieren. Dat Reglement ass also net ëmmer agehalen ginn well mir oft virbezuelt hunn. Elo brauch keen méi ze avancéieren. Soss ännert zu deem alen Reglement am Fong net ganz vill, ausser dass de Vokabulär adaptéiert ginn ass. De Schäfferot décidéiert ween en dierf maachen. An et muss een en och packen soss muss een en natierlech rembourséieren.

**Romain Becker, Conseiller (DP):**

Et steet dran, dass een muss zrëckbezuelen wann een aus dem Centre d'Intervention erausgeet. Hält dat d'Strooss? Ënnerschreiwten sie do eppes? Huet dat rechtlechen Bëstand?

**John Lorent, Buergermeeschter (LSAP):**

Déi meescht Saachen hunn rechtlechen Bëstand, bis dass iergenden Uerteel kennt wat de Contraire seet. Do sinn schonn Gesetzer an Reglementer ëmgeheit ginn. Mee dat hei ass kee Spaass, et ass e Gemengereglement. Ech ginn jo dovun aus.

**Romain Daubenfeld, Conseiller (LSAP):**

Et ginn Jurisprudenzen doriwwer an effektiv huet dat Bëstand. Wann een de Führerschäin vun engem bezuelt kritt, huet een och eng Obligatioun esou laang do ze bleiwen.

**John Lorent, Buergermeeschter (LSAP):**

Voilà, kann ech dat dann och zum Vote stellen

Eestëmmege vote

**7.1 Modification ponctuelle vun der Partie Graphique vum PAG****John Lorent, Buergermeeschter (LSAP):**

Wann d'Oppositioun sech hei Froen stellt iwwert dës Modifikatioun ponctuelle vum PAG dann hunn ech absolut Versteesdemech derfir well mir haten jo eng Modifikatioun vun der Partie écrite virgeholl.

Ech well hei awer puer Saachen soen: Mir waren beim Minister wéinst dem Projet mat den Dokteren. Do sot deen mir missten sécherheetshalber Récksprouch huelen mam Distriktskommissär. De Charles Lampers huet eis puer Saachen mat op de Wee ginn: Am Prinzip si mir als Gemeng jo net aktiv ginn fir e Centre médical ze kréien mee mir sinn vun den Dokteren ugeschwat ginn fir dat ze maachen. Dat ass och e Service deen mir de Bierger wëllen ubidden. Wichteg ass just, dass wann mer eng Emphythéose ginn, dass och séchergestallt ass, dass jiddereen, an net nëmmen déi dräi Dokteren déi sech do gemellt hunn, kann do mat bäitrieden. Soss wier et jo Distorsion de Concurrence. Mir müssen dat also an enger Conventioun regelen, dass jiddereen gefrot ginn ass an wann en Cours de Route een fret fir derbäi ze kommen, dass deen och d'Recht kritt fir bäizetrieden. Soss kommen mir an eng Situatioun wou mir een virzéien.

D'Cellule d'aménagement vum Ministère de l'Intérieur huet gesot mir sollen eis d'Liewen net esou schwéier maachen an aus der Partie graphique deen Deel wou mer wëllen deen Centre médical bauen eraus huelen an do eng Moyenne densité draus maachen. Hei hänkt natierlech eng normal Prozedur drun wou d'Leit kënnen reklaméieren. Mee wann déi Prozedur hei duerchgelaf ass dann kann de Buergermeeschter eng Baugenehmigung ginn. Mir hunn jo mat den Dokteren en Ofkommen, dass mer déi Prozedur hei fäerdeg hunn bis den 31. Dezember 2015.

**Romain Becker, Conseiller (DP):**

Mir hunn déi eschten Kéier jo schonn alleguerten gesot, dass mer derfir wieren, dass esou e Centre médical hei entsteet. Mir hunn awer och net aus den Aen verluer, dass dofir e puer Konditiounen müssen erfëllt sinn. Do ass jo eng gutt Aarbecht gelescht ginn fir verschidden Problemer virzegräifen. Mir hunn ob jidder Fall kee Problem domat well jo keen kann ausgeschloss ginn an dofir wäerten mir dat och matstëmmen.

**Jean Weiler, Conseiller (CSV):**

Ech hunn no ären Erklärungen hei d'Datenblatt mat den Orientations fondamentales gekuckt, an do steet dass "keine Wohnungen geplant" sinn, dir hutt awer elo vun der Moyenne densité geschwat, also kéint alles

drop gebaut ginn, z.B. Appartementshaiser. Wat huet dat also fir e Sënn?

**John Lorent, Buergermeeschter (LSAP):**

Mir bauen keng Wunnengen dohin. Mir maachen den Centre médical dohin. Mir laachen an streiden heiernsto ënnerteneen mee mir huelen eis awer och eescht an hei si mer eis eens. Wann vun der Säit vun den Dokteren näischt gëtt da fänken mer bei null un. Niewendrun sinn mer nach eng Obligatioun agaangen fir mat de Consorten Siedler eppes ze maachen. Wann de Centre médical näischt gëtt da mengt net, dass do eppes anescht geng geschéien. Wann mer eis eens sinn da stellen ech dat do och zum Vote

**Eestëmmege vote**

**John Lorent, Buergermeeschter (LSAP):**

Villmools Merci fir dee Vote. Den Här Brunfeld an seng Kollegen wäerten sech doriwwer freeën. Sie sinn och gebrieft, dass hei eng Prozedur leeft. Da kommen mer zu den Punkten vun eisen Conseilleren an fänken um mam Nico Migliosi

**8. Punkten vun de Conseilleren**

**Nico Migliosi, Conseiller (LSAP):**

Merci Här Buergermeeschter, mäi Schreiwes soll just eng Ureegung fir de Schäfferot sinn. Et ass eng Persoun u mech erugetrueden an ech wollt dat weider ginn. Eisen Accès fir an d'Gemeng ass ganz schwéier fir Leit déi handikapéiert sinn oder iergend e Gebriechen hunn. Mir hunn eng grouss Trap fir erop an ënnen ass d'Dier soss automatesch opgaangen, dat ass awer elo net méi esou. An se ass och ze schwéier fir d'Leit déi mat engem Rollstull oder mat engem Rollator kommen. Do missten Verbesserungen gemaach ginn, dass se wéinstens nee vum selwen opgeet. Mir ass selwer zu deem Sujet agefall, dass mer eng Stee fir de Chantier am Biergercenter hei operiicht hunn. Doduerch hunn d'Handikapéiertenparkplaazen missten gestrach ginn an mir hunn net drun geduecht enzwousch anescht provisoersch Handikapéiertenparkplaazen anzeriichten.

A mengem zweete Punkt wollt ech drop opmierksam maachen, dass mer hei am Haus de Risque vun engem Accident hunn. Déi Persoun selwer ass och um Hënner geland. D'Gelänner aus dem Keller erop, wann een do mat der rietser Hand dem Laf noheet da rennt een mam Kapp riicht an de Plafong. Do wier et ubruecht eng Rektificatioun vum Gelänner ze maachen, fir dass keen sech do méi kann blesséieren.

**John Lorent, Buergermeeschter (LSAP):**

Merci Här Migliosi. D'Äntwert vum Schäfferot ass 3x jo.

Et ass gutt, dass heiernsto e Conseiller dem Schäfferot op d'Spreng hëlleft. Et ass jo verréckt, dass mer eng Entrée pour personnes à mobilité réduite hunn mat engem Lift an alles an et kennt een net eran. Mir kucken dono. Wat d'Parkplaz betrëfft do hu mer net dru geduecht fir provisoersch eng aner Parkplaz fir Handicapéierter anzeriichten. Mir maachen dat awer hei am Haff. Dat vum Gelänner ass mir nach net opgefall mee wann do e Bierger reklaméiert huet dann gi mer deem natierlech no. Mir këmmere eis drëm. Dann ass et um Här Becker.

**Romain Becker, Conseiller (DP):**

Jo Merci. Ech hat zwee Punkten op den Ordre du jour setzen gelooss. Ech wollt mam Affichage vun de Baugenehmungen ufänken. Ech sinn drop higewisen ginn, dass op enger Plaz an der Gemeng e Chantier war. D'Bierger déi sech wollten informéieren wat do geng gebaut ginn konnten dat net maachen. Et war zwar e roude Punkt affichéiert mee méi wäit hannen um Privat-Terrain an der Fënster. Et kann een jo net op Privat-Terrain goen. Dat misst praktesch geännert ginn. Ech hunn mer am Bautereglement ugekuckt wat iwwert den Affichage drasteet an do steet dat Dokument misst "à un endroit bien visible" opgehaangen ginn. Visible ass eng Saach, lisible ass awer eng aaner Saach. D'Idee vun deem Dokument ass jo, dass de Bierger sech kann informéieren. Dofir proposéieren ech dass den Text soll ugepasst ginn an och "lisible" drakënnt. Déi Problematik ass och schonn op aneren Plazen erkannt ginn. Ech hunn hei Fotoen matbruecht vun Panneauen, déi ginn et schonn an der Staat Lëtzebuerg an och am ganzen noen Ausland. Dat sinn grouss Panneauen wou dropsteet ween wat baut, an déi mussen vir op de Bord vun der Strooss gesat ginn, fir dass een erkennt em wat et geet. Dat hei ass eng Lëtzebuerger Firma déi hei vir am Ausland schafft, och déi hunn also schonn d'Gewunnecht. Dat ass guer näischt Komplizéiertes. Dat wier meng Propose an déi Richtung ze goen.

**John Lorent, Buergermeeschter (LSAP):**

Dass mer d'Saach lo mol richtig analyséieren: Am Kader vum Gesetz vun 1997 hunn d'Gemengen déi Dispositioun an d'Bautereglement geschriwwen. Dono ass awer e Gesetz komm vun 2004 wou drasteet am Artikel 37 Alinéa 5 wéi den Affichage auszegesinn huet. Do steet awer net dran wéi grouss den soll sinn. Vun der Hierarchie des Normes hir kennen mir iwwert d'Gemengereglement keen zwéngen eppes méi ze maachen wéi dat wat am Gesetz steet. Et kann héchstens eng Rekommandatioun sinn. Är Idee ass net schlecht, Här Becker, mee wann mer eng Ännerung maachen dann zesammen mat eisem neien PAG. Mir huelen déi Ureegung mat an d'Bautekommissioun. Eis zwee Memberen aus der Bautekommissioun déi wëssen dat elo. Mee nach

eemol mir kennen keen zwéngen. Et kommen e ganze Koup Recours judiciaires op den Tribunal administratif well d'Haus 20 Meter vun der Strooss ewech ass, da muss een schonn d'Spektiv huelen fir de roude Punkt ze gesinn. Den Text gesäit vir "aux abords du chantier". Den Délai de recours leeft jo ab deem Moment wou affichéiert ass, also ass et e ganz wichtege Moment.

**Romain Daubefeld, Conseiller (LSAP):**

Just eng praktesch Fro: Wann een sou e grouse Panneau opstellt an da mécht sech een e Spaass doraus a moolt e Graffiti drop muss den all Kéiers de Panneau frësch maachen während där Zäit wou soll ausgehaangen ginn? Et kann et jo dann net plastifizéieren.

**Romain Becker, Conseiller (DP):**

Mir erfannen d'Rad jo do net nei. De Panneau do kritt een op der Gemeng. Ech hu mech elo net informéiert wéivill Panneauen muttwëlleg futti gemaach gi sinn. Ech weess just, dass et e System ass den sech bewäert huet. Mee do ass et och eng Obligatioun.

**Viviane Petry, Conseiller (déi gréng):**

Just fir mäi Verständnes: et ass jo just geduecht am Fall wou eppes neits gebaut gëtt? Oder och wann eng Velux an den Daach gebaut gëtt. Muss ech dat wëssen wann mäin Noper dat mécht?

**Romain Becker, Conseiller (DP):**

Jo ëmmer am Fall wou eng Baugenehmung ausgehändegt gëtt. Hien kritt jo vläicht eng aner Vue op ären Terrain.

**Viviane Petry, Conseiller (déi gréng):**

Dir hutt dat jo kontrolléiert als Bautekommissioun an dann vertrauen ech jo och dorop. Da muss ech dat als Privatpersoun jo net wëssen wat do an engem Haus ëmgeännert gëtt.

**Romain Daubefeld, Conseiller (LSAP):**

Den Här Becker mengt wann en falschen roude Punkt do hänt.

**John Lorent, Buergermeeschter (LSAP):**

Dat ass e faux en écriture, do kennt een an de Prisong!

**Romain Daubefeld, Conseiller (LSAP):**

Bei eis net onbedingt well mir hunn keen den et kontrolléieren geet!

**John Lorent, Buergermeeschter (LSAP):**

An awer! D'Reegelen sinn kloer wéini eng Baugenehmung gefuerdert ass. Wann mer elo ufänken ze nuancéieren ob et e klengen oder e groussen Ëmbau ass da schafe mer rëm aner Regelen. Ech bleiwen bei deem wat ech dem Här Becker gesot hunn, mir huelen

dat mat an d'Bautekommissioun a féieren déi Discussioun wann mer iwwert d' Bautereglement diskutéieren.

**Romain Becker, Conseiller (DP):**

Ok. Ech hunn nach e Punkt. Et geet em den Hesselsbiere. Do froen ech zënter e puer Joer, dass do fir méi Parking gesuert gëtt, fir et mol léif auszedrücken. Wat ass elo geschitt? Ënnen an der Strooss hu mer der Chantier vun der Residenz iwwert déi mer hei och vill diskutéiert hunn well jo do de Parking derbäi ass den jo lo verschwonnen ass. D'Leit déi e Parking gebrauch hunn sinn dann elo hannert der Gassel wou et de Stouss erop geet parken gaangen. Do gëtt wëll an geféierlech geparkt. Da kommen déi Problemer wann d'Pomjeeën müssen erop fueren. An am Wanter wann déi Leit déi do erop wunnen wëssen, dass et glat gëtt oder Schnéi gëtt den aneren Dag dann loossen déi den Auto och gär ënnen stoen. Dat ass awer net méiglech well ënnen keng Plaz méi ass.

Nach eng praktesch Saach, déi Strooss ass eng Zone 30. Och well dee Betrib do war ass dat agefouert ginn. D'Situatioun huet sech awer geännert, et ass kee Betrib méi do an lo kéint een driwwer diskutéieren ob et sënnevoll ass do e Schëld mat Zone 30 opzestellen. Een den probéiert mat 50 do erop ze fueren den gehéiert bei de Kapp gehaen. Et ass awer e bëssen komesch, dass mer ënnen keng Zone 30 hunn an uewen fir op de Bierg hu mer dann op eemol Zone 30. Fir e bëssen Kohärenz a déi Saach eran ze kréien, kéint een drun denken déi Zone vun ënnen un Zone 30 ze deklaréieren.

Dann nach eng Saach mat de Parkingen. Mir hunn en alen Waasserbaséng wou nawell wëll geparkt gëtt. Do kéint een drun denken, dat méi strukturéiert ze maachen an e bëssen ze aménagéieren da kritt een do och e puer Autoen méi drop. Et ass eng schéin Plaz an déi déi zu Fouss do erop ginn an vläicht e bëssen ausser Otem sinn kéinten sech dann do op eng Bänk setzen. D'Strooss selwer gëtt ëmmer méi staark bebaut an do klëmmt natierlech den Drock Parkraum ze schafen immens. Et wier eng Méiglechkeet do propper Parkraum ze schafen, mee och hannenaus op der grénger Wiss besteet eng Méiglechkeet. Do hu mer schonn driwwer geschwat.

D'Beleuchtung ass awer och e wichtege Punkt an där Strooss. Ech hunn mech virsiichteg ausgedrückt wéi ech sot se wier aus dem leschten Jorhonnert. Wuel éischter Ufank lescht Jorhonnert. Virun e puer Wochen ass dono gekuckt ginn nodeems mam Buergermeeschter doriwwer geschwat ginn ass an d'Bieren sinn gewiesselt ginn no gefillten 60 Joer. Et ass awer nach ëmmer relativ däischter. Lo wou tëschent dem Hesselsbiere an der Laangertegaass lo déi fonkelnei Beleuchtung komm ass gesäit een effektiv wéi schlecht et do beliicht ass

op der anerer Plaz. Déi Luucht déi ech virun e puer Joer fotograféiert hunn steet nach ëmmer do an gëtt esou eppes wéi Luucht vun sech mee u sech ass et éischter e Poteau deen do steet. An dat gesinn d'Leit och an et sinn jo awer keng Bierger vun 2. Klass déi do wunnen. Dir gitt 50.000 Euro aus fir City-Beautification. Hei hätt een kennen eppes maachen.

#### Romain Daubenfeld, Conseiller (LSAP):

Ech sinn net esou Doheem um Hesselsbiérg wéi den Här Becker mee hunn mer net virun enger Stonn iwwert den Devis vun de Mesures de sécurité geschwat wou den Här Becker sech enthalen huet an elo kennt en mat Saachen déi d'Sécuritéit betreffen, domat hunn ech awer e Problem.

#### John Lorent, Buergermeeschter (LSAP):

Ech hunn eng preliminär Fro: Ech mengen awer, dass der mat mir der Meenung sidd, dass mer net erëm Terrain sollen operen fir nach Parkplazen bäizesetzen. Dir wësst jo, dass de René Bremer do Parkplazen hat fir seng Camionen ze setzen. Et ass och méiglech do nach eng Parkplaz bäizemaachen, mee dir wëllt dach net, dass do déi lescht gréng Fläch verschwënnt fir nach méi Parkplazen ze maachen, fir dass d'Leit sech nach méi Autoen kënnen kafen? Ech kennen den Hesselsbiérg, wat Parken ugeet do hutt der Recht, dass een Parkplazen muss anzeechenen fir Uerdnung do eranzechéien an der e puer méi ze gewinnen. Dat gi mer un de Service technique virun. Mir hunn en Antrag vun der Famille Meysembourg déi gesot hunn fir dat Schëld Zone 30 erof ze huelen. Ech froen mech ob dat ganz vill un der Situatioun ännert. Ob enger gewëssener Plaz wou en japaneschen Auto steet, ass et esou enk do muss een souwisou lues maachen. Den Hesselsbiérg muss iergendwann eng Kéier frësch gemaach ginn dat wëssen mer. Et kann en Provisoreschen neien Mast opgestallt ginn mee dat ännert näischt drun, dass eemol ganz frësch maachen. Den Här Humbert an ech waren op enger 90-jähriger Feier an dunn hu mer dat gesinn an dunn sinn d'Biren gewiesselt ginn.

Fir uewenaus Parkplazen ze maachen, do mussen mer fir d'éischt eemol d'Propriétéitsverhältnissen kucken an zweetens ass et awer méi rationell fir se ënnen ze hunn, zemools am Wanter. Zone 30, dat ass fir mech evident, eis Leit aus der Verkéierskommissioun huelen dat mat an da kucken mer ob mer do eppes kennen maachen. Méi kann a well ech iech net äntweren well mir paken net alles beieenen.

#### Romain Becker, Conseiller (DP):

Wat ech elo hei soen a froen gesinn ech natierlech am Kontext vun der Verkéiersétude. De President vun der Verkéierskommissioun huet mäin vollst Vertrauen, dass dat dann ëmgesat gëtt.

#### Marcel Humbert, Schäffen (LSAP):

